

ESCHER GEMENGEROTSBERICHT



BULLETTIN EDITÉ PAR LA VILLE D'ESCH-SUR-ALZETTE

RAPPORT ANALYTIQUE

N ° 8 / 2 0 0 6

Ouverture dominicale
du 3 décembre 2006

- Séance du Conseil communal du
vendredi 24 novembre 2006

Texte en luxembourgeois / résumé en français



Rapport analytique édité par la Ville d'Esch-sur-Alzette

Tél: 54 73 83-1

Fax: 54 29 27

Internet: www.esch.lu

Photo de couverture: Isabella Finzi

Transcription, traduction et layout: Polygraphic Communication

Impression: Editpress Luxembourg S.A.

Conseillers présents:

Mme Jeanne Becker – M. Felix Braz - M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen –
Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. André Hoffmann – M. Jean Huss –
M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes Maroldt - Mme Lydia Mutsch –
M. Roger Roller – M. John Snel - Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar - M. Paul Weidig –
M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Ordre du jour

1.	Correspondance	5
2.	Loi du 11 août 2006 relative à la lutte antitabac: transposition; décision	5
3.	Libéralisation du marché européen de l'énergie électrique; décision	4
4.	PAP 5, rue Large: 1 ^{er} vote; décision	16
5.	Accueil Papillon III: avant-projet sommaire et devis sommaire; décision	18
6.	Office social;	
	a. budget rectifié de l'exercice 2006; décision	19
	b. budget de l'exercice 2007; décision	19
	c. renouvellement d'un cinquième; décision	19
7.	Convention avec l'asbl Centre d'études sur la situation des jeunes en Europe; décision	20
8.	Avenant à la convention de services d'hébergement et d'accueil de jour pour personnes adultes; décision	29
9.	Règlement communal concernant le service de taxi; décision	30
10.	Relevé et rôle des taxes à percevoir pour stands de taxis, exercice 2006; décision	30
11.	Décomptes des départements des services industriels et des travaux municipaux et du service informatique; décision	30
12.	Transactions immobilières; décision	31
13.	Plan de coupe et de culture 2007; décision	32
14.	Conservatoire de musique: organisation scolaire définitive 2006/2007; décision	33
15.	Enseignement:	
	a. contrats de louage de service; décision	33
	b. nominations; décision	33
	c. convention relative au Centre scolaire Jean Jaurès: décision	34
	d. convention relative à l'École «Esch-Ale Lycée»: prolongation; décision	34
	e. règlement relatif à la répartition des postes du personnel enseignant: décision	35
16.	Subside ordinaire; décision	37
17.	Subsides extraordinaires; décision	37
18.	Dénomination d'une nouvelle rue: décision	38
19.	Commissions consultatives: modification; décision	38
20.	Contrats de bail: décision	39
21.	Règlements de la circulation routière; confirmation et décision	39
22.	Questions de personnel (création et suppression de poste, réduction et prolongation de stage,...); décision	40
23.	Questions de personnel (présentations de candidats, nominations aux emplois, promotions, démissions, peines disciplinaires)	40
24.	Indigénat; décision	41

Les deux derniers points ont été traités en séance secrète.



Lydia Mutsch (LSAP) demande aux conseillers de considérer le point 3 de l'ordre de jour en huis clos. Il s'agit de la nomination de la gérance d'une société qui implique un collaborateur communal. Le Collège échevinal envisage de traiter en début de séance dorénavant toutes les questions personnelles exigeant le huis clos. Les discussions en huis clos seront délimitées dans le temps, de façon à ne pas faire attendre la presse inutilement. Cette décision est prise par un souci de transparence et d'information du public sur les questions de personnel. L. Mutsch propose par conséquent de discuter en huis clos le point 3, ensemble avec les points 23 et 24.

Frunnes Maroldt (CSV) a appris qu'une entrevue est fixée pour le 6 décembre avec le ministre de l'Économie concernant la forme future que devra prendre ladite société. Dans d'autres communes, il a été décidé d'aborder la question après cette entrevue. Il serait raisonnable de retirer ce point de l'ordre du jour et de prendre une décision plus tard en tenant compte des directives du ministre.

Lydia Mutsch (LSAP) répond que la réunion du 6 décembre ne cadre pas directement avec la proposition qui est soumise aujourd'hui au Conseil communal. Elle demande si les conseillers ont d'autres remarques à faire au sujet de l'ordre du jour.

Aly Jaerling (Indépendant) soutient la requête de F. Maroldt. Il est important d'attendre afin d'avoir toutes les informations en main avant de trancher dans un thème d'une aussi grande importance.

Lydia Mutsch (LSAP) précise qu'aucune décision ne sera prise dans cette séance au sujet de la libéralisation. Les grandes décisions ont déjà été prises.

Félix Braz (Déi Gréng) explique que le Collège échevinal a exposé il y a 14 jours devant la Commission compétente le but de l'entrevue

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Schéine gudde Moien, Dir Dammen an Dir Hären. Ech brauch Ären Accord an enger Fro vum Ordre du jour. Mir mussen de Punkt 3, d'Decisioun iwwert eis Proposition fir d'Gérance vun där neier Sociéitéit, an de Huis clos huelen, well e Mataarbechter vun der Gemeng direkt concernéiert ass. Mir waren eis net ganz sécher. Duerfir steet et och hei normal ënnert Punkt 3.

Mä mir hunn awer Récksprooch mam Distriktskommissariat geholl, deen eis gesot huet, dass och eng Pré-Nomination, esou wéi et hei ass, ënnert de Huis clos fält.

Mir wollten awer och de Gemengerot informéieren, dass dëse Schännerot, am Sënn vun enger besserer Transparenz, op de Wee goe wäert, fir an Zukunft all Personalfroen, déi am Huis clos ze traitéiere sinn, Uganks der Sëtzung ze huelen. Dat och, well mer an enger vun de vieregte Sëtzungen eng Rei vun Diskussiounen iwwert dee ganze Sujet haten, dat am Zesammenhang mam Gesetz iwwert de Huis clos. Mir wäerten och eng bestëmmten Zäit fixéieren, fir dat ze tranchéieren a fir d'Press net onnéideg waarden ze loosën.

An dann hiewe mer de Huis clos op a fänken d'Sëtzung mat der Information directe un d'Press an domat och un d'Éffentlechkeet un. Mir hunn dat décidéiert, fir déi Bedenken aus dem Wee ze raumen, déi vill vun eis heibannen haten, dass an Zukunft d'Éffentlechkeet net méi ausräichend iwwert d'Personaldiskussiounen informéiert géing ginn. Mer géifen lech also haut proposéieren de Punkt 3 och an de Huis clos ze huelen, mat de Punkten 23 an 24. Ech hu schonn eng Wuertmeldung. Här Maroldt, w.e.gl.

Frunnes Maroldt (CSV): Ech wollt zum Ordre du jour an och besonnesch zum Punkt 3, deen Dir elo ugesprach hutt, Folgendes soen: Et ass eis zu Ouere komm, dass de 6. Dezember am Wirtschaftsministère eng Entrevue mam Wirtschaftsminister ass. De Wirtschaftsminister mécht dann eng Propos, ënner wat fir enger Form hien déi zukünfteg Gesellschafte gär géif gesinn.

Ech hu mat anere Buergermeeschtere geschwat. Si waarde bis nom 6. Dezember, fir eng Decisioun ze huelen. A wann de

Rescht vum Land waarde kann, wär et awer och nëmme raisonnabel, fir dee Punkt vum Ordre du jour ze huelen. An déi Informatiounen, déi de Wirtschaftsminister lech gëtt, vermëttelt Dir déi weider un eis, d'Conseilleren?

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Ech ginn dem Ressortschäffen dann direkt d'Wuert. Mä déi Réunioun vum 6. Dezember läit net direkt am Kontext vun där Proposition, déi mir haut als Gemengerot maachen. Ech wollt awer just froen, ob nach aner Remarquen zum Ordre du jour ze maache sinn. Da kënne mer déi vläicht mateneen huelen. Här Jaerling, w.e.gl.

Aly Jaerling (Indépendant): Ech ënnerstëtzen déi Requête vum Här Maroldt, well ech et wichteg fannen, dass een, wann een esou e wichtegt Thema traitéiert, awer fir d'éischt sämtlech Informatiounen an all Virschléi anhëlt an ofwaart, fir dat Beschtméiglechst fir Esch doraus ze maachen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Eier mer vläicht elo zu 18 de Mikro huelen, fir dem Här Maroldt seng Proposition ze ënnerstëtzen, wollt ech lech soen, dass mir haut keng wichteg Decisiounen iwwert d'Fro vun der Liberaliséierung ze huelen hunn, well mer déi hei scho geholl hunn. Här Braz, w.e.gl.

Schäffe Félix Braz (DEI GRENG): Dat, wat dem Här Maroldt gëschter zu Ouere komm ass, ass scho viru 14 Deeg vum Schännerot an der zoustänneger Kommissioun laang a breet duergeluegt ginn. Et ass keng nei Informatioun, fir dat mol direkt ze soen. Dat ass eng Saach, déi scho laang an der Diskussioun ass, wou schonn eng Kéier en Datum vun der Regierung festgeluegt gi war, deen awer nees geréckelt ginn ass. Dat iwweregens op Grond vun enger Kollisioun vun Datum mat der Ouverture vun eisem Pavillon Arcelor, wou den Här Krecké och perséinlech dobäi wëll sinn.

Wourëms geet et bei där Réunioun? Just ëm eng Saach! Et geet dorëms, dass d'Regierung de Virschlag maache wëll, dass zu Lëtzebuerg fir de Beräich vun den Netzaktivitéiten eng national Netzgesellschaft gegrënnt soll ginn. Am Kloertext heescht dat, dass all déi, déi en Netz hei am Land hunn, eng national Sociéitéit fir hiert Netz grënne sollen. Dat sinn d'Cege-

del, d'Sotel, d'Stad Esch, d'Stad Lëtzebuerg, Stengefort, Dikrech, Ettelbréck a Wuermer.

Et gëtt zwou Hypothesen. Et gëtt d'Hypothesen, dass déi doten Idee hire Wee net mécht. An et gëtt d'Hypothesen, dass déi Idee do hire Wee mécht. Souguer wann et schrecklech séier géing goen, wësse mer a béiden Hypothesen, dass et mindestens annerhalleft bis zwee Joer dauere géing, bis et wierklech esouwäit wier, dass all d'Acteure sech drop verstännegt hätten. Dat, well et net nëmmen eng Rei Avantagë gëtt, déi ech elo net developpéiere wëll, mä och eng Rei Nodeeler, notamment fir déi, déi een Netz haut schonn hunn.

Mir stinn där Diskussioun als Schäfferot oppe géigeniwwer. Mä mer wëssen, dass mer annerhalleft bis zwee Joer domadder amgaange sinn, egal ob d'Diskussioun mat der Grënnung vun enger nationaler Gesellschaft clôturiert gëtt oder net.

An där leschter Industriekommissioun, wou de Schäfferot dat doten op den Dësch geluegt huet, ware sämtlech Vertrieeder vu sämtleche Parteien der Meenung, datt et e schreckleche Feeler wier, ofzewaarden, wat do derbäi erauskomme géing. All Vertrieeder vun alle Parteien waren eiser Meenung, well dat, wat d'Regierung mat eis diskutéiere wëll, e Punkt betrëfft, dee mir scho laang vun der Regierung approuvéiert kritt hunn.

Et ass guer net dat, wat haut um Ordre du jour steet. Dat do hu mer scho laang approuvéiert. An all Mënsch war der Meenung, mir sollen eist maachen. Dat, well de Marché den 1. Juli 2007 fir sämtlech Clienten opgeet. An den 1. Juli 2007 – dat ass an 8 Méint – ass mat Sécherheet déi Geschicht iwwer eng méiglech national Netzgesellschaft net ausdiskutiert.

A mir sollen onbedéngt net waarden. Dat wär dee gréisste Feeler, dee mer maache kéinten. Mir sollen dat, wat mer als Gemengerot decidéiert hunn an approuvéiert kritt hu vum Ministère, ëmsetzen. Mir sollen eis opstellen, fir dee Match do unzagoen a fir den 1. Juli 2007 prett ze sinn. A wann et parallel dozou, no deem Datum, zu enger nationaler Netzgesellschaft komme soll, kënne mer nach ëmmer decidéieren, ob mer bäitrieden oder net.

Well et ass net gesot ginn – an d'Regierung ass och net an der Hoffnung –, dass all Mënsch matmaache muss. Si si bereet ze soen, mir wëllen haaptsächlech déi méi kleng ophuelen, déi net méi wëssen, wat se maache sollen. Wann et esouwäit komme sollt, dass dat eppes gëtt, da kënne mer nach ëmmer decidéieren, ob mer bäitrieden oder net. Dat ass de Sachverhalt. Dat ass also keng nei Informatioun.

A jiddwerfalls solle mer de Feeler net maachen, fir dat elo ze decidéieren. Selbstverständlech wäerte mer als Schäfferot och no der Réunioun vum 6. de Gemengerot an d'Kommissioun iwwert déi Virschléi, déi gemaach gi sinn, am Detail informéieren. Mä dat soll eis op kee Fall bei deem, wat mer decidéiert hunn, bremsen. Dat wär e ganz grave Feeler, wa mer dat maache géingen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Villmools Merci fir déi Präzisiounen. Ech kommen dann op den Ordre du jour zeréck. Mer huelen also d'Ofstëmmung fir de Punkt 3 an de Huis clos ze huelen a mat de Punkten 23 a 24 zesummen ze traitéieren. Au vote! Mir maachen dat propper, well et eng Modifikatioun vum Ordre du jour ass.

Conseillers présents:

Mme Becker – MM. Braz – Codello – Mme Hannen – Mme Hildgen – MM. Hinterscheid – Hoffmann – Huss – Jaering – Knaff – Maroldt – Mme Mutsch – MM. Roller – Snel – Mme Spautz – MM. Weidig – Wohlfarth – Zwally

Le Conseil communal décide à l'unanimité la modification de l'ordre du jour.

1. Correspondance

2. Loi du 11 août 2006 relative à la lutte antitabac: transposition; décision.

Mir kéimen dann direkt zum Punkt 2, well mir keng Kommunikatioun ënner Correspondance ze maachen hunn. Hei geet et ëm d'Transpositioun vum Tubaksgesetz, wat jo dëst Joer am August ganz vill hei am Land diskutéiert ginn ass.

Dat neit Gesetz ass jo vun der Chamber mat grousser Majoritéit votéiert ginn. Dat

avec le ministre. Cette réunion avait déjà été fixée par le gouvernement à une date antérieure, mais pour cause de collision avec l'inauguration du pavillon Arcelor, elle a dû être reportée au 6 décembre. Cette réunion portera exclusivement sur la proposition du gouvernement de créer une société nationale d'électricité. Quelle que soit la décision du gouvernement, il faudra compter entre 18 mois et 2 ans d'attente avant que les différents acteurs se soient mis d'accord. Le Collège échevinal est ouvert à toute discussion. Mais il est certain que la création d'une société nationale d'électricité durera près de 2 ans. Lorsque le Collège a présenté ce dossier devant la Commission de l'industrie, les représentants de tous les partis se sont accordés à dire qu'il ne fallait pas attendre pour prendre une décision. Le thème de l'entrevue avec le ministre concerne une question qui a été tirée au clair depuis longtemps et qui n'a rien à voir avec le point de l'ordre du jour.

Au 1^{er} juillet 2007, le marché s'ouvrira pour tous les clients. Il est important que le Conseil mette en pratique la disposition qui a été approuvée depuis longtemps par le ministère. Si en parallèle la décision est prise de fonder une société nationale de l'électricité, il sera toujours temps de décider de la rejoindre ou non. Le gouvernement ne s'attend pas non plus à ce que tous les acteurs adhèrent à la nouvelle société. De toute façon, le Collège échevinal communiquera aux membres de la Commission le détail des propositions émises le 6 décembre par le gouvernement.

Lydia Mutsch (LSAP) propose d'approuver la considération du point 3 en huis clos ensemble avec les points 23 et 24.

(Vote)

1. Correspondance.

2. Loi du 11 août 2006 relative à la lutte antitabac: transposition; décision

On en vient donc directement au point 2, puisqu'il n'y a aucune don-

2. Loi relative à la lutte antitabac

née à fournir sous le point de la correspondance. Le point 2 concerne la mise en œuvre directe de la loi votée par la Chambre avec une grande majorité.

La loi votée en août modifiait une disposition législative datant de 1989 qui donnait aux Communes la possibilité d'introduire une interdiction de fumer. Certaines municipalités comme la Commune de Steinsel ont fait usage de cette loi de 1989 pour interdire totalement la cigarette dans leurs locaux depuis plusieurs années. La nouvelle loi est entrée en vigueur cet été et a tout de suite trouvé son application, p.ex. dans le cadre de la 'Fouer'. Les 11 autres Communes membres du syndicat Pro-Sud ont eu la même approche de la question que le Collège échevinal d'Esch. La Commune de Mondercange se trouve dans la situation heureuse de ne compter aucun fumeur dans l'administration communale. Il est clair que la nouvelle loi a été créée dans un esprit de santé publique et non pas pour établir des divisions entre fumeurs et non-fumeurs. Elle met en œuvre une logique de protection des non-fumeurs. Ce n'est pas un hasard si cette loi du 11 août a été accompagnée simultanément d'une modification du statut général des fonctionnaires de l'État. L'accent a été mis sur l'obligation de l'employeur de mettre en place des mesures supplémentaires afin de protéger ses collaborateurs. L'article 6.10. de la loi par exemple établit l'interdiction de fumer dans les halls et salles des bâtiments de l'État, des communes et des établissements publics. Une circulaire a suivi pour donner la liste des lieux visés. L'employeur a plusieurs possibilités de s'acquitter de la responsabilité qui lui a été donnée par le législateur. Une façon de procéder a été exemplifiée par la décision du Conseil de gouvernement du 19 octobre d'interdire de fumer non seulement dans les salles publiques et les salles d'attente, mais aussi dans les bureaux. Une dérogation a cependant été rendue possible pour les bureaux occupés par une seule personne. Le Collège eschois n'a pas

heiten ass also eng Mise en oeuvre directe vun deem Gesetz.

Dir kënnt lech vläicht nach drun erënnere, dass dat Gesetz, wat mir am August an der Chamber gestëmmt hunn, eng legislativ Virgeschicht huet. An zwar gëtt e Gesetz vun 1989 mat deem neie Gesetz ofgeännert. Opgrond vun deem 89er Gesetz hat een d'Méiglechkeet, fir an de Gemengen e Fëmmverbuet ze maachen. Dat hunn och eng Rei vu Gemengen, wéi zum Beispill d'Gemeng Steesel, scho gemaach, ouni op dat neit Fëmmgesetz gewaart ze hunn. Dat sinn also zum Deel scho säit e puer Joer fëmmfräi Gemengen.

D'Stad Esch ass bis elo net op dee Wee gaangen. Elo hu mir awer en neit Gesetz, wat also vum Summer dëst Joer en operationell ass. Ech wäert net vergiessen, datt et am Summer operationell ginn ass, well jo och direkt d'Fouersleit dovunner concernéiert waren. Dofir erënnert ee sech nach drun, a wéi enger Saison d'Gesetz schonn en vigueur war.

Mir hunn eis et als Schäfferot net einfach gemaach. Mir hunn eis fir d'éischt emol informéiert, wéi aner Gemenge mat deem Gesetz ëmgaange sinn. A mir hunn do festgestallt, datt déi aner 11 ProSud-Gemengen op dee Wee gaange sinn, respektiv amgaange sinn ze goen, wéi d'Stad Esch et och haut proposéiert.

Déi eenzeg Ausnam ass d'Gemeng Monnerech. Dat net, well se net déi nämlechte Démarche maachen, mä well se an der glécklecher Situatioun sinn, fir an hirer Gemeng keen eenzege Fumeur ze hunn. Dofir hu se gesot: „Da brauche mir dat eigentlech net op de Pabeier ze bréngen, well d'Realitéit d'Légiférieren iwwerhëlt.“ D'Situatioun ass also trotzdem esou, datt déi 12 Südgemengen, wovun mir jo déi gréisste sinn, alleguerten déi Démarche maachen, respektiv gemaach hunn, wéi mir se haut proposéieren.

Ech ginn elo net an den Detail an. Mir hunn dat am Schäfferot als net sënnvoll ugesinn, fir elo nach eng Kéier en détail dat Gesetz vum Summer duerzeleeën. Et ass ganz kloer, dass dat Ganzt an enger Optik an an engem Esprit vu Santé public zestane komm ass. An net fir Kluften an der Gesellschaft opzemaachen. Oder fir eng Ënnerdeelung vun der Gesellschaft a Fumeuren an Net-Fumeuren ze maachen.

Weiderhi ka jiddereen säi Liewen esou gestallten, wéi en et gesäit. Allerdéngs ass dat neit d'Gesetz verstärkt an der Logik vun enger Protectioun vun de Non-Fumeure vis-à-vis vun den nodeelege Repercussioune vum Tubak op d'Gesundheit vum Mënsch gemaach. An dat ass eleng schonn duerch déi Tatsaach ënnerstrach ginn, dass an deem Gesetz vum 11. August 2006 zäitgläich eng Modifikatioun vu bestoende Gesetzer iwwert de Statut général des fonctionnaires de l'État matgestëmmt ginn ass, plus eng Modifikatioun vum Statut général des fonctionnaires communaux. Et ass also ganz einfach e verstärkten Akzent gesat ginn op d'Obligatioun fir de Patron, fir aktiv seng Mataarbechter ze protegéieren. Dat heescht, et ass eng Obligation de résultats fir den Employeur, wat eis dann och dozou gefouert huet, fir hei ze tranchéieren.

Wat wär, wa mir iwwerhaupt näischt maache géingen? Et ass vläicht interessant, fir dat nach eng Kéier hei ze rappeléieren. D'Gesetz hält den Employeur mat an d'Verantwortung a seet: „Du muss nach zousätzlech Mesuren ergräifen“. Am Gesetz steet am Artikel 6.10: «Il est interdit de fumer dans les halls et salles des bâtiments de l'État, des communes et des établissements publics». An enger Circulaire vum nämlechte Mount ass dat präziséiert ginn: «Sont visés les halls, couloirs, salles d'attente, salles de réunion y compris la salle de réunion du Conseil communal». Dat hutt Dir jo och alleguerte matkritt, wann Dir an d'Gemeng erakomm sidd oder och wann der de Lift geholl hutt oder an engem anere Raum hei an der Gemeng waart.

Elo gëtt et natierlech e puer Méiglechkeeten, fir mat där Obligatioun vum Employeur ëmzegen. Dat wëlle mir jo och hei guer net verstopp. Eng vun deene Méiglechkeeten hu mir gehat am Hierscht. Dat ass déi vill diskutéiert Décisioun vum Conseil de gouvernement vum 19. Oktober mat engem Projet de règlement grand-ducal. Do gëtt gesot, datt am Prinzip net nëmmen an de Salles publiques an an de Salles d'attente net gefëmmt gëtt, mä och net an de Büren.

Wann een allerdéngs an engem Büro sëtzt, wou een eleng ass, da gëtt eng Dérogatioun gemaach. An da gëllt dat absolut Fëmmverbuet net. Dat ass d'Aschrän-

kung, déi gemaach ginn ass. An et ass och dee Punkt, dee vill diskutéiert ginn ass.

Mir waren am Schännerot der Meenung, datt mir net op dee Wee ginn. Dat, well mir domadder zwou Kategorië vu Mataarbechterinnen a Mataarbechter op der Gemeng schafen. Déi eng hunn de Privileg, opgrond vu wat och ëmmer – meeschens ass et, well se an enger gehuewener Positioun setzen – fir e Bureau fir sech eleng ze hunn. An déi aner sinn net an där Situatioun. A mir sinn der Meenung, dass dat net den Ausschlag däerf ginn, fir ze tranchéieren, wéi mir d'Gesetz applizéieren.

An dowéinst wollt de Schännerot eng kloer Situatioun schafen an net op dee Wee goen. Et ass och dat, wat mir eise Beamtendelegatioune virun enger Woch erkläert hunn. Mir hunn hinne gesot, op wéi ee Wee de Schännerot goe wéilt. Mir hunn also als Schännerot eng Virdéisioun geholl, déi ganz kloer an onmëssverständlech ass. Dat ass och den Inhalt vun dëser Délibéatioun, déi mir lech hei zum Vote stellen.

Vläicht nach zwou Zousazinformatiounen. De Gros vun de ProSud-Gemengen oder och d'Stad Lëtzebuerg, fir déi als Beispill mat ze nennen, sinn an d'Richtung vum allgemeng geltende Fëmmverbuet gaangen. Am Géigesaz zu villen anere Gemengen, déi net op dee Wee gaange sinn, hu mir d'Déisioun geholl, fir domat an de Gemengerot ze kommen. An deene meeschte Gemengen, wou déi Délibéatioun geholl ginn ass, fir en totale Fëmmverbuet an de Gemengen ze maachen, ass just eng Délibéatioun vum Schännerot geholl ginn. Et ass een net obligéiert, domadder an de Gemengerot ze kommen.

Mir waren awer der Meenung, datt mir dat maache sollen. Mir sinn eis och ganz bewusst, datt dat en Thema ass, dat net ëmmer just mam Kapp, mä och aus dem Bauch eraus diskutéiert gëtt, a wou et ënnerschiddlech Meenunge ganz oft duerch politesch Richtunge ginn.

Et ass also net d'politesch Ausriichtung, déi den Ausschlag gëtt, wéi ee sech zu deem Thema stellt, mä et si ganz oft aner Erwägungen, déi zu ënnerschiddleche Meenunge féieren. Dat ass déi éischt Remarque, déi mir maache wëllen.

Déi zweet Remarque ass, datt mir eise Personaldelegatioune e Wuert ginn hunn, wat domat och verbindlech ass. Quitte dass mir hinnen hu missen erklären, dass mir eng kloer Situatioun schafe wollten, andeem mir eng Virdéisioun als Schännerot geholl hunn. Mir hunn hinnen d'Wuert ginn, dass mir d'Mise en oeuvre vun där heiten Déisioun, déi mir hoffentlech haut mat enger grousser Majoritéit huele kënnen, mat allen Détailapplikatioune, déi se beinhalt, mat hinnen diskutéieren.

Zum Beispill stellt sech d'Fro: dréckt een d'Kaart, wann een eraus fëmmen geet? Wou geet een eraus fëmmen? Geet een hannenaus? Geet een op déi grouss Plaz, déi elo am Fréijoer opgeet? All déi Detaildiskussiounen, déi nach ustinn an déi mir haut net mat era geholl hunn, féiere mir mat eisen Delegatioune. A mir hunn och vun hirer Säit aus d'Bereetschaft erkläert kritt, fir dat mam Schännerot zesummen ze maachen. Dat sinn déi zwou Zousatzinformatiounen, déi mir lech gi wollten. Mir géingen lech dann encouragéieren, fir der Délibéatioun zoustëmme, wéi de Schännerot se haut proposéiert, fir dës Interdictioun ze prononcéieren. A fir eis dann den Optrag ze ginn, fir a Kollaboratioun mat den Delegatioune vun eise Personal déi eenzel Dispositiounen ze huelen, déi sech imposéieren, fir dës Déisioun ze applizéieren.

Den Här Jaerling hat sech als éischte gemellt. Ech hat hie scho gesinn, wou ech nach amgaange war ze schwätzen. Den Här Jaerling, w.e.g.l. An duerno den Här Hoffmann.

Aly Jaerling (Indépendant): Madame Buergermeeschter, et ass jo da medezinesch festgestallt, dass d'Fëmmen déidlech ass. Op kuerzfristeg oder laangfristeg. Dat streit jo och keen of. Mä ech stelle mir awer dann eng Fro.

Wann dat Fëmmen esou déidlech ass a wa mer Gesetzer hunn, wou d'Deale verbueden ass, da froen ech mech, firwat dass de Lëtzebuurger Stat nach net am Prisong sëtzt oder nach net verklot ginn ass. Well hie jo awer iwwert d'Accisë sech zum Matdealer vun déidleche Substanzen entwéckelt huet. Dat ass déi éischt Approche. An dofir soen ech, datt esou laang, wéi de Lëtzebuurger Stat oder d'Regierung oder den zoustännege Minis-

souhaité suivre la même voie, parce qu'elle conduit à créer deux catégories de collaborateurs, ceux qui ont le privilège, souvent pour des raisons hiérarchiques, de disposer d'un bureau individuel, et les autres. Dans sa décision préalable, le Collège a souhaité établir une situation claire, comme il l'a expliqué à la délégation des fonctionnaires il y a une semaine. Le gros des Communes du sud ainsi que la Ville de Luxembourg ont opté pour une interdiction de fumer générale.

Contrairement à beaucoup d'autres Communes, où la question a été tranchée dans le cadre d'une délibération du Collège échevinal, le Collège d'Esch a décidé de soumettre le dossier au Conseil communal. Le thème ne doit pas seulement être abordé de façon cérébrale, mais il exige aussi une approche émotionnelle. Les avis sont très partagés et ne reposent pas sur les orientations politiques. Le Collège a également avisé la délégation du personnel qu'il discuterait avec elle tous les détails de la mise en œuvre de la décision qui, L. Mutsch l'espère, rencontrera l'approbation de la grande majorité du Conseil. Faudra-t-il pointer pour aller fumer dehors? À quels endroits pourra-t-on sortir pour fumer? Ce genre de questions sera travaillé avec les délégations du personnel. L. Mutsch demande aux conseillers d'approuver la décision du Collège portant sur l'interdiction de fumer, et de lui confier la mission de régler la mise en pratique de cette décision en collaboration avec les délégations.

Aly Jaerling (Indépendant) déclare qu'il est médicalement prouvé que fumer tue. Personne ne conteste ce fait. Mais il a une question à poser. Si la cigarette est aussi meurtrière et que des lois existent pour interdire les deals, l'État luxembourgeois ne devrait-il pas être inculpé pour complicité de substances mortelles? Tant que l'État luxembourgeois ne décrètera pas une interdiction absolue de fumer, A. Jaerling ne pourra pas approuver que l'on multiplie les lois pour harceler les fumeurs. La cigarette est une addiction dont il n'est pas facile de sortir. La solution

2. Loi relative à la lutte antitabac

ne consiste pas à harceler les fumeurs. Il est à saluer que la disposition soumise au vote du Conseil ne prévoit aucun type de sanction. L'accent est mis sur le dialogue avec les délégations. Mais il est absurde de vouloir interdire de fumer dans les 'véhicules et autres engins'. Un chauffeur qui se trouve tout seul dans son camion devra-t-il s'arrêter chaque fois qu'il fumera sa cigarette? Ou si deux fumeurs se trouvent côte à côte dans un camion, pourquoi ne pourraient-ils pas fumer en cours de route? La perte de productivité serait énorme si cela devait se passer ainsi. Il ne faut pas aller au-delà de ce que prévoit la loi qui a été votée. Il est cohérent d'interdire de fumer dans les espaces fermés des bâtiments publics. Mais il est discutable d'étendre cette interdiction aux cours d'école, surtout si elle englobe tout le monde, y compris les enseignants, et non exclusivement les élèves.

A. Jaerling ne pourra approuver l'ordonnance du Collège que si ce dernier retire du texte le volet 'véhicules et autres engins' qui n'est pas prévu par la loi. Il est à déplorer que l'on cherche systématiquement à marginaliser les fumeurs. Le Collège aurait mieux fait d'élaborer des mesures pour aider les salariés communaux à se libérer de ce vice, en leur proposant des cures pendant leur temps de travail par exemple, sans perte de salaire.

André Hoffmann (DÉI LÉNK) ne voit pas le sens de la motion du Collège échevinal. Si le Conseil approuve majoritairement la décision du Collège, pourquoi le texte prévoit-il une mise en œuvre avec le concours des délégations? On serait alors dans le cas de figure d'une interdiction générale. Tout le monde est concerné par la question de la cigarette, les fumeurs et les non-fumeurs. Il ne peut pas y avoir de neutralité dans ce sujet. Il est juste de dire que ce débat n'est pas relié à des considérations de politique de parti. A. Hoffmann donne son opinion sur le dossier libre de toute directive de la part de sa fraction politique. Son vote sera négatif. La

ter et net fäerdeg bréngt, konsequent ze sinn an d'Fëmmen absolut ze verbidden, well et déidlech ass, kann ech einfach net domat d'accord sinn, dass iwwer ëmmer méi Gesetzter d'Fëmmerten harceléiert ginn. Well d'Fëmmen ass eng Sucht. An et ass guer net einfach, dovu lass ze kommen. An d'Fëmmerten ze harceléieren, léist de Problem net.

Wann ech dann hei elo déi Délibération gesinn, wou mer driwwer ofstëmme sollen, sinn ech scho frou, dass do net direkt Sanctiounen drastoungen. Et gëtt versicht, mat den Delegatiounen ze diskutéieren.

Mä en totalen Non-sense fir mech ass, wann Dir dra schreift, datt et an de "Véhicules" an "autres engins" verbuede wär, ze fëmmen. Dat heescht also, datt e Chauffeur, deen eleng an engem Camion ënnerwee ass, all Kéier stoe bleiwe soll, fir seng Zigarett ze fëmmen.

André Hoffmann (DÉI LÉNK): Erausklammen.

Aly Jaerling (Indépendant): Och nach erausklammen! Ech fannen dat einfach débile.

Oder wann der zwee niewentenee setzen, wou se allenzwee fëmmen, firwat sollen déi net kënnen hir Zigarett fëmmen? An denkt mol dorun, wat dat e Verloscht u Produktivitéit ass, wann déi all Kéier stoe bleiwen an erausklammen, fir hir Zigarett ze fëmmen. Wann een dat jo ausrechent, ass et jo fuerchtbar. Da musse mer erëm eng hallef Dose Leit astellen, fir dat ze kompenséiere fir dass d'Aarbecht gemaach gëtt.

Dat Gesetz ass elo gestëmmt, mä ech sinn der Meenung, dass een dat awer net ze wäit dreiwe soll. Wann ee seet, an de geschlossene Raim an den ëffentleche Gebaier, kann ech mat d'accord sinn. Wann dann awer do steet, an de Schoulhäff, do hunn ech awer scho meng Bedenken. Da kënne mer och an de Restaurants op den Terrassë verbidden ze fëmmen. Dat ass genau datselwecht. Wann ee geschriwwen hätt, d'Schüler dierfen net an de Schoulhäff fëmmen, hätt een dat nach verstanen. Mä dat hei zielt fir jiddereen, och fir d'Proffen.

Wann Dir dat "Véhicules et autres engins" géift eraushuelen, kann ech mat d'accord

sinn. Dat steet nämlech net am Gesetz. Dat do huet de Schafferot bäigefügt. Wann ee seet, d'Gesetz gëtt hei applizéiert, esou wéi et gestëmmt ass, brauche mer keng extra Délibération, well dat souwisou gemaach muss ginn. Dofir géif ech awer soen, datt mer dat hei vergiessen, well mer eis jo domat nëmme lächerlech maachen.

An ech fannen et och net gutt, wa systematesch d'Fëmmerten ëmmer méi marginaliséiert ginn, wéi wa se net zu dëser Gesellschaft gehéiere géifen. Ech géif éischer soen, dass mer Mesuré fanne sollen. Ech hätt léiwer gehat, Dir wäert mat Propose vu Mesuren heihinner komm, fir deene Salariéeën, déi an der Escher Gemeng fëmmen, ze hëllef an hinnen eng Kur unzebidden, fir vum Fëmmen lass ze kommen. Dat wär méi sënnavoll gewiescht.

Mä wat mer hei maachen, ass eppes festzeschreiwen, wat souwisou am Gesetz steet. An da füge mer nach eppes bäi, wat totalen Non-sense ass. Dofir géif ech lech soen, dass mer dat sträichen. Et wär besser, wa mer keng Décisioun huelen a mer beruffen eis just op d'Gesetz. An op där anerer Säit géif ech da soen, de Schafferot sollt eis e Programm proposéieren, wéi een deene Leit, déi hei an der Escher Gemeng schaffen, hëllef kann, fir vum Fëmmen lass ze kommen. Se kéinten zum Beispill während hiner Aarbechtszäit a Kure goen, wou se kee Lounverloscht hunn. Dat wär effizient geschafft.

Mä dat hei ass einfach just eng weider Marginaliséierung vun de Fëmmerten. An ech kann net domat d'accord sinn. Wann Dir dat do esou stoe loosst, wäert ech dat jiddwerfalls net stëmme.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Jaerling. Et ass dann um Här Hoffmann an dono um Här Knaff.

André Hoffmann (DÉI LÉNK): Fir d'eischt emol, Madame Buergermeeschter, kann ech mat Ärer Motioun näischt ufänken, well ech de Sënn net gesinn. Wann den éischen Tiret, nämlech d'Décision majoritaire, am Conseil geholl gëtt, verstinn ech net, wat deen zweeten Tiret nach soll bedeuten: «invite le Collège des bourgmestre et échevins en collaboration avec les délégations à élaborer les dispositions qui

2. Loi relative à la lutte antitabac

s'imposent». Dann ass hei eng Décisioun geholl. An da wéisst ech net, wat fir eng Roll d'Delegatioun iwwerhaupt nach fir eng Mise en oeuvre spille kéint. Dat wär jo nämlech dann eng Interdiction générale.

Zum Fong sinn ech befaangen. Ech sinn awer der Meenung, dass an där do Fro jidderee befaangen ass. Déi, déi wéineg fëmmen. Déi, déi vill fëmmen. Déi, déi net fëmmen. Déi, déi den Damp gär hunn, wa se net fëmmen. Déi, déi den Damp net gär hunn, wa se net fëmmen. Déi sinn alleguerte befaangen. Dat heescht, mir sinn alleguerte befaangen. An da musse mer och net maachen, wéi wa mer eng absolut Neutralitéit hätten.

An d'Buergermeeschtesch huet natierlech Recht: Et ass net eng politesch Fro an deem Sënn, dass hei parteipolitesch Linne bestoe géifen. Ech vertrieeden dann och hei, mat deem, wat ech soen, net onbedéngt d'politesch Linn vun där Organisatioun, zu där ech gehéieren. An ech hunn och kee Mandat kritt, fir hei an dëser Diskussioun e bestëmmtene Vote ze huelen.

Mäi Vote wäert awer negativ sinn. D'Logik vum Gesetz an d'Erklärungen, déi ëmmer erëm zu der Logik vun deem Gesetz geliwert gi sinn, ass déi, dass et drëms geet, d'Leit, déi net fëmmen, vis-à-vis vun de schiedlechen Auswierkunge vum Tubaksdamp ze protégéieren. Esou hunn ech et ëmmer verstanen.

Dat ass eng Iwwerleeung, déi ech novollzéie kann. Da kann ech et novollzéien, dass et an engem Restaurant verbueden ass ze fëmmen, ausser dee Restaurant huet extra Raimlechkeeten, wou een dat däerf. Da kann een natierlech nach streiden, ob déi Dispositiounen, déi am Gesetz fir déi Raimlechkeeten virgesi sinn, wierklech valabel sinn oder net. Mä dat ass jo net eise Sujet haut. Mir ginn einfach dovun aus, datt dat Gesetz besteet.

Dat do ass d'Logik vum Gesetz. D'Logik vum Gesetz ass net, wéi d'Madame Buergermeeschter an engem vun hiren éischte Sätz gesot huet, d'Gesondheet vum Mënsch am Allgemengen ze protégéieren. Well wa mer Verbotsgesetzter maache mussen, fir d'Gesondheet vum Mënsch am Allgemengen ze protégéieren, da musse mer vill, vill, vill méi Saache ver-

bidden, wéi nëmmen d'Fëmmen. Da musse mer bei den Alimenter verbidden, da musse mer vläicht souguer d'Autoe verbidden... wat weess ech. Ech iwwerdreifen elo vläicht e bëssen, fir einfach drop opmierksam ze maachen, datt dat net d'Logik vum Gesetz war.

Et war net d'Logik vum Gesetz, den eenzelne Bierger viru sech selwer ze protégéieren. Mä et war d'Logik vum Gesetz, fir déi aner par rapport zu den Auswierkunge vum Damp ze protégéieren. An deem Fall fannen ech et net méi verständlech, dass et verbuede soll sinn ze fëmmen, wann een an engem Administratioun vum Stat oder vun der Gemeng oder och an engem private Betrib, eleng a sengem Büro sëtzt. Dat liicht mer net méi an. Dat entsprécht menger Meenung no net der Logik vum Gesetz.

An dat enthält menger Meenung no och prinzipiell eng geféierlech Tendenz. Dat leeft jo eigentlech drop eraus, de Leit virzeschreiwen, vun uewen erof, wat se fir hir Gesondheet maachen däerfen a wat se net fir hir Gesondheet maachen däerfen. An dann ass et am Endeffekt en Agrëff an d'Liewensweis.

D'Propositoun, déi ech lech gemaach hätt, ass déi hei: wann Dir d'Gesetz uwenne wëllt, esou wéi et an der Chamber mat grousser Majoritéit gestëmmt ginn ass, da wenn, wann ech gelift, och déi Circulaire un, déi den Inneminister fir d'Uwennung vum Gesetz nogerecht huet. Déi Circulaire gesäit vir, d'Madame Buergermeeschter huet et korrekt virgedroen, dass an deenen ëffentleche Raim an de Gemengen net däerf gefëmmt ginn. An do steet näischt iwwer Büroen an esou weider an esou fort dran.

Ech sinn nach domat d'accord, dass een déi Dispositioun hätt doduerch ergänze kënnen, dass ee seet, dass et verbueden ass ze fëmmen, wann dräi Leit an engem Büro sinn. Dat steet mol net an där Circulaire dran. Dat heescht, déi erlaabt eigentlech nach ëmmer, dass een déi aner zoudämpft, fir et op déi Aart a Weis auszedrücken. Da kann ech mer virstellen, dass een do eng Dispositioun getraff hätt, wou et an engem Büro verbuede wär ze fëmmen, wa méi Leit an deem Büro sëtzen an se fëmmen net all. Da stellt sech allerdéngs d'Fro, ob et net aner Méiglechkeeten gëtt.

logique de la loi est de protéger les non-fumeurs des effets nocifs de la fumée. Il est par conséquent compréhensible d'interdire de fumer dans un restaurant, à moins qu'il ne dispose d'un espace réservé aux fumeurs. Contrairement à la déclaration initiale de Mme la bourgmestre, la loi ne vise pas la santé de l'être humain en général. Si tel était le cas, il faudrait interdire bon nombre d'autres choses en plus de la cigarette: dans le domaine de l'alimentation et même l'automobile.

La raison d'être de la loi est de protéger certaines personnes des effets de la fumée. Dans ce sens, il n'est pas sensé d'interdire à quelqu'un de fumer quand il occupe un bureau individuel, dans une administration d'État ou communale ou dans une entreprise privée. Établir ce genre de règlement équivaut à vouloir dicter aux gens, du haut vers le bas, ce qu'ils doivent faire en faveur de leur santé. Ce qui constitue, en fin de compte, une atteinte à la vie privée des gens. A. Hoffmann recommande de s'en tenir aux dispositions prévues par la loi et par la circulaire du ministère de l'Intérieur qui n'impose l'interdiction de fumer que dans le cadre des espaces publics des Communes. On pourrait encore accepter qu'il soit interdit de fumer dans un bureau occupé par plusieurs personnes si l'une d'entre elles ne fume pas.

Les premières consultations des délégations ont eu lieu dans le contexte de l'ancienne loi. La nouvelle loi permet des dispositions qui avaient déjà été demandées par ces délégations, comme l'aménagement de fumeurs ou la possibilité de fumer dans les bureaux individuels. La loi est discutable, mais là n'est pas le propos. Il est clair que des limites doivent être tracées afin de protéger les gens par rapport à la fumée des autres. Mais ces limites ne permettent pas pour autant de s'immiscer dans le mode de vie d'un individu. La délégation a cité le cas exceptionnel d'un collaborateur de la Commune qui dispose d'un certificat médical qui exige qu'il fume. Un cas étrange qui a conduit le Collège échevinal à

2. Loi relative à la lutte antitabac

émettre un règlement d'exception. A. Hoffmann voterait la motion si elle ne faisait que reprendre les directives de la circulaire et si elle ne prévoyait une interdiction de fumer dans un bureau que dans le but de protéger les occupants non-fumeurs, le tout complété par un ou deux fumeurs dans la Commune et des dispositions comment les utiliser.

Pierre-Marc Knaff (DP) parle en sa qualité de fumeur mais en tant que représentant de son parti, le DP, qui dans sa majorité a rejeté la loi. Le fait que la loi soit entrée en vigueur ne signifie pas qu'elle soit bonne.

La loi n'est pas bonne parce qu'elle constitue une atteinte contre la liberté individuelle. Il est vrai que la liberté d'un individu s'arrête là où commence celle de l'autre. Mais les mesures proposées par le Collège échevinal vont dans une tout autre direction. L'objectif avoué est de protéger le citoyen de lui-même, de lui dicter son mode de vie. Le DP est déterminé à combattre cette logique qui enfreint le libre arbitre de l'individu. Ou alors il faudrait être cohérent et promulguer des interdictions radicales comme l'a suggéré Mr Jaerling.

Il faudrait interdire totalement la cigarette. Mais le courage ne va pas aussi loin, car les fumeurs servent à remplir les caisses. Il est un fait que la loi a été votée. Mais le DP ne peut accepter les dispositions qui vont plus loin que cette loi. Le citoyen n'a pas besoin que l'on lui dise de quelle façon il doit vivre sa vie. Il doit être libre de choisir. Il y a des limites que l'on peut établir à la liberté de l'individu au nom de la protection des non-fumeurs. Mais dans quelle mesure est-ce que des non-fumeurs sont lésés par le fait qu'une personne fume une cigarette dans son bureau?

Dans quelle mesure est-ce qu'un non-fumeur ou n'importe quel citoyen est lésé si l'on fume une cigarette dans une dépendance communale, telle la cour du Centre Beaubourg? Est-ce que dans l'Hôpital d'Esch certains gens devront faire tout le chemin en chaise rou-

An dann erënneren ech lech drun, datt déi éischt Konsultatioun vum den Delegatioun am Kontext vum ale Gesetz stattfonnt hunn. Mä dat neit Gesetz léisst op deem dote Punkt déi Méiglechkeeten nach ëmmer zou, déi deemools vum den Delegatioun gefrot gi sinn. An dat ass beispillsweis e Fumoir. D'Gesetz léisst och nach ëmmer zou, datt een an engem Büro fëmmen däerf, wann een do eleng sëtzt.

Iwwert d'Gesetz léisst sech streiden. Dat wëlle mir net. Ech fannen awer, et gëtt iergendwou eng Kéier eng Grenz, wou een ophale soll a wou ee soe soll, mir protegéieren d'Leit vis-à-vis vum Damp vum deem aneren, mä et muss awer net sinn, datt mir onbedéngt nach a seng Liebensweis agräifen.

Ausserdeem weist jo och d'Delegatioun drop hin – dat ass natierlech en exzeptionelle Fall – dass mir ee Mataarbechter hei op der Gemeng hunn, deen e Certificat médical huet, net nëmme fir fëmmen ze däerfen, mä fir eigentlech fëmmen ze mussen. Dat kléngt zwar komesch, mä dat ass esou. Dat ass awer net mäin Haaptproblem, well do och de Schäfferot eng Ausnameregulung fënt.

Dir hutt awer verstanen, wat mäin Haaptproblem ass. Ech stëmmen net fir är Motioun, ech stëmmen dogéint. Ech géing jo d'circulaire stëmmen, wann Dir déi esou iwwerholl hätt, an eventuell nach dobäi gesat hätt, datt wa méi Leit an engem Büro sëtzen, déi, déi net fëmmen, protégéiert ginn. An doduerch riichte mir een oder zwee Fumoiere op der Gemeng an a mir fannen Dispositiounen, wéi een dann d'Visite vum deem Fumoir organiséiere kann. Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Hoffman. Et ass dann um Här Knaff an duerno um Här Snel.

Pierre-Marc Knaff (DP): Madame Buergermeeschter, ech schwätzen elo hei net als Fëmmert, mä als Politiker vum der Liberaler Partei, déi jo dat Gesetz an hirer Majoritéit net guttgeheescht huet. Dat Gesetz ass elo en vigueur. Mä dat empêchéiert awer net, datt et e schlecht Gesetz ass.

Et ass e schlecht Gesetz, well et en Agrëff op eng individuell Fräiheet virhëlt. Et kann

een elo soen, an dat géinge mir jo och all gutthalen, dass d'individuell Fräiheet seng Limit an der Fräiheet vum deem aneren huet. Dat ass jo och d'Regel vum Exercice vum enger Fräiheet. Mä dat, wat Dir elo hei awer als Moosnamen an als Argumenter ugefouert hutt, geet jo an eng ganz aner Direktioun.

Dir wëllt dat Gesetz net nëmme zum Schutz vum den Net-Fëmmerte benotzen, mä, wéi Dir selwer gesot hutt, wëllt Dir dat Gesetz an och är Motioun utiliséieren, fir de Bierger vu sech selwer, vu sengen Iwwerleeungen a vu sengem Wëllen ze schützen. Dat ass natierlech eppes, wat totalement inakzeptabel ass, a wat mir och als DP bis op d'Lescht bekämpfe wäerten. Et ass net um Stat oder un enger Gemeng, fir sech anzemëschen, wéi den eenzele Bierger sech gären entfale wëll a wéi den eenzele Bierger gäre säi Liewe gestallte wëll. Et opläit net der Gemeng an et opläit net dem Stat, sech anzemëschen, ob e Bierger décidéiert huet, ze fëmmen oder net ze fëmmen. Dat ass e Choix, deen all Eenzelnen esou utiliséiere kann, wéi e wëll.

Well soss misst een effektiv méi konsequent sinn. Wann een elo wierklech radikal duerchgräife wëilt, da geet dat net mat esou Pittisgesetzer. Da misst een de Problem bei der Wuerzel paken. An da misst een et effektiv esou maachen, wéi den Här Jaerling gesot huet. Da misst een d'Zigarette verbidden. Da misst een et esou maachen. Mä esou wäit geet natierlech – aus finanzielle Grënn – de Courage net méi. Well fir d'Keess voll ze maachen, kënnen d'Fëmmerten natierlech gutt sinn. Mä fir de Recht natierlech net.

Mä och wa mer net domat d'accord sinn, ass dat Gesetz elo awer gestëmmt. Mir kënnen et elo net méi änneren. Mä déi Ausféierungen, déi iwwert dat Gesetz nach sollen erausgoen, gi vum eis net gedroen. Déi ginn och bekämpft. De Bierger ka sech selwer schützen. E brauch net vu Leit, déi mengen, si hätte vläicht d'Intelligenz gepacht oder si géinge sech op enorm gutt Studie beruffen, gesot ze kréien, wat en däerf a wat en net däerf. Mir brauche keng Leit, déi eis soen, wéi mir ze liewen hunn an ob mir fëmmen däerfen oder net. Dat ass e Choix. Dee ka jidderee maachen. An domat huet et sech. Et ass d'Grondbasis vum der Diskussioun, datt jidderee fräi ass ze maache

2. Loi relative à la lutte antitabac

wéi en denkt. Ech sinn domat d'accord, dass et Aschränkungen zu der perséinlecher Fräiheet kënnen ginn, am Schutz vun den Net-Fëmmerten. Et kënnen Aschränkungen zu der perséinlecher eegener Fräiheet ginn. Mä dat ass awer och déi eenzeg Limit, déi d'Fräiheet kann hunn.

Mir müssen an ären Dispositione kucken, wéi eng vun deene Mesuren, déi Dir huele wëllt, eenzeg an eleng am Schutz vun de Net-Fëmmerten, respektiv vun deenen anere Matbierger sinn. An dat kann och nëmmen déi eenzeg Grenz zu der individueller Fräiheet sinn. Inwiefern stéiert et een oder gëtt ee belaascht do duerch, wann e Fëmmert a sengem Büro fëmmt, an dat ass e Büro, deen individuell fir dee Beamten oder deen Employé reservéiert ass? Inwiefern gëtt do iergend en anere belästegt? Inwiefern gëtt iergend een Net-Fëmmert oder iergend en anere Matbierger belästegt, wann an enger Dépendance – an ech wëll lech soen, datt Häff och zu den Dépendancë gehéieren – gefëmmt gëtt.

Den Haff virum Centre Barbourg ass och eng Dépendance, déi der Gemeng gehéiert. Inwiefern gëtt do ee belästegt, wann en Aarbechter vun der Gemeng do eng Zigarette fëmmt, éier e seng Schicht untrëtt? Iwwerhaapt net!

Am Escher Spidol hu mir jo gesinn, wéi d'Dépendancen ausgeluegt ginn. Do müssen d'Leit elo sage und schreibe mam Rollstull bis op den Trëttoir fueren, fir do eng Zigarette fëmme ze kënnen.

Une voix: Si müssen net.

Pierre-Marc Knaff (DP): Dat ass wierklech eng Situatioun, déi därmoosse ridicule ass, datt et engem bal wéi deet. Dat, just fir eng kleng Paranthèse op d'Spidol ze maachen.

Mä hei ass et esou, datt an all Haff, deen zu engem Gebai vun der Gemeng gehéiert, et verbueden ass ze fëmme, ob schon et kee stéiert. Dat ass nämlech dat, wat ee muss ënnert Dépendance verstoen. D'Dépendance ass net einfach nëmmen e kleng Schapp, deen zu engem Immeuble gehéiert. Mä zu der Dépendance gehéieren och d'Alentouren. Dat sinn d'Häff. Dat sinn déi Partien, déi Fräiraum, déi zu deem Haus oder zu deem Immeuble vun der Gemeng gehéieren.

Dat sinn alles Mesuren, déi net do sinn, fir iergendeen ze schützen. Dat si Mesuren, fir d'Fëmmerten ze schikanéieren. Et sinn elo d'Fëmmerten. An nächster Zäit sinn et déi, déi e Patt Wäin drénken. Déi kéier drop sinn et déi, déi bëssen zevill fettig iessen. Mir wësse jo, wou dat duerno alles histéiert.

Et ass en tout cas net esou, wéi mir d'Gesellschaft gesinn. Mir sinn net frou, wa vun uewen diktiert gëtt, wat den Einzelne maache soll. Net ze schwätze vun de Ravagen, déi dat Gesetz elo schon am Secteur Horesca gemaach huet. Net ze schwätze vun de Ravagen, déi schon ze spiere si bei de Restaurateuren hei zu Esch. Et bleift kee méi setzen, fir nach e Café ze drénken. Emol guer net vun deem ekonomeschen Impakt vun deem blöde Gesetz do ze schwätzen.

Ech vermessen och an ärer Propos, déi Dir eis gemaach hutt, wat Dir dann als Alternativ fir déi Leit, déi fëmme, virschlot. Wëllt Dir dann, datt jiddereen de Griffel fale léisst an erof an d'Keelt geet, fir eng Zigarette ze fëmme, wann e säi Manque spiert a mengt, e misst eng fëmme goen?

(Interruption)

Mä ech denken drun, Här Weidig. Wann et eng kéier drëm geet, da kucke mir, ob Dir dann nach esou couragéiert sidd, fir alles do ze widderhuelen, wat Dir elo sot. Deemno a wéi engem Krees vu Leit, dass Dir da sëtzt oder deemno wéi e Moment vum Joer, datt et ass, kucke mir, ob Dir dann nach esou couragéiert schwätzt.

Wéi ass et mat engem Fumoir fir d'Personal, wat op der Gemeng schafft, ass do schon iergendeppes ausgeschafft? Ech mengen, dat ass awer dat mannst, wat ee senge Leit ka proposéieren, déi ebe gären aus Freed fëmme. Et ginn der jo och, déi aus Freed fëmme. Et sinn der net nëmmen, déi aus Dépendance fëmme. Et sinn der och, déi aus Freed fëmme. Déi dat gäre maachen. Wat hutt der eis do ze proposéieren? Fir de Recht deelen ech d'Meenung vum Här Hoffmann, dee seet, datt dat, wat der eis do proposéiert, kee Sënn mécht. Wa mer eppes decidéieren, da brauch net nach duerno diskutéiert ze ginn. Fir d'éischt diskutéiert een an dann decidéiert een an net de Contraire. Dofir vun der DP e kloren Nee fir äre Projet.

lante pour sortir fumer une cigarette sur le trottoir?

Une voix dit que ces personnes ne sont pas obligées de le faire.

Pierre-Marc Knaff (DP) qualifie de ridicule une situation pareille. Les dépendances d'un immeuble communal comprennent ses alentours, les cours extérieures, les espaces libres à l'extérieur de cet immeuble. Les mesures envisagées par le Collège n'ont pas pour objectif de protéger les non-fumeurs, mais bien de chercher des chicanes avec les fumeurs. Les fumeurs aujourd'hui; un jour plus tard, ce sera le tour de ceux qui boivent un verre, puis de ceux qui mangent trop gras. Ce n'est pas ainsi que le DP conçoit la société. Le DP ne veut pas diriger les comportements individuels. Sans parler des effets dévastateurs de la nouvelle loi dans le secteur de l'Horesca. Les restaurateurs eschois constatent que les gens ne s'arrêtent plus chez eux pour un café. Quelle alternative le Collège offre-t-il aux fumeurs. Est-ce que l'intention est de faire en sorte que les gens laissent tomber leurs affaires pour sortir dans le froid lorsqu'ils ressentent le besoin de fumer?

(Interruption)

M. Knaff met M. Weidig au défi de répéter ce qu'il vient de dire lorsqu'il se trouvera dans d'autres circonstances.

Est-ce qu'il est prévu d'aménager un fumoir pour ceux qui fument tout simplement par plaisir? Car les fumeurs ne fument pas tous par dépendance. P.-M. Knaff pense comme Mr Hoffmann que les dispositions proposées sont absurdes. Ce qui est décidé par le Conseil n'a pas besoin d'être discuté par la suite. Le DP dira clairement non au projet du Collège.

2. Loi relative à la lutte antitabac

John Snel (LSAP) est par principe opposé au fait de prétendre réglementer l'individu en permanence. Certaines personnes semblent prendre plaisir à le faire. Pour cette raison, J. Snel votera non.

Daniel Codello (LSAP) note qu'il est le deuxième non-fumeur à prendre la parole, après Mr Jaerling. Il répond à J. Snel qu'il n'est non-fumeur que depuis peu. D. Codello est étonné des déclarations de Mr Knaff sur la relation entre les citoyens et les institutions. Mr Knaff a déploré que la décision présente soit imposée du haut vers le bas. C'est pourtant ce qui se passe pour 95% des lois décidées par la Chambre en tant que pouvoir législatif. Toutes les décisions ont un impact sur la vie des gens.

(Interruption)

Les trois orateurs précédents ont laissé entendre que la nouvelle loi provient de la volonté des non-fumeurs de poser des chicanes aux fumeurs. Le but de la nouvelle loi est cependant la protection des non-fumeurs. On peut émettre de sérieux doutes sur l'argument qui consiste à dire que fumer constitue un droit de l'homme. Le Collège propose de discuter ouvertement d'une disposition qui découle de l'esprit de la nouvelle loi: l'interdiction totale de fumer dans les bâtiments communaux. Il n'est pas illogique non plus de vouloir discuter avec les délégations du détail de la mise en œuvre de la décision du Conseil.

(Interruptions)

D. Codello répond à Mr Jaerling que le Collège est disposé à accompagner les fumeurs qui voudraient arrêter de fumer. Dans cette perspective, des entrevues ont eu lieu avec la Ligue contre le cancer et la médecine du travail afin de déterminer des moyens d'action. La délibération présente n'a pas la portée politique et polémique que ce que l'on veut faire croire. Il ne s'agit que

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Knaff. Ech hunn dann den Här Codello, den Här Maroldt an den Här Huss hei opgeschriwwen. A entschëllegt, den Här Snel war nach virun hinnen, entschëllegt.

Daniel Codello (LSAP): D'Fumeursfraktioun fir d'éischt.

John Snel (LSAP): Madame Buergermeeschter. Just ee Saz, Merci, fir mech einfach prinzipiell auszedrécken. Ech sinn dogéint, dass den Individu an allem ëmmer erëm a permanent reglementéiert gëtt. Dat féiert ganz einfach ze wäit. An et schéngt, wéi wann et Leit géing ginn, déi bal e Pléséier doru fannen, fir den Individu ëmmer erëm kënnen ze reglementéieren. Do sinn ech ganz einfach dogéint. Dofir stëmmen ech hei mat Nee.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci Här Snel. Et ass dann um Här Codello an duerno um Här Maroldt.

Daniel Codello (LSAP): Merci Madame Buergermeeschter. Komescherweis sinn ech dann elo nom Här Jaerling den zweeten Non-Fumeur, deen hei d'Wuert hëlt.

(Interruption par Monsieur Snel)

Daniel Codello (LSAP): Dir sidd zënter kuerzem en Non-Fumeur, Här Snel. Ech hunn lech nach am Kapp als een, dee begeschtert gäre gefëmmt huet.

Ech sinn éischtens emol iwwerrascht iwwer dem Här Knaff seng Vue, wat d'Relatioun tëschent de Bierger an den Institutionen hei ugeet. Ech hätt em net esou vill – scho bal – revolutionäre Courage zougetraut, wéi en dat gesäit. Mir gesinn et awer e bëssen anescht. Wann der kuckt, där sot, dass alles vun uewen diktéiert gëtt.

Ech mengen awer, dass 95% vun deene Gesetzter, déi an der Chamber vum Pouvoir législatif gestëmmt ginn, eis Liewensweis regelen. Alles huet ëmmer en Impakt op eisen Alldag. Ob dat elo d'Chômagegesetz ass, wat geännert gëtt – dat huet och säin Impakt an do gëtt net esou en Opstand gemaach –, wéi elo op eemol, wann e Gesetz gestëmmt ginn ass, wat an äre Riede vläicht e bësse méi ...

(Interruption)

Daniel Codello (LSAP): Ech hunn lech och nogelauschtert, Här Hoffmann, w.e.gl. Hei ass awer elo an deenen 3 leschte Riede vun de Fëmmerten eng Attack geridde gi géint Non-Fumeuren, wéi wann déi zënter e puer Méint mat deem Gesetz hei eng Lanz brieche wéilten, fir d'Fëmmerten ze schikanéieren. Den Objet vum Gesetz ass d'Protektioun vun de Non-Fumeuren. Dat hutt der net an den Zentrum vun äre Rieden hei gestallt. Dir hutt hei vu Schikanéiere geschwat.

Ech gi just drop an, dass dat Argument, Fëmme wär e Mënscherecht, och gefall ass senger Zäit. Esou wäit ass dat Ganzt gaangen. Wann ee Fëmme schonn op de Niveau vun engem Mënscherecht stellt, da muss ee sech awer iwwerleeën, wéi sériëus déi Diskussiounen iwwerhaapt a verschiddene Momenter gefuert gi sinn.

De Schäfferot proposéiert elo hei eng Délibératioun, eng Ofleitung vum Gesetz, en totalt Fëmmverbuet... hei an de Gebaier vun der Administration communale d'Fëmmen. Mer kënnen mat op dee Wee goen. An de Rôle vun den Delegatiounen gesinn ech awer net esou onwichtig, Här Hoffmann, wéi där dat sot. Well mat deem Turet ass awer de Beweis ginn, dass d'Ouverture ginn ass, fir weider Diskussiounen ze féieren a firwat net an deenen Diskussiounen mat der Delegatioun eens ginn, fir e Fumoir iergendwou opzeriichten.

(Interruption par Monsieur Hoffmann)

Daniel Codello (LSAP): Do ass eng Ouverture gemaach ginn, fir d'Diskussiounen weiderzeféieren. Dësweidere geet de Schäfferot op de Wee, w.e.gl., dësweidere geet de Schäfferot op de Wee...

(Interruption)

Daniel Codello (LSAP): Also lauschtert emol, wann der bei esou engem Punkt schonn nervös gitt, wat gëtt et eréischt bei politesche Punkten.

Pierre-Marc Knaff (DP): Mir waarden zënter Joren op e politesche Punkt! Bréngt mol een!

Daniel Codello (LSAP): Oh, Här Knaff ... Dësweidere geet de Schäfferot souguer op de Wee, fir déi Aarbechter a Beamten, déi wëllen ophale mat fëmmen, Här Jaer-

2. Loi relative à la lutte antitabac

ling, ze begleeden. Do sinn och scho Pourparlere mat der „Ligue contre le cancer“ a mat der Aarbechtsmedezin amgaangen, welch Mëttelen een do als Gemengeverwaltung uwenne kann, fir déi Leit positiv ze begleeden, déi wëllen ophalen. Domadder ass är Fro och beäntwert.

Mir gesinn, déi hei Délibératioun ass eigentlech net esou politesch an esou héich explosiv, wéi dir dat hei gesitt. Et ass eng Ableitung vum Gesetz, wat majoritär vun der Chamber ugeholl ginn ass, wou souguer, mengen ech, Deputéierten dofir gestëmmt hunn, déi och Fëmmerte sinn, déi awer och de Sënn vum Gesetz agesinn hunn, an dofir stëmmen ech des Motioun.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci Här Codello. Et ass dann um Här Maroldt.

(Interruption par Monsieur Knaff)

Daniel Codello (LSAP): Här Knaff, vläicht éischer wéi där.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Ech géing en Appel un lech maachen, fir jiddweree schwätzen ze loossen. Den Här Codello huet lech och net ënnerbrach. An et war heiansdo haart un der Limite, fir et net wëllen ze maachen.

Et ass dann um Här Maroldt. Här Maroldt, dir hutt d'Wuert.

Frunnes Maroldt (CSV): Ech schwätzen, wann d'Leit sech e bësse berouegt hunn. Ech fannen, dat ass net gutt fir de Blutdruck. Ech fannen déi heiten Diskussioun e bësse grotesk an deem Sënn, dass mer nach ëmmer mussen driwwer diskutéieren, wat den Effet vum Fëmmen ass.

Mir maache jo oft Visiten op déi eng oder aner Plaz. Et kéint een emol vläicht eng Kéier eng Visite maache vum Centre Hospitalier. Vum Service wou d'Cardiologie ass, wou ee gesäit, wou se huerelen, well eben d'Effete vun deem massiven intensive Fëmmen musse behuewe ginn a Beipäss musse gesat ginn. Also ech kéint dat nëmme recommandéieren.

Ech wëll mech elo hei net éterniséieren op der doten Diskussioun. Ech ënnerstëtzen déi heite Motioun aus deem einfache

Grond, well et eng kloer Richtlinn, eng ganz kloer Linn ass. Ech vergläichen et mat mengem Job, deen ech hat. Mat der Responsabilitéit als Pädagog an der Schoul, wéi mer doriwwer diskutéiert hunn, dass an deem Eck an an deem Eck ka gefëmmt ginn. Dann huet een éischstens immens vill Constraints, där een ausgesat ass. Du muss kontrolléiere goen, ob deen doten dann elo am Alter ass oder net? Ass d'Zigarette vierge oder ass eppes an der Zigarette?

Wat ech elo net wëll ënnerstellen, dat ass, dass et déi Problematik och hei am Haus gëtt. Mä wa mer an där doter Logik vu Fräiheete vum Mënsch sinn... Een, deen den Zidderer moies huet, misst jo dann och erlaabt kréien, fir schnell vis-à-vis ze rennen, fir do e Klengen ze kippen.

Ech fannen déi Logik, wéi se hei vum Schäfferot proposéiert gëtt eng kloer Linn. Et gëtt einfach net gefëmmt. Wat fir Ausname si elo mat der Delegatioun verhandelen, dat ass haut net den Objet vun der Diskussioun an ...

(Interruption)

Frunnes Maroldt (CSV): Also Nee. Ech géing recommandéieren, dass et ganz kloer ass. Well och do erëm eng Kéier, fir dat ze kontrolléieren: War dee schon haut eng Kéier un d'Loft, oder zweemol un d'Loft? Dat ass eben, wéi gesot, geféierlech fir déi doten Diskussiounen anzegoen. Mä op jidde Fall, d'Motioun, an dorëms geet et haut, déi ënnerstëtzen ech.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci Här Maroldt, och dofir, dass mer elo erëm e bësse méi Sérénitéit an d'Diskussioun mat erabruecht hunn. Den Här Huss huet nach d'Wuert gefrot.

Jean Huss (DÉI GRÉNG): Madame Buergermeeschter, dir Dammen an dir Hären. D'Fëmmgesetz, wat mer an der Chamber haten, wëll ech elo net hei nach eng Kéier widderhuelen. Ech wëll awer vläicht nach eng Kéier ee Prinzip hei soen. Mir haten als Gréng dat Gesetz an der Chamber kritiséiert, well et eis net wäit genuch gaangen ass. Méi wëll ech op déi Chambersdiskussioun net méi zrëckkommen.

Mir hate méi Konsequenz bei deem Gesetz verlaangt, an dofir sinn ech ëmsou

d'une disposition communale dérivant d'une loi qui a été approuvée majoritairement par la Chambre, y inclus par des députés fumeurs.

Lydia Mutsch (LSAP) demande à Mr Knaff de ne pas interrompre les présentations des autres conseillers.

Frunnes Maroldt (CSV) déclare qu'il n'est pas bon de s'énerver à cause de la pression sanguine. Il est grotesque de débattre de cette façon au sujet de la cigarette. F. Maroldt recommande une visite au service cardiologie du Centre hospitalier pour se rendre compte des conséquences néfastes du tabagisme. Il soutient la motion qui a le mérite d'obéir à une ligne claire et précise. Si l'on invoque la liberté des individus, alors il faudrait tolérer bon nombre d'autres pauses pour satisfaire différentes envies. La décision du Collège concernant une interdiction totale de fumer est cohérente. Les éventuelles exceptions à la règle feront l'objet de pourparlers avec les délégations. Il soutient la motion.

Lydia Mutsch (LSAP) remercie Mr Maroldt d'avoir ramené une certaine sérénité au débat.

Jean Huss (DÉI GRÉNG) rappelle que sa fraction avait déploré, lors des discussions dans la Chambre, que la loi n'aille pas plus loin, qu'elle ne soit pas totalement conséquente. Il salue le fait que le Collège ait décidé d'aller plus loin. C'est pourquoi les Verts soutiendront la motion.

Il revient sur la déclaration initiale de Mr Jaerling sur le fait qu'il est scientifiquement prouvé que fumer 'nuit gravement à la santé' et que fumer 'peut tuer'. Faudrait-il donc faire la distinction de deux catégories de personnes?

Jean Huss soulève la question de l'aménagement d'un fumoir pour le personnel communal. Est-ce que cela ne supposerait pas de faire la distinction entre deux catégories de personnes? Les unes qui fument, en pleine conscience des risques encourus? Les autres qui ne fument

2. Loi relative à la lutte antitabac

pas tout en étant obligées de temps à autre de supporter la fumée des autres? Si l'on était cynique, on pourrait dire que ceux qui fument ne se font du tort qu'à eux-mêmes. Il est prouvé que les maladies provoquées par la cigarette sont un fardeau pour les caisses de maladie de tous les pays. Certes on pourrait argumenter, si l'on était cynique, que la vie d'un fumeur est en moyenne écourtée de 6 à 8 ans, ce qui représente autant de charge en moins pour les caisses de pension.

Il est clair que c'est la protection des non-fumeurs qui est en jeu. Mr Huss rappelle qu'il y a 5 ou 6 ans il a dû s'exposer à un nuage de fumée lors de ses premières participations à la séance de Conseil communal, car il y avait en permanence 7 ou 8 personnes qui fumaient. Il soutient l'interdiction totale de fumer dans tous les bâtiments de la Commune.

Il y a une faille dans l'argumentation de Mr Hoffmann. En réalité, le fumeur qui fume tout seul dans son bureau individuel fait du tort à autrui, car il faut bien que quelqu'un rentre dans ce bureau en fin de journée pour faire le nettoyage et ce quelqu'un sera alors exposé à un air vicié et dangereux. Des études prouvent que l'air d'un espace dans lequel on a fumé reste nocif deux heures et demie après qu'on y ait fumé.

(Interruption par Mr Hoffmann)

Jean Huss cite une affaire qui a été portée devant le Conseil d'Etat français: le cas d'un serveur de restaurant qui refusait de servir les clients dans le fumoir, comme son patron l'exigeait de lui. Ce serveur a obtenu gain de cause et son employeur a été condamné par le tribunal. Les personnes qui effectuent le nettoyage des bureaux sont protégées par la loi. Le fonctionnaire qui se déclarerait disposé à nettoyer lui-même son bureau pourrait éventuellement trouver un compromis avec l'administration. Mr Huss souligne que dans d'autres questions Mr Hoffmann se pose toujours en défenseur des droits du travail-

méi frou, datt de Schäfferot hei méi Konsequenz weist. Mir wäerten déi Motioun och total ënnerstëtzen.

Wann ech trotzdem wëll e wéineg op d'Problematik zrëckkommen, an zum Beispill op déi éischt Ried, déi mer haut vum Här Jaerling héieren hunn, da muss ech soen, datt den Här Jaerling haut e ganz staarke Saz gesot huet. Dat war säin éischte Saz, wéi e gesot huet, wat d'Femme fir d'Gesondheet bedeit. Datt et nogewisen ass, datt et wierklech Fakt ass, dass déi medezinesch Fakten déi sinn, déi se sinn. Datt nogewisen ass, datt dat, wat op de Päck dropsteet: „nuit grave-ment à la santé“ oder „peut tuer“ oder wéi soss dropsteet, dat esou ass.

Et muss een dann d'Differenz maachen zwëschent zwou Kategorië vu Leit? Dat eent, dat sinn déi, déi selwer fëmmen an déi also dee Risque aginn. An déi aner Leit sinn déi, déi net fëmmen an déi awer heiansdo gezwonge gi mat ze fëmmen. Bei deene Leit, déi fëmmen, kéint een am Fong soen, dass déi dee Risiko op sech huelen, wann een e wéineg zynesch wier.

Et ass nogewisen, datt déi Krankheeten, déi entstinn, d'Krankekeesse vun alle Länner relativ staark belaaschten. Wat d'Sécurité sociale ubelaangt, kéint een ëmgekéiert natierlech och soen, datt déi Leit noweisbar zwëschen 6 an 8 Joer an der Moyenne manner laang liewen. Si entlaaschten also eis Pensiounskeessen. Relativ gesinn, géif déi Saach sech jo dann an deem Sënn ausgläichen. Mä esou eng Betruachtung kéint een nëmme maachen, wann een zynesch wier.

Wat elo hei d'Situatioun ubelaangt, ass et fir mech kloer, datt et ëm de Schutz vum Non-Fumeur geet. Dee Schutz vum Non-Fumeur muss awer dann assuréiert sinn. An ech wëll vläicht just eng Kéier kuerz hei an Erënnerung ruffen, wéi ech viru 5 oder 6 Joer fir d'éischt hei op der Bänk souz a wéi een duerch déi blo Luucht, duerch dee bloen Donst net méi op där anerer Säit gesinn huet. A wann ech dann owes no enger Sitzung heem gaange sinn, hat ech dann en décke Kapp nëmme vun Ärem Fëmmen. Et ware siwen oder aacht Leit, déi hei permanent gefëmmt hunn. Klammer zou. Et ass jo elo eng aner Situatioun. Wat d'Situatioun ubelaangt vun där Interdiction totale an

alle Gebaier vun der Gemeng, ënnerstëtzen ech déi total. An d'Argumentatioun, déi vum Här Hoffmann hei gebraucht ginn ass, huet awer e klengen Hick. Wann Dir sot, datt deen, deen a sengem Büro eleng sëtzt an do eleng fëmmt, kengem schuet, an et him duerfir misst erlaabt sinn, dat ze maachen, gëtt et awer e klengen aarbechtsrechtlechen Hick. Well wann dee bis fënnef Auer gefëmmt huet an dann ophält mat schaffen, muss een dohinner kommen, fir dee Büro ze botzen. Dat heescht, deen ass dann awer deem ausgesat, wat deen anere gefëmmt huet. Och doriwwer ginn et wëssenschaftlech Étuden, déi engem soen, datt e Raum, an deem gefëmmt ginn ass, nach zwou an eng hallef Stonn dono esou belaascht ass, dass et wierklech gesondheitsgefëierlech ass. Dat ass kee Witz, deen ech zielen. Dat si Moossungen, déi gemaach gi sinn. Dat si Fakten.

(Interruption par M. Hoffmann)

Jean Huss (Déi Gréng): Neen, dat ass Äre private Raum, Här Hoffmann. Et ass Äre Choix, an et ass de Choix vun deem, dee bereet ass, dat unzehuelen.

Et war beispillsweis virum franséische Conseil d'Etat d'lescht Joer folgend Situatioun: an engem Restaurant, wou se e Fumoir gemaach hunn, war de Garçon gezwonge ginn, an de Fumoir servéieren ze goen. Do huet dee refuséiert, dat ze maachen. Hien huet gesot: „ech si bereet, am normale Restaurant ze servéieren, mä ech sinn net bereet, an de Fumoir ze goen“. An hien ass awer vum Patron gezwonge ginn, do servéieren ze goen. Dee Mann ass da viru Geriicht gaangen an huet Recht kritt. Dee Mann huet Recht kritt an dee Restaurateur ass veruerteelt ginn.

Et ass esou, datt och déi Leit, déi esou Raimlechkeete botze mussen, aarbechtsrechtlech geschützt mussen ginn. An duerfir sinn ech mat där Argumentatioun net d'accord, ausser Dir kéint mer eng Léisung virschloen. Dir kéint soen, dee Beamten, deen an deem Büro sëtzt, botzt herno säi Büro selwer. Wann en dozou bereet wier, kéint een um Niveau vun der Reglementatioun an enger Administratioun esou Kompromësser diskutéieren. Mä jiddwerfalls ass et Fakt, datt d'Personal, dat herno botze goe muss, genau deem ausgesat ass, wat virun doranner gefëmmt ginn ass. An do geet et net

2. Loi relative à la lutte antitabac

drëm, Här Hoffmann, de Kapp ze rëselen. Dat ass esou.

Op anere Punkte sidd Dir soss jo awer bis elo de Kämpfer fir d'Aarbechtsrecht ëmmer hei gewiescht. Et ass jo eng Eier, dat ze maachen. Mä da musst Dir an där doter Situatioun Konsequenz beweisen. Och an deem dote Punkt. Duerfir ass et fir mech kloer, datt et ëm d'Protectioun vum Non-Fumeur geet. An déi muss an alle Froe geschützt ginn.

Ech gi jo net dovun aus, datt heibannen ee sëtzt, dee bewusst aner Leit dem Passiv-fëmmen géif ausetzen, obschonn e weess, wéi schiedlech d'Fëmmen an d'Passiv-Fëmmen ass. Dat kann ech mer bei kengem vun lech heibanne virstellen. An duerfir geet et wierklech ëm de Schutz vum Net-Fëmmert. An dee muss dann all ëmfaassend sinn. Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Et ass tatsächlech ganz vill gesot ginn. Ech wollt just op zwou Klenggekeiten agoen, déi esou net richtig waren.

Eng Dépendance ass net datselwecht wéi eng Enceinte. Eng Dépendance ass eng Gebailechkeet, en Niewegebai vun deem grouse Gebai. An eng Enceinte ass en Terrain. An den Terrain ass net abegraff. Esou steet et och am Gesetz.

Da wëll ech eng zweet Remarque maachen. Den Här Hoffmann läit net richtig, wann hie mengt, datt d'Zesummenaarbecht mat de Personaldelegatiounen duerch déi Décisioun, déi mir hei huelen, net méi noutwenneg oder hifälleg wier. De Contraire ass de Fall. An déi aner Gemengen hunn eis, opgrond vun deene Gespréicher, déi mer mat hinne gefouert hunn, dat och bestätegt.

Ech wëll just nach eng Kéier e Beispill widerhuelen, wat ech och scho bei der Presentatioun gesot hunn. Et stellt sech zum Beispill d'Fro, wou dobausse gefëmmt gëtt. A wéi laang dobausse gefëmmt gëtt. A wéini dobausse gefëmmt gëtt. A wéi d'Relatioun mam Chef de service sinn. An a wéiwäit de Chef de service maassgeeblech ass, fir mat de Fumeuren zesummen ze tranchéieren, wéini gefëmmt gëtt.

Déi éischte Kéier, wou mer zesumme waren, ass zum Beispill och folgend Diskus-

sioun opkomm: "Wéi ass et mat deenen, déi bis eraus eppes Klenges akafe ginn?" Da wier jo d'Geleeënheet do, fir och an engems déi Fro ze tranchéieren. Well do sinn der och dobäi, déi Abuse maachen. Et sinn anerer, déi maache keng. Et sinn anerer, déi maachen et iwwehhaapt net, well se fannen, dass een net an der Aarbechtszäit akafe goe soll. An déi Usiicht huet jo och eppes fir sech. Mä dat ass zum Beispill eng Fro, wou een d'Geleeënheet notze kann, fir déi an engems mat ze tranchéieren.

De Schäfferot huet zum Beispill eng Virdecisioun geholl, déi elo net hei drasteet. Mer wëllen d'Fumeure begleeden, wa se ophale wëllen. Wann d'Proposition vun den Delegatiounen beispillsweis kënnt, datt mer de Fumeuren hëllef sollen, hu mir gesot, dass mer Patche verdeele kënnen oder dass mer de Leit en Encouragement kënnen ginn, fir net méi Fumeur ze sinn.

Well mir sinn e Land, wou 70% net fëmmen. Et gëtt heiansdo diskutéiert, wéi wann et ëmgedréint wier. 70% vun de Leit hei am Land fëmmen net. Ech kennen dat zwar elo net auswenneg. Ech sinn net ganz gutt am Verhale vun de Chifferen. Mä ech kann lech just soen, datt déi 30%, déi fëmmen, net all weiderfëmmen wëllen. Et sinn der vill dobäi, déi vu sech aus soen, si wiere frou, wa se zu deene 70% gehéiere géingen.

Do si mir schonn der Meenung, dass et ganz vill Saachen ze diskutéiere gëtt. A mir hätten och déi Saache mat eisen Delegatiounen gären diskutéiert. Also sidd Dir am Iertum, wann Dir mengt, dass d'Mise en oeuvre vun der Décisioun, déi mer haut huele wäerten, net déi concernéiert, déi herno domadder eens musse ginn.

Dat nach just vläicht als Ofschloss. An da géing ech proposéieren, dass mer ofstëmmen. Dat, well déi lescht Virriedner all eenzel Punkte souwisou opgeworf hunn, déi de Schäfferot och nach eng Kéier opwäerfe wollt.

Conseillers présents:

Mme Becker – MM. Braz – Codello – Mme Hannen – Mme Hildgen – MM. Hinterscheid – Hoffmann – Huss – Jaerling – Knaff – Maroldt – Mme Mutsch – MM. Roller – Snel – Mme Spautz – MM. Tonnar – Weidig – Wohlfarth – Zwally

leur. Il faut qu'il soit cohérent avec lui-même. Aucun des conseillers présents ne voudra exposer quiconque aux effets nocifs de la fumée passive. Mr Huss n'a aucun doute que c'est la protection des non-fumeurs qui est visée dans les dispositions proposées par le Collège.

Lydia Mutsch (LSAP) souhaite apporter deux précisions. D'abord il ne faut pas confondre dépendance et enceinte. Une dépendance est une structure annexe au bâtiment principal. L'enceinte se réfère au terrain. Le terrain n'est pas inclus. D'autre part, Mr Hoffmann n'a pas raison de dire que la mise en œuvre de la décision votée par le Conseil n'exige pas la collaboration ultérieure avec les délégations de personnel. Il faut déterminer où les personnes pourront fumer à l'extérieur et pendant combien de temps. Dans quelle mesure le chef de service pourra-t-il décider ensemble avec les fumeurs de leur temps de cigarette? Lors des premières entrevues avec la délégation, la question a ainsi été élargie pour englober les cas où l'on sort du bureau pour acheter un petit quelque chose. La discussion autour du temps de cigarette sera ainsi une occasion de trancher également sur ce type de situations.

Le Collège échevinal a également pris une décision qui n'apparaît pas dans le texte soumis aux conseillers, celle d'accompagner les personnes qui voudraient arrêter de fumer, par exemple en distribuant des patches. 70% des habitants du pays ne fument pas. Parmi les 30% qui fument, nombreux sont ceux qui aimeraient arrêter. Le Collège est prêt à discuter avec les délégations de différents aspects allant dans le sens de cet encouragement à l'arrêt de la cigarette.

L. Mutsch propose de passer au vote.

(Vote)

4. PAP 5, rue Large 1^{er} vote: décision

Étant donné que le point 3 sera considéré en huis clos, L. Mutsch annonce le point 4 qui concerne le 1^{er} vote du PAP Rue Large. Elle donne la parole à l'échevin de la construction, Mr Hinterscheid.

Henri Hinterscheid (LSAP) rappelle qu'il a été décidé que le plan d'aménagement général pour le secteur urbanisé serait progressivement précisé par des plans de quartier. Des plans de quartier qui doivent fixer les gabarits, les hauteurs, les hauteurs de corniche, les profondeurs et d'autres données de construction. En attendant que ces plans de quartier soient établis, le règlement sur le secteur urbanisé a prévu en tant que mesure de protection une hauteur maximale de construction de R + 2 + e. Le Collège échevinal en tant que pouvoir public régulateur compte ainsi permettre la poursuite de l'activité de construction à Esch tout en empêchant des erreurs de construction. Le projet de construction concerne deux vieilles maisons au Breedewee à côté de la Librairie Diederich. L'une appartient déjà à la Commune. Dans le cadre d'une transaction, deux logements seront rétrocédés à la Commune qui les destina à des personnes à mobilité réduite. Au vu des contraintes réglementaires, le PAP est la seule solution pour permettre la réalisation de ce projet. Il s'agira d'abattre les deux anciennes maisons et de les remplacer par une structure qui s'intégrera harmonieusement avec l'immeuble Diederich et qui contiendra 11 appartements. Le nouvel immeuble sera construit à une hauteur de R + 5 + Retrait. Le Collège a envoyé le projet au ministère de l'Intérieur. Celui-ci n'ayant pas répondu endéans les trois mois réglementaires, le projet a été soumis au Conseil pour un 1^{er} vote. Entre-temps le ministère a donné sa réponse qui n'est pas un refus mais où il se réfère à différentes dispositions du PAG et notamment à la hauteur maximale R + 2 + un étage en retrait.

Le Conseil communal décide par 14 voix oui et 5 voix non, de prononcer l'interdiction totale de fumer dans tous les bâtiments, dépendances, cours d'écoles, véhicules et autres engins, de l'administration communale et invite le Collège des bourgmestre et échevins en collaboration avec les délégations du personnel à élaborer les dispositions qui s'imposent pour faire appliquer cette décision.

Ont voté par oui: Madame la Bourgmestre Mutsch, les échevins Braz, Hinterscheid, Spautz et Tonnar ainsi que les conseillers Becker, Codello, Hannen, Hildgen, Huss, Maroldt, Roller, Weidig et Zwally. Ont voté par non: les conseillers Hoffmann, Jaerling, Knaff, Snel et Wohlfarth.

4. PAP, 5, rue Large: 1^{er} vote: décision

Mir kéimen dann zum Punkt 4, well mer de Punkt 3 an de Huis clos huelen. Dat ass de PAP "Rue Large". Et ass den éischte Vote. An ech géing recommandéieren, dass eise Bauteschäffen eng Presentatioun vum Projet mécht, well et den éischte Vote ass, dee mer huelen. Här Hinterscheid, w.e.gl.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Merci, Madame Buergermeeschter.

Firwat stëmme mer am Breedewee elo e PAP? Eigentlech ass et jo nëmmen e Bauprojet. Ech wëll lech drun erënneren, dass mer festgeluegt hunn, dass mer eise Plan d'aménagement général fir de Secteur urbanisé progressiv duerch Plans de quartier präziséiere géingen.

Wat sollen déi Plans de quartier beinhalten? Déi Plans de quartier sollen d'Gabariten, d'Héichten, d'Corniche-héichten, d'Déiften a verschidde weider baulech Präzisioune beinhalten. Mir hunn als Mesure de protection an eisem PAG, an eisem Règlement iwwert de Secteur urbanisé, festgehalten, dass mer, à défaut vu Plans de quartier, während där Iwwergangszäit d'maximal Bauhéicht op R + 2 + e Retrait limitéiere géingen.

Firwat hu mer dat gemaach? Fir d'generell Bautätegkeet an Esch net ze stoppen, en attendant dass déi Plans de quartier prä-

ziséiert sinn. A gläichzäiteg évitéiere mer, dass potenziell Bausënne geschéien, déi een herno net méi redresséiere kann. Mer wëllen a mussen als Gemengerot an als Pouvoir public eng Kontroll doriwwer behalen.

Mir sinn do mat engem Projet konfrontéiert ginn, dee scho méi laang an der Mautsch war. Niewent der Librairie Diederich, am Breedewee, sinn zwee Haiser. Dat eent gehéiert eis. An am Rumm vun enger Transaktioun, kritt d'Gemeng herno an deem Projet och eng oder zwou Wunnengen rétrocédéiert. Déi Wunnenge gi Gemengewunnengen, déi präzis fir Personnes à mobilité réduite ausgeluegt ginn. Et ass also och fir eis e wichtege Projet. A mer haten eis do mat eiser reglementarescher Contrainte d'Foussaangel e bèsse selwer gesat. Do ass eis als eenzege Wee bliwwen, fir eraus ze kommen, dass mer de Wee vum PAP ginn. Eigentlech ass et eppes, wat an eisem Règlement normalerweise méiglech wär, wann de Plan de quartier bis fäerdeg wär.

Ëm wat geet et? Et geet dodrëm, fir déi zwee al Haiser, déi direkt un den Diderich stoussen, ofzerappen, an do en harmoneschen Iwwergank tëschent dem Gebai Diderich an deenen nächsten, déi am Breedewee sinn, ze maachen. Et sollen am Ganzen 11 Appartementer dra gebaut ginn. Dovu ginn der zwee fir Personnes à mobilité réduite ausgeriicht. Et sinn 8 Emplacementer dra virgesinn. An et ass eng Bauhéicht vun R + 5 + Retrait. Déi geet da progressiv erof, fir sech herno un déi aner Gebaier ze adaptéieren.

Mir haten de Projet och als Schäfferot un den Intérieur geschéckt. Nom neie Gesetz, huet den Intérieur dräi Méint Zäit. Hien huet innerhalb vun deenen dräi Méint net geäntwert. Do hu mer dann dem Gemengerot de Projet virgeluegt fir den éischte Vote. Mir hunn entretemps eng Prise de position kritt vum Intérieur, déi sech awer net mat dem Urbanistesche befaasst. Se ass och kee Refus. Se präziséiert einfach verschidden Dispositions réglementaires vum PAG a weist op den Artikel 19 vun eisem PAG hin, dass d'Hauteur admissible normale R + 2 + en Etage en retrait ass. Also dat wousste mer.

An et ass och aus deem Sënn an aus där Iwwerleeung eraus, datt mer dee PAP ge-

maach hunn. Mir hunn dat do och nach eng Kéier dem Intérieur präziséiert. Dat well et éischter e Mëssverständnis um Intérieur war. A mir hunn hinne schréftlech erkläert, dass dat u sech eng weider Präzisoun vun eisem PAG ass, en attendant de Plan de quartier. An deem Sënn ass et sécher e Projet, dee mer mat guddem Gewësse stëmme kënnen an deen och architektonesch an urbanisteschem eng Beräicherung fir de Bredeweë ass. Et ass och e Projet, dee gläichzäiteg engem weidere Besoin gerecht gëtt. Mer hunn nämlech da Gemengewunnengen, déi direkt fir Personnes à mobilité réduite gebaut sinn.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Hinterscheid. Et geet dann direkt lass mam Här Zwally.

André Zwally (CSV): Merci, Madame Buergermeeschter. Mir hunn u sech d'Diskussioun och an der zoustänneger Kommissioun gefouert gehat.

Mir hunn och gemengt, dass et e ganz flotte Projet ass. A mir wäerten och an deem Sënn dese PAP matstëmmen.

Allerdéngs hu mer awer eng Fro, déi sech stellt am Zesammenhang mat deem, wat d'Diskussioun an der Kommissioun war. Dat ass, dass et e Manktum vu Parkplaz gëtt, respektiv och vu Méiglechkeeten, fir den Auto garéieren ze kënnen. An do ass hei eis opgefall, dass mer als Gemeng op de Wee goe géingen, fir Abonnementer fir déi Leit proposéieren ze kënnen, déi am Prinzip dohinner wunne kommen.

Eis Fro un de Schäfferot ass déi, ob mer an Zukunft och op deeseweschte Wee ginn, wann esou PAPen an esou Constraints, wat d'Parkplazen ubelaangt, sinn. Well wat fir deen heite PAP zielt, ass, eiser Meenung no, och wichteg fir déi nächst PAPen, déi an deem Zesammenhang sinn, wann et an enger Zone ass, wou ee ganz einfach bezuele muss, fir sech do stationär ophalen ze kënnen. An deem Sënn ass dat d'Fro vun eis un de Gemengerot. An doriwwer eraus wäerte mer dann de PAP awer matstëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Zwally.

Et ass soss keng Wuertmeldung. Vlächgt gi mer awer nach eng Äntwert op déi Fro iwwert d'Parkplazen.

Den Här Weidig hat ech net gesinn. Hien huet elo d'Wuert. An dann äntwert den Här Hinterscheid.

Paul Weidig (LSAP): Eng ganz kuerz Bemierkung. Ech mengen, mir sinn eis bewosst, dass et sécher e ganz flotte Projet ass. Et ass e Projet, deen en harmoneschen Iwwergank schaaft zwëschent deem Eckgebaai an deem aneren.

Mä mir sinn eis alleguerte bewosst, dass mer net an där Héicht weiderfuere kënnen. Dat do ass en Iwwergank. An do wëll ech awer nach eng Kéier drop insistéieren, dass dat, am Fong geholl, net prinzipiell eng Applicatioun op der ganzer Rue Large fënnt. An et ass nëmmen ënner deene Konditiounen, dass ee mat esou engem Projet, dee sécher e ganz flotte Projet duerstellt, averstane ka sinn. Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Weidig. Dann den Här Hinterscheid.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Zu där Fro vum Här Zwally: et ass kloer, dass déi Oplag, déi an eisem Règlement général sur les bâtisses steet, dass een annerhalleft Emplacement muss hierriichten, vun eis applizéiert gëtt. An déi fuerdere mer och an all PAP. An et ass sécher déi, déi mer net duerch e PAP modifizéieren, well mer eis alleguerte bewosst sinn, dass mer Emplacements de parking am private Beräich brauchen. Also do kann ech lech berouegen. Dat wäerte mer net aboléieren. Dir gesitt jo och, dass mer eng Taxe agefouert hunn, wann Emplacementer net gemaach ginn. Dat, fir einfach de Promoteuren dat Argument ewechzehuelen, dass de Projet net méi kompetitiv wier, wa se eventuell mat e bësse méi opwennegen technesche Léisunge druegen mussen.

Zënter dass déi Taxe hannendrun als Dammoklesschwert steet, gëtt iwwerluecht, fir Lifter ze bauen. An op eng Kéier geet alles. Dat, well duerch d'Taxe hiren Acquéreur näischt dervun huet, währenddem wann e Lift gebaut gëtt, deen e bësse méi deier ass, dann huet en awer an Emplacement de parking, och wann et e bësse méi deier ass.

Zur Remarque vum Här Weidig: et ass ganz kloer, dass dat hei sech an d'Vuen

Le Collège a expliqué au ministère que ce PAP constitue une solution de transition en attendant l'établissement du plan de quartier. Il s'agit d'un projet qui contribuera à l'enrichissement architectural et urbanistique du Bredeweë.

André Zwally (CSV) mentionne que ce projet, qui a également été discuté au sein de la Commission compétente, recevra l'aval de sa faction. Au regard du manque de parking, la Commune semble être en position de proposer des abonnements aux personnes qui viendront habiter l'immeuble. Mr Zwally demande si la disposition, prise dans le cadre du présent PAP, sera également applicable pour les PAPs suivants qui concerneront des zones de stationnement payant.

Paul Weidig (LSAP) confirme que ce projet constituera une transition harmonieuse entre le bâtiment du coin et l'autre immeuble. Il est cependant clair qu'on ne pourra pas poursuivre en hauteur. Ce projet ne représente qu'une solution de transition qui ne sera pas applicable pour l'ensemble de la rue Large.

Henri Hinterscheid (LSAP) explique que la disposition du règlement général sur les bâtisses concernant l'aménagement d'un emplacement et demi sera incluse dans le PAP. Une taxe a été prévue dans le règlement pour le cas où la construction ne prévoit pas d'emplacements. Depuis l'introduction de cette taxe, les promoteurs trouvent des solutions pour intégrer à leurs bâtisses des ascenseurs et des emplacements de parking. En réponse à Mr Weidig, ce projet s'intègre à l'apparence future du quartier. Mais le PAP étant limité à cette parcelle de construction, la hauteur autorisée ne sera pas applicable au reste de la rue Large, pour lequel le service d'architecte a des vues très précises.

Lydia Mutsch (LSAP) propose de procéder au vote.

(Vote)

5. Accueil Papillon III: avant-projet sommaire et devis sommaire

L'échevin des bâtisses est invité à détailler le projet Papillon III qui s'inscrit dans les efforts de la Commune de créer des structures d'accueil.

Henri Hinterscheid (LSAP) rappelle que la Commune avait fait la réservation et l'acquisition du rez-de-chaussée dans le cadre du PAP St Joseph. Le financement avait même été prévu dans le budget en vue de l'acquisition des surfaces. L'avant-projet sommaire et le devis de parachèvement sont soumis maintenant au vote du Conseil. La Commune a fait l'acquisition du gros-œuvre fermé. Le projet consiste en une structure d'accueil avec une capacité de 109 enfants: 9 salles et les cuisines. Une cuisine de production sera intégrée en vue de la préparation de plats pour d'autres structures d'accueil. Le projet s'étendra sur 808 m² d'aménagement intérieur. Mais il faudra également aménager 800 m² de surface extérieure pour les aires de jeux. Le devis prévoit 780.000 euros pour les travaux de parachèvement. L'aménagement de la cuisine coûtera 170.000 euros. Si l'on ajoute les frais accessoires, les frais de publication, la TVA et les honoraires, on arrive à un total de 1.275.980 euros, montant repris dans l'avant-projet soumis au vote. Ce dossier est présenté avant les discussions autour du budget afin de gagner du temps et de faire en sorte que la structure soit opérationnelle pour l'année 2007-2008.

Mady Hannen (CSV) demande si la structure sera accessible à tous les enfants dès leur naissance.

intégréiert, wéi de Plan de quartier spéider ausgesi soll. Mä de PAP limitéiert sech ganz kloer op dës Parzell. Et ass also elo net déi ganz rue Large, déi an där doter Héicht virugoe soll. Do sinn och an eisem Service d'architectes ganz präzès Vuen. An dat hei ass eigentlech schonn als eng Anticipation op de Plan de quartier ze gesinn.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Gutt, da kéime mer zur Ofstëmmung.

Conseillers présents:

Mme Becker – MM. Braz - Codello – Mme Hannen – Mme Hildgen – MM. Hinterscheid – Hoffmann – Huss – Jaerling – Knaff – Maroldt - Mme Mutsch – MM. Roller – Snel - Mme Spautz – MM. Tonnar - Weidig – Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité et provisoirement le plan d'aménagement particulier 5, rue Large.

5. Accueil Papillon III: avant-projet sommaire et devis sommaire

Mer géingen dann nach ee Moment beim Bauteschäfte bleiwen, an zwar fir de Projet Papillon III. Dir wësst jo, dass mer kontinuierlech amgaange sinn, eis Accueil-Infrastrukturen auszebauen.

Mer weisen lech elo den APS, den Avant-projet sommaire an och den Devis sommaire, esou wéi dat muss sinn. An ech géing proposéieren, dass de Bauteschäftefen eis doriwwer informéiert.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Merci, Madame Buergermeeschter. Dir kënnt lech erënnere, dass mer an deem PAP St. Joseph de Rez-de-chaussée réservéiert a kaaft hunn. Mir haten och déi Gelder am Budget virgesinn, fir d'Acquisition vum de Surfacen zesumme mat engem Échange vum Terrainen ze maachen. Dat war schonn eng Kéier am Conseil.

Elo si mer mam APS konfrontéiert, also mam Avant-projet sommaire a mam Devis vum Parachèvement bannendran. Bis elo hu mer also d'Acquisition vum Gros-œuvre fermé gemaach. Mer mussen awer de Parachèvement maachen, fir dass en och accueillerecht ass.

Ëm wat geet et? Et geet drëm, fir do den Accueil vum 109 Kanner ze maachen. Mer wëllen en Accueil hierrichten, fir dass 109 Kanner do hébergéiert kënne ginn. Dat sinn am Ganzen 9 Säll mat den Accessoires a mat der Kichen. Et gëtt nämlech do och eng Cuisine de production fir den Accueil selwer ageriicht an och fir temporaire aner Accueille mat ze beliwieren. Am Ganze schwätze mer vun 808 Quadratmeter, wou mer am Bannenausbau mam techneschen Ausbau mussen hierrichten.

An da kommen awer nach eng Kéier eng ronn 800 Quadratmeter Ausseflächen dobäi. Mir hu jo och de ganze Rez-de-chaussée an d'ganz Terrass ronderëm kaaft, well mir keen Accueil ariichte kënnen, wou keng Méiglechkeete sinn, fir datt d'Kanner spille kënnen. Déi sinn och mat dra virgesinn.

De Resumé vum Devis ass, dass mir fir de Parachèvement – also d'Bauen an d'Hierrichten, de Buedembelag an d'techesch Installatiounen – ronn 780.000 Euro virgesinn. Fir den Aménagement vum der Kiche si ronn 170.000 virgesinn. An da kommen nach d'Bauniewekäschten, d'Frais de publication, d'TVA an d'Honoraires dobäi. Mir kommen also am Ganzen op en Devis vum 1.275.980. Et geet drëm, dësen Devis haut ze stëmmen an deen Avant-projet ze approuvéieren, fir dass en da virun an d'Instance goe kann.

Dir frot lech vläicht, firwat elo, wou mir esou kuerz virun de Budgetsdikussioun stinn. Et ass einfach, well et e wichtege Projet ass. A mir hunn ee sportlechen Délai, fir en am Joer 2007-2008 a Betrib huelen ze kënnen. Mir hunn en elo scho virgezunn. Mir wannen do vläicht nëmmen 3 Méint. Mä et sinn awer ëmmerhin 3 Méint, wou mir an der Approbatiounsprozedur gewannen, well en dann net um Koup mat all deenen aneren Devisë läit. An deem Sënn ass et d'Ëmsetzung an d'Fäerdegstellung vum deem, wou mir déi éischt Etapp scho gemaach hu mat der Acquisition vum de Lokaler.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): D'Madame Hannen, w.e.gl.

Mady Hannen (CSV): Madame Buergermeeschter, ech hunn nach just eng Fro, well ech mech net méi erënnere kann. Kënnen all Kanner vu Gebuert un dohin-

ner goen oder ass dat nëmme vum Pré-coce un? Ech weess dat guer net méi.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Nëmmen d'Schoulkanner.

Mady Hannen (CSV): Et steet jo lo do ‚Maison Relais‘. Nom Gesetz vun de Maisons Relais misst et jo vu Gebuert aus u sinn. Dat war déi éischt Fro.

Déi zweet ass am Fong eng Fro un den Här Hinterscheid. Wann herno 109 Kanner moies ‚ofgeliiwert‘ ginn, wou ginn déi Leit hin, déi hir Kanner mam Auto bréngen? Mir wësse jo alleguerten, datt keen eenzegt Kand herno zu Fous an déi Opfaangstruktur kënnt. Wou kënnen déi Leit stationéieren, fir hir Kanner moies ofzesetzen? Dat gëtt sécherlech e grouse Chaos an där Strooss, déi relativ schmuel ass.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Ech géing proposéieren, datt d'Madame Spautz vläicht op déi éischt Fro äntwert.

Schäffin Vera Spautz (LSAP): Fir op den éischte Punkt ze äntwerten: nom Règlement grand-ducal vum leschte Joer gëtt jo alles wat Accueil, Hausaufgabenhëllef oder Kantin an esou wieder ass, ‚Maison Relais‘ genannt.

D'Maisons Relais riichte sech u Kanner vun 0 bis 18 Joer. D'Services d'accueil fallen och elo ënnert Maisons Relais. Dat hei sinn déi Servicer, déi eis ënner Service d'accueil bekannt sinn. Ech wäert virun der Schouloorganisatioun och nach eng dozou Kéier Stellung huelen an déi aner Projeten nach virstellen.

Mer si jo elo amgaangen, eng Rei Services d'accueil dobäi ze maachen, fir dee Besoin op d'mannst ofgedeckt ze kréien, bis mer dann och parallel dozou fir Kanner vun 0 bis 4 Joer kucken. Dat hei ass elo reng fir d'Schoulkanner.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci Madame Spautz. Den Här Braz, w.e.gl.

Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG): Zu der Parkingsfro: et ass eng Voie mat Accès duerch d'Rue du Fossé virgesinn. Duerch d'Rue du Fossé fiert ee bäi, an et fiert een hannen eraus duerch de Breedewe. Et ass also eng Voie, wou d'Leit ‚Kiss and

drop‘ maache kënnen. Dat ass also virgesinn. Mer kréien do kee Problem.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Dann den Här Hinterscheid, w.e.gl.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Ech mengen, dat Meesch ass beäntwert.

Et ass esou, dass ee jo och awer d'Leit nach d'ärf incitéieren, d'Kanner zu Fous an den Accueil ze bréngen. Dat ass jo net verbueden. Et ass jo awer en Accueil, deen déi dräi Schoulen, déi do am Quartier sinn, ofdeckt. Mä déi ‚Kiss and drop-Lane‘ ass virgesinn, well de Parking handendrun ass.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Au Vote!

Conseillers présents:

Mme Becker – MM. Braz - Codello – Mme Hannen – Mme Hildgen – MM. Hinterscheid – Jaerling – Knaff – Maroldt – Mme Mutsch – MM. Roller – Snel – Mme Spautz – MM. Tonnar – Weidig – Wohlfarth – Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité l'avant-projet au montant de 1.225.980.- euros pour les structures d'accueil Papillon III.

6. Office social;

a. budget rectifié de l'exercice 2006; décision

b. budget de l'exercice 2007; décision

c. renouvellement d'un cinquième; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Mir kéimen dann zu 3 Punkten, wou eis Sozialschäffin direkt concernéiert ass. Fir d'éischt den Office social.

Schäffin Vera Spautz (LSAP): Merci, Madame Buergermeeschter.

Dir hutt de Budget rectifié fir den Exercice 2006 an de Budget fir den Exercice 2007 vum Office social virun lech leien. Am Rectifié vum Exercice 2006 hu mer an de Recetté 4.416.673,68 Euro. Déi selwecht Zomm gëllt och fir d'Dépenses. An am Budget vum Exercice 2007 sinn an de Recetten 4.531.673,68 Euro virgesinn. An

Lydia Mutsch (LSAP) répond qu'elle ne concernera que les enfants scolarisés.

Mady Hannen (CSV) mentionne que la loi prévoit cependant que les Maisons Relais sont destinées aux enfants dès leur naissance. Elle demande en deuxième lieu quelles dispositions seront prises pour permettre aux parents de déposer leurs enfants en voiture.

Vera Spautz (LSAP) explique que le règlement grand-ducal a englobé dans une seule dénomination ‚Maison Relais‘ les structures d'accueil, les aides pour les devoirs à domicile et les cantines. Les Maisons Relais sont destinées à des enfants de 0 à 18 ans. Les structures présentes se destinent à des enfants scolarisés. À l'occasion de l'organisation scolaire, d'autres projets seront présentés visant l'accueil des enfants âgés de 0 à 4 ans.

Félix Braz (DÉI GRÉNG) précise qu'une voie d'accès a été prévue via la rue du Fossé et le Breedewe. Les gens auront ainsi une voie pour le ‚Kiss and drop‘.

Henri Hinterscheid (LSAP) ajoute que les parents peuvent aussi décider d'amener leurs enfants à pied. Mais ils auront des places de parking pour le ‚Kiss and drop‘.

Lydia Mutsch (LSAP) propose de passer au vote.

(Vote)

6. Office social;

a. budget rectifié de l'exercice 2006; décision

b. budget de l'exercice 2007; décision

c. renouvellement d'un cinquième; décision

Vera Spautz (LSAP) se réfère au budget rectifié pour 2006 et au budget pour 2007 de l'Office social. Les recettes et dépenses pour 2006 s'élèvent à 4.416.673,68 euros. Pour 2007, le poste s'élève à 4.531.673,68 euros. Le subsidie de

la Commune pour 2007 est de 1.757.957,68 euros, et le bénéfice présumé de 2.849.184,97 euros. Le ministère de l'Intérieur exige que l'Office social présente toujours un bénéfice. L'Office social a cependant rencontré quelques difficultés, dues notamment à une absence prolongée pour cause de maladie de la dame responsable du contrôle. Ce contrôle est donc actuellement effectué en interne par la Commune. Il est nécessaire de réduire le bénéfice graduellement. Il n'y a aucune perte au niveau de l'Office social, au contraire. Mais il faut diminuer le bénéfice en accord avec le ministère.

Lydia Mutsch (LSAP) invite à passer au vote.

(Vote)

Elle propose de passer directement au point suivant concernant une convention.

Vera Spautz (LSAP) précise qu'il y a encore un point à considérer concernant l'Office social. Il s'agit de renouveler le mandat de Mme Landi Casali, qui vient à échéance le 31 décembre.

Lydia Mutsch (LSAP) propose d'approuver ce point d'abord en vote secret.

(Interruption)

Au premier coup d'œil, il semblerait que ce point doive être abordé en huis clos.

(Discussion générale)

(Vote)

17 fois oui et 2 fois non.

7. Convention avec l'asbl Centre d'études sur la situation des jeunes en Europe.

L. Mutsch annonce le point 7 concernant une convention. Elle passe la parole à l'échevin des affaires sociales.

deem stinn och déiselwecht Zomm un Dépensé géintiwwer.

De Subsid vun der Escher Gemeng fir 2007 mécht 1.757.957,68 Euro aus. Dir gesitt e Boni présumé vun 2.849.184,97. An ech hu virun engem Joer hei op dëser Plaz gesot, datt den Intérieur eis gesot hat, mer sollte beim Office social ëmmer e Boni stoe loosser. Dat, well een net weess, wéi sech d'sozial Situatioun entwéckele géif an op den Office social méi Geld benéidege géing.

Et ass awer esou, datt den Office social elo 'Problemer' hat. Déi Fra, déi de Contrôle vum Budget beim Office social maache soll, war laang krank. A mir hunn am Moment e Contrôle hei am Haus, deen den Office social kontrolléiert. Mir hu vun hinnen un d'Häerz geluet kritt, datt mer de Subsid, deen awer relativ héich ass, lues a lues, gemeinsam mam Office social, ofbaue sollten.

Mer stëmmen haut awer déi Zommen, esou wéi mir et ëmmer gemaach hunn a kucken iwwert déi nächst Joren, gemeinsam mat hinnen deen héije Boni lues a lues ofzebauen.

Um Office social geet kee Frang verluer. Am Géigendeel: de Subsid vun der Gemeng bleift deeselwechten oder en ass esouguer liicht méi héich. A mir maache mat hinnen zesammen an an Ofsprooch mam Intérieur lues a lues dee Boni e bësse méi kleng. Mä et wäert ëmmer e Boni bei hinne bleiwen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Madame Spautz. Ass eng Wuertmeldung do? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Au vote.

Conseillers présents:

Mme Becker – MM. Braz – Codello – Mme Hannen – Mme Hildgen – MM. Hinterscheid – Hoffmann – Jaerling – Knaff – Maroldt – Mme Mutsch – MM. Roller – Snel – Mme Spautz – MM. Tonnar – Weidig – Wohlfarth – Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité le budget rectifié pour l'exercice 2006 et le projet de budget pour l'exercice 2007.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Da fuere mer direkt viru mat der Konvention am nächste Punkt.

Schäffin Vera Spautz (LSAP): Neen, fir d'éischt fuere mer weider mam Office social.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Richtig. Dat ass de Punkt C. An dann eréischt kënnt den nächste Punkt.

Schäffin Vera Spautz (LSAP): Et geet ëm den Office social, wou e Fënneftel vum Mandat vum Büro erneiert muss ginn. Dat ass dës Kéier d'Madame Landy Casali. Hire Mandat kënnt den 31. Dezember zum Ofschloss. An de Büro vum Office social schléit eis vir, dee Mandat nach eng Kéier ze verlängeren. Ech géing lech bieden, deem zouzestëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Dann huele mer och déi Ofstëmmung vir, awer geheim.

(Interruption)

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Mir préiwen dat. Spontan héiert et sech un, wéi wann et och misst ënnert den Huis clos falen.

(Discussion générale)

Conseillers présents:

Mme Becker – MM. Braz – Codello – Mme Hannen – Mme Hildgen – MM. Hinterscheid – Hoffmann – Huss – Jaerling – Knaff – Maroldt – Mme Mutsch – MM. Roller – Snel – Mme Spautz – MM. Tonnar – Weidig – Wohlfarth – Zwally

Le Conseil communal procède par vote secret et nomme par 17 voix oui et 2 voix non, Madame Landy Casali, au poste vacant de membre de l'Office social.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): 17 mol Jo an 2 Neen. Domat ass dat dann an der Rei mat dësem Punkt.

7. Convention avec l'asbl Centre d'études sur la situation des jeunes en Europe

An da kéime mer awer zur Konvention, wou d'Wuert bei der Sozialschäffin bleift.

Informations pratiques

Adresses utiles

Hôtel de Ville

Place de l'Hôtel de Ville
L-4002 Esch-sur-Alzette
L'Hôtel de Ville et son
Biergeramt sont ouverts au
public du lundi au vendredi
de 07h00 à 18h00.
Tél.: 54 73 83 – 777
Fax: 54 73 83 – 750

Esch City Tourist Office

Place de l'Hôtel de Ville
Tél.: 54 16 37
Fax: 54 73 83 – 678
Lundi au vendredi
de 09h00 à 17h00

Justice de Paix

Place de la Résistance
L-4041 Esch-sur-Alzette
Tél.: 53 05 29/31
Fax: 54 57 39

Musée National de la Résistance

Place de la Résistance
L-4041 Esch-sur-Alzette
Tél.: 54 84 72
Fax: 54 29 27

Culture

Bibliothèque Municipale

26, rue Emile Mayrisch
L-4240 Esch-sur-Alzette
Tél.: 54 73 83 – 496/499

Horaires:

Lundi: 14h00-17h00
Mardi: 10h00-12h00
et 14h00-17h00
Mercredi: 13h30-17h00
Jeudi: 10h00-12h00
et 14h00-17h00
Vendredi: 15h00-19h00
Samedi: 10h00-12h00

Cinéma Ariston

9, rue Pierre Claude
L-4063 Esch-sur-Alzette
Tél.: 54 18 29

Conservatoire de Musique

50, rue d'Audun
L-4218 Esch-sur-Alzette
Tél.: 54 97 25
Fax: 54 97 31

Ouvert du lundi au samedi
de 08h00 à 12h00 et
de 14h00 à 18h00

Galerie d'Art au Pavillon Arcelor

Parc du Centenaire
Site Nonnewisen

Galerie d'Esch

35, rue du X Septembre
L-4320 Esch-sur-Alzette
Tél.: 26 53 04 04

Galerie «Art et Passion» Schortgen

121, rue de l'Alzette
L-4011 Esch-sur-Alzette
Tél.: 54 64 87
Fax: 53 05 34

Galerie Schlassgoart

66, rue de Luxembourg
L-4009 Esch-sur-Alzette

Kulturfabrik (Centre Culturel) (Cinéma Kinosch)

116, rue de Luxembourg
L-4221 Esch-sur-Alzette
Tél.: 55 44 93 – 1

Rockhal

5, avenue Rock-n-Roll
L-4083 Esch-sur-Alzette
Tél.: 24 555 – 1

Théâtre Municipal (Galerie d'Art + Galerie «Dada-cave»)

122, rue de l'Alzette
L-4011 Esch-sur-Alzette
Tél.: 54 73 83 – 481/482/508
Fax: 54 28 96

Ouvert du lundi au vendredi
de 08h00 à 12h00 et
de 14h00 à 18h00

Caisse et Réservation

122, rue de l'Alzette
L-4010 Esch-sur-Alzette
Tél.: 54 03 87 / 54 09 16
Fax: 54 73 83 – 650

La caisse du Théâtre est
ouverte de 10h00 à 12h00
et de 14h00 à 18h00, du
lundi au vendredi et de
14h00 à 18h00 le samedi.
La caisse du soir ouvre une
heure avant le spectacle.

Les Hôpitaux

Centre Hospitalier Emile Mayrisch

Rue Emile Mayrisch
L-4240 Esch-sur-Alzette
Urgences: 5711 – 1

Centre National de Radio- thérapie François Baclesse

Rue Emile Mayrisch (Centre
Hospitalier Emile Mayrisch)
L-4240 Esch-sur-Alzette
Tél.: 26 55 66 – 1
Fax: 26 55 66 46

Ouvert du lundi au vendredi
de 07h30 à 18h30

Clinique Sainte-Marie

7-11, rue Würth-Paquet
L-4350 Esch-sur-Alzette
Tél.: 57 123 – 1
Fax: 57 23 43

Clinique Vétérinaire

13, route de Mondercange
L-4247 Esch-sur-Alzette
Tél.: 57 35 53
Fax: 57 06 49

Les Bains du Parc (Piscine)

Place des Sacrifiés 1940-1945 Tél.: 26 53 13 – 53
Esch-sur-Alzette Fax: 54 73 83 – 618

Piscine

	Heures d'ouverture (en dehors des vacances scolaires)			Vacances scolaires
Lundi	07.00 – 08.00	11.30 – 14.00	16.00 – 21.45	08.00 – 21.45
Mercredi				
Vendredi				
Mardi	12.00 – 21.45			
Jeudi	12.00 – 21.45			
Samedi	08.00 – 17.45			
Dimanche	08.00 – 12.45			

Sauna

	Heures d'ouverture (en dehors des vacances scolaires)	Vacances scolaires	Vacances d'été (15.07. – 15.09.)
Lundi	11.30 – 21.45	11.30 – 21.45	16.00 – 21.45
Mercredi			
Vendredi			
Mardi	12.00 – 21.45	11.30 – 21.45	
Jeudi			
Samedi	08.00 – 17.45		
Dimanche	08.00 – 12.45		

Informations pratiques

Police Grand-ducale

Centre d'Intervention Principal d'Esch-sur-Alzette

Ouvert 24/24 heures 7 jours
de la semaine.

104, boulevard Kennedy
L-4002 Esch-sur-Alzette
Tél.: 49975-500

Fax: 49975-599

En tout cas d'Urgence: 113

Commissariats de Proximité

Esch-Nord

46, rue du Nord
L-4002 Esch-sur-Alzette
Tél.: 24454-200
Fax: 24454-299

Esch-Sud

104, boulevard Kennedy
L-4002 Esch-sur-Alzette
Tél.: 24458-200
Fax: 24458-299

Pour les enfants

Commission Scolaire

10, rue du Commerce
Tél.: 54 73 83 -
291/292/293/296

Hëllef fir de Puppelchen

9, rue Victor Hugo
L-4140 Esch-sur-Alzette
Tél.: 54 66 77 - 1
Fax: 54 66 77 - 33

Association de parents d'enfants mentalement handicapés (APEMH)

Centre Nossbiérg
L-4004 Esch-sur-Alzette
Tél.: 37 91 91 - 1
Fax: 37 16 96

Centre d'Education Différenciée

Route de Mondercange
L-4247 Esch-sur-Alzette
Tél.: 55 32 46 - 1
Fax: 57 39 10

Crèches et garderies

Nom	Adresse	Régime	Âges acceptés
Crèche Spillhaus Parc Laval Resp.: Malou Wersandt/ Arani Martine	Parc Laval, Rue Large L-4204 Esch-sur-Alzette Tél.: 55 83 29	Communale	18 mois à 6 ans
Foyer de Jour Cockerills Park Resp.: Liliane Lemmer	118-120, bd Kennedy L-4171 Esch-sur-Alzette Tél.: 53 11 90 - 1	Publique conventionnée	2 mois à 4 ans
Pipo Sàrl Resp.: Natacha Remackel	bd Hubert Clement L-4064 Esch-sur-Alzette Tél.: 57 28 83	Privé	2 mois à 6 ans
Foyer de Jour Snoopy House Resp.: Conny Feipel	117, rue de Luxembourg L-4221 Esch-sur-Alzette Tél.: 57 25 23 / 55 33 24	Privée	3 mois à 7 ans
En Härz fir eis Kanner Resp.: Carmen Schmit	40, rue de l'Hôpital L-4137 Esch-sur-Alzette Tél.: 57 11 69 700	Réservé aux enfants du personnel de l'Hôpital	0 an à 4 ans
Fir ons Kanner, garderiennes Fir ons Kanner, placement Resp.: Hélène Weber	73, rue J. P. Michels L-4243 Esch-sur-Alzette Tél.: 57 30 57 - 1	Ce service organise et surveille les placements d'enfants	
Garderie «D'Heemelmaus» Resp.: Sandra Da Silva Rosas	97, rue de l'Alzette L-4011 Esch-sur-Alzette Tél.: 54 42 45 - 201 garderie@ciglesch.lu	Uniquement garderie	2 ans à 8 ans
Escher Kannervilla	82, bd Kennedy L-4170 Esch-sur-Alzette Tél.: 54 26 96	Publique conventionnée	2 ans à 12 ans
De Butzeneck Resp.: Simone Neumann	150, rue Victor Hugo L-4141 Esch-sur-Alzette Tél.: 57 25 52	Privée	2 mois à 4 ans
Bëschcrèche	Ecole en Forêt Tél.: 26 54 05 56	Publique conventionnée	

Adresses des écoles de la Ville

Ecole	Rue et Code Postal	Téléphone
Brill, ancien bâtiment	Place de la Résistance L-4041	54 73 83 - 471 / 472 / 560
Brouch	Rue Michel Lentz L-4209	57 14 02 - 20 / 21 / 22 / 23
Rue Léon Jouhaux	Rue Léon Jouhaux L-4155	55 83 24
Place Jean Jaurès	Place Jean Jaurès L-4152	55 83 28
Dellhe'cht	Rue de l'Hôpital L-4137	54 73 83 - 464
Grand-Rue	Grand-Rue L-4132	54 96 97
Ancien Lycée	Montagne de l'Ecole L-4102	54 44 99
Neudorf	Sentier de Kayl L-4167	54 95 93 / 54 95 94
Aérodrome	Rue J. P. Pierrard L-4279	55 83 19
Lallingerdeich	Rue Henri Tudor L-4335	55 90 09

Ärzt Umweltamt informiert:

Igel gefunden? Was nun?

Natürlich ist es ein ehrbares Anliegen, Igel im Herbst und Winter zu helfen. Allerdings sollten Sie dabei einige Grundregeln beachten:

- Setzen Sie sich so schnell wie möglich mit einem Tierarzt oder einer Igelstation in Verbindung. Nur hier kann sachgemäß festgestellt werden, ob und welche Hilfe der Igel benötigt. Transportieren Sie den Igel in einem mit Löchern versehenen Pappkarton. Gesunde Igel müssen umgehend am Fundort(!) wieder frei gelassen werden.
- Igel sind keine Vegetarier. Geben Sie ihnen kein Obst zu fressen. Auch von Milch werden sie krank! Am einfachsten ist es, Sie geben ihnen zur schnellen Hilfe (salzarmes) Katzen- oder Hundedosenfutter. Trinken tun Igel frisches Wasser. Für eine längerfristige Verpflegung, informieren Sie sich bitte beim Tierarzt oder einer Pflegestation.
- Wollen Sie das Tier bei sich zuhause pflegen, so holen Sie sich fachkundigen Rat beim Tierarzt oder einer Igelstation. Lassen



Sie den Igel frei, sobald er gesund gepflegt wurde, außer er steht kurz vor dem Winterschlaf. Igel sind geschützte Tiere, keine Haustiere. Lassen Sie Ihren stacheligen Pflegling, falls möglich, am Fundort wieder frei. Ihr Tierarzt

oder eine Pflegestation gibt Ihnen zudem Ratschläge zur fachgerechten Auswilderung.

- Waschen Sie sich nach jedem Kontakt mit dem Tier gründlich die Hände. Ein pflegebedürftiger Igel ist in der Regel krank.
- Wollen oder können Sie dem Tier nicht selbst helfen, geben Sie es an eine Igelstation ab.
- Wollen Sie „Ihren“ Igel langfristig helfen, so können Sie sich an diese einfachen Regeln halten:
 - Schaffen Sie in Ihrem Garten unordentliche Ecken mit Reisighaufen oder Holzstapeln; pflanzen Sie Hecken.
 - Benutzen Sie in Ihrem Garten keine Gifte; lagern Sie keinen gefährlichen Müll (Glasscher-


ben, Stacheldraht, eben alles, was den Tieren Verletzungen zufügen könnte).

- Seien Sie vorsichtig beim Rasenmähen. Hier passieren die meisten Igeltragödien.

Weitere Informationen:

www.centredesoins.lu

www.pro-igel.de



Och interessant:

Trockene Luft

Tränende Augen, trockene Nasenschleimhäute, Kopfschmerzen und Müdigkeit können die Folge von zu trockener Luft sein. Gerade im Winter, wenn zu stark geheizt wird, kann dies zum Problem werden. Eine ideale Luftfeuchtigkeit in Räumen liegt bei 40-60%. Liegt sie darunter, sollten Sie etwas dagegen tun. Der Griff zum elektrischen Luftbefeuchter wäre allerdings der ungesunde Weg!

Wieso? Solche Luftbefeuchter verbrauchen viel Strom und können nicht unerhebliche Mengen an Keime an die Luft abgeben: Schimmelpilze und koloniebildende Bakterien.

Ein gesundes Raumklima ist aber glücklicherweise auch

auf ganz natürlichem Wege erreichbar: Heizung runter, öfters Fenster auf, Pflanzen (vor allem Hydrokultur-Pflanzen) ins Zimmer. Beim Lüften sollten Sie darauf achten, dass es sinnvoller ist, 15 Minuten intensiv zu lüften, als das Kippfenster permanent geöffnet zu haben.

Ideale Temperaturen:

- Wohnzimmer: 20 – 22°C
 - Esszimmer/Büro/
Kinderzimmer: 20°C
 - Badezimmer (nur wenn es benutzt wird): 22 – 24°C
 - Schlafzimmer: 15 – 18°C
- (Ein Grad weniger im Raum bedeutet 6% Energieersparnis.)

Und denken Sie dran: Auch eine zu hohe Luftfeuchtigkeit ist ungesund.

An ausserdem:

Wärmedämmung

Mittlerweile dürfte bekannt sein: Wer Heizkosten sparen will, muss dämmen. Bis zu 20% der Wärme gehen durch undichte Fenster und Türen verloren. Hier zeigen bereits kleine Verbesserungen eine große Wirkung: Dichtband an die Ritzen und Zugluftdackel vor die Tür.

Um die Dämm-Sünden ausfindig zu machen und die „unkontrollierte Lüftung“ zu beheben, reicht eine Kerze. Flackert die Flamme, muss abdichtet werden. Zusätzlich helfen Dämmplatten hinter den Heizkörpern und auf

den Rollladenkästen. Beim Bau sollte zudem darauf geachtet werden, dass die Heizungsrohre gut isoliert sind. Ein weiteres Problem sind so genannte Wärmebrücken im Mauerwerk, die für bis zu 40% des Energieverlusts verantwortlich sein können. Diese entstehen dort, wo Materialien unterschiedlicher Wärmeleitfähigkeit aufeinander treffen. Wurde beim Bau nicht darauf geachtet, Wärmebrücken zu vermeiden, so sollte mit Zellulosedämmstoffen Abhilfe geschaffen werden.

An hei fannt der eis:
SERVICE ECOLOGIQUE
4, rue de l'Église
Tél.: 54 50 40

Numéros utiles

Appel d'urgence	112
Police Grand-ducale Urgences	113
Aide Familiale	40 49 49
Alcooliques Anonymes	48 03 22
Centre Omnisport Henri Schmitz	55 26 48 21
Centre Oppen Dir (3, rue de la Montagne)	54 16 16
Fraentelefon	12344
Info-Handicap	366 466
Initiativ Rem Schaffen	250 249
Mobbing	49 94 24 888
Permis de construire (1, rue des Artisans)	54 73 83 – 316/317
Planning Familial (12, rue de l'Alzette)	54 51 51
Renseignement déchets/poubelles (4, rue de l'Église)	54 73 83 – 319/556
Services de Dépannage: - Antenne - Electricité, éclairage public - Eaux - Canalisation	499466-21 54 73 83 – 433 54 73 83 – 444 62 12 71 511
Service de la Sécurité Sociale (2, rue de l'École)	54 73 83 – 222/223
S.O.S. Détresse	45 45 45
Sucht-Telefon	49 60 99

Schäffin Vera Spautz (LSAP): Hei läit lech eng Konventioun vir zwëschent der Escher Gemeng an dem Centre d'études sur la situation des jeunes en Europe. Ëm wat geet et? Mir sinn amgaang, Dir wësst dat, um Jugendkommunalplang ze schaffen. Mir sinn amgaangen zu Esch eis Jugendforumen an de Véierel ze maachen. Ech erënneren direkt drun, datt mar den drëtte Jugendforum am Quartier Brouch stattfënnt. Domadder hu mer dëst Joer zwee Jugendforume gemaach: een d'lescht Joer am Brill, dëst Joer dann zu Lalleng an am Brouch. An d'nächst Joer dann zwee weiderer.

Parallel dozou maache mer eng Enquête hei zu Esch bei deene Jonken. Déi gëtt gemaach vum Centre d'études sur la situation des jeunes en Europe. An déi ass och schonn ugelaaf. Bei där Étude gi mer finanziell zur Hallschent vum Ministère de la Famille ënerstëtzt. Et dréint sech ëm eng Konventioun, wou jeeweileg d'Escher Gemeng an de Ministère de la Famille, oder soe mer de Ministère de la Jeunesse 10.327 Euro iwwerhuelen. Déi Étude ass fir eis ganz wichteg. D'Jugendforume sinn an de Véierel a mir errechen domadder en Deel vun de Jugendlech. Et geet eis awer drëms, Informatiounen ze kréien iwwert d'Gesamtsituatioun vun de Jugendlechen zu Esch. An déi Étude wennt sech u 4.600 Jugendlecher zwëschent 12 a 25 Joer.

Am Moment leeft am Süden eng Enquête, déi vun deemselwechte Centre organiséert ass. Fir Esch maache se e ganz detailléierte Projet. Dat géif eis dann och manner deier ginn, well mer eis mat drun ugehaangen hunn. Op d'mannst sechs Gruppendiskussiounen mat Jugendlecher fanne statt. Déi Leit ginn op Plazen, wou Jugendlecher sech ophalen. Si schwätzen och mat Vertrieeder, déi no oder wäit mat Jugendlecher ze dinn hunn. Dat ass vu Jugendhaus bis Jugendorganisatiounen, Assistenten an esou weider. Dat sinn also alleguerte Leit, déi mat Jugendlecher ze dinn hunn.

Mer hunn Zwëscheresultater virgestallt kritt. A mir erwaarden eis Enn Mäerz dann definitiv Detailler vun där Étude. Déi wäert och hei virgestallt ginn. An déi kënnt och parallel mat an déi Aarbechten, déi mer amgaange sinn ze preparéieren fir de Jugendkommunalplang insgesamt hei zu Esch.

Mer kënne dann och alleguerte déi Analysen an déi Suggestiounen virstellen, déi an de Jugendforume gemaach gi sinn, déi mer bis dohinner ofgeschloss hunn. An dodraus kënne mer dann de Jugendkommunalplang fir Esch entwéckelen.

Am Fong geholl gëtt et e flotte Moyen fir nach aneschters u Jugendlecher erunzkommen. E ganze Koup Theme ginn do abordéiert. Dat geet vun Aarbechtssituatioun iwwer Logementssituatioun, Fräizäitverhalten, Clique-Verhalten a Schoulen. An och ob se iwwerhaupt zefridde sinn iwwert d'Situatioun, déi hei zu Esch an der Gemeng ass, wat d'Angeboter, d'Accueille, d'Fräizäit, d'Kultur an esou weider ubelaangt. Ech denken, et wäert eng ganz spannend Saach sinn, wa mer dat heite virgestallt kréien. An ech géif lech och bieden, där Konventioun hei zouzestëmme.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Madame Spautz. Si Wuertmeldungen do? Den Här Jaerling, w.e.gl. An dann hunn ech den Här Hoffmann scho gesinn.

Aly Jaerling (Indépendant): Merci, Madame Buergermeeschter. Dir kënnt lech jo elo virstellen, dass ech erfreet sinn. Virun 11 Joer huet de sozialistesche Minister de Jugendkommunalplang mat sengen dräi Aktiounspläng an d'Liewe geruff. Virun 10 Joer hunn ech hei déi éischt Requête ageerecht, fir dee Jugendkommunalplang och an der Escher Gemeng ëmzesetzen. Se ass hin an hier geschribt ginn. Et ass versicht ginn, dat an d'Längt ze zéien. Se ass an d'Jugendkommissioun gaangen. Dann ass se erëmkomm. Dann ass se erëm eng Kéier an d'Jugendkommissioun gaangen. Ech hunn erëm eng Interventioun gemaach. Et ass verschleeft gi bis op d'Lescht. A mer stelle fest – an dat ass net eréisch säit elo, mä dat ass och net nëmme säit dem Traité –, dass bei der Jugend ee grouse Malaise ass, well se net gehéiert gi sinn. Dofir hu jo och 62% vun de Jugendlecher Neen zu deem Traité gestëmmt. Se haten nämlech Angscht ëm hir Zukunft. A wa gutt Initiativen agefouert ginn, ginn hei 10 Joer gebraucht, ier iwwerhaupt emol e Fanger kromm gemaach gëtt, fir se konkret ëmzesetzen. Dann dierf ee sech net wonneren, wann d'Jugend heiansdo op d'Strooss geet.

Mä ech begrëssen awer selbstverständlech déi Initiativ. Se ass wichteg, well se

Vera Spautz (LSAP) explique qu'il s'agit d'une convention entre la Commune d'Esch et le Centre d'études sur la situation des jeunes en Europe. Dans le cadre de l'établissement d'un plan communal pour la jeunesse, des forums sont organisés avec les jeunes dans les différents quartiers de la ville. Deux forums ont déjà eu lieu, au Brill et à Lalleng, et un troisième se tiendra demain au quartier Brouch. En parallèle aux forums, une enquête est menée auprès des jeunes par le Centre d'études susnommé. Cette enquête est financée conjointement par la Ville d'Esch et le ministère de la Jeunesse, chaque partie ayant à sa charge 10.327 euros.

Cette étude, qui porte sur 4600 jeunes âgés de 12 à 25 ans, permettra d'obtenir des informations sur la situation générale de la ville.

Ce même Centre effectue une autre étude dans le sud du pays. Pour Esch, l'enquête sera plus détaillée, mettant en jeu 6 groupes de discussion avec les jeunes. Les enquêteurs iront à la rencontre des jeunes là où ils se trouvent. Ils interrogeront les adultes en contact avec les jeunes, au niveau des associations et de la Maison des Jeunes. Les résultats définitifs de l'étude seront rendus en mars et exposées aux conseillers. Cette étude contribuera, ensemble avec d'autres actions, à l'établissement d'un plan communal pour la jeunesse à Esch. L'étude abordera toute une série de thèmes, le logement, les loisirs, le comportement en cliques, le sentiment des jeunes par rapport à leur ville et aux initiatives de la Commune.

Aly Jaerling (Indépendant) se réjouit particulièrement de ce moment, étant donné qu'il y a 10 ans il a formulé la requête d'un tel plan communal pour la jeunesse, tel qu'il avait été élaboré le ministre socialiste, avec ses trois plans d'action qui définissaient très clairement comment on peut aborder le conflit des générations.

Mr Jaerling déplore le manque de réactivité des différentes Commissions de la jeunesse qui ont fait traîner le dossier en longueur. Il a

donc fallu 10 ans pour concrétiser une action positive. Il est clair qu'il existe un grand malaise au sein de la jeunesse. Ce n'est pas pour rien que 62% d'entre eux ont dit non au Traité. Ils s'inquiètent de leur avenir. A. Jaerling cite en exemple la Commune de Differdange où le plan communal pour la jeunesse est en vigueur depuis six ans et où les jeunes de tous les âges sont éduqués dans le sens de la démocratie participative. Un conseil communal des jeunes a été créé qui est pris au sérieux par le Collège échevinal. Si on ne fait rien pour donner le sentiment aux jeunes que leurs opinions comptent pour la Commune, ils risqueront toujours de se faire manipuler et de sortir crier dans la rue, contre le 5611 par exemple, sans avoir aucune idée du fond du dossier. Dans le cas du 5611, la nécessité de bien expliquer les choses aux jeunes a été comprise seulement après les manifestations. Après le vote sur le traité constitutionnel, on a promis aux jeunes qu'on dialoguerait davantage avec eux. Et on a refait les mêmes promesses maintenant. Sur le terrain cependant, rien ne se passe. Il faut amener les jeunes à comprendre et faire l'expérience de la démocratie participative. Ceci ne semble pourtant pas avoir été la volonté de la majorité. On a toujours considéré comme accessoire l'opinion des jeunes. Il est à espérer que les récentes manifestations provoquent un changement de mentalité chez les responsables politiques. C'est en éveillant l'intérêt des jeunes dans la démocratie participative qu'on les prépare à devenir des citoyens responsables, capables de s'exprimer en connaissance de cause. L'étude doit déterminer si les jeunes connaissent le fonctionnement des institutions. Il faut faire prendre conscience, aux jeunes tout comme aux adultes, de l'importance d'un Conseil communal par exemple.

konkret eng Étude mécht, wou d'Problemer bei der Jugend leien a wat de Jugendlecher hir Suerge sinn. Dat ass awer eppes, wat scho virun 10 Joer hätt kënne geschéien, wann déi zoustänneg Jugendkommissioun hir Aarbecht gemaach hätt. A wann och déi Jugendkommissiounen dono hir Aarbechte gemaach hätten a konkret op deem Problem vum Jugendkommunalplang reagiert hätten. An déi dräi Aktiounspläng, déi do derbäi leien, definéiere ganz kloer, wéi ee mam Generatiounskonflikt ëmgoe kann an a wat fir eng Richtung ee goe muss, fir déi Jonk méi zu der participativer Demokratie ze bewegen.

Ech géif einfach mol higoen a soen, wann déi Étude scho gemaach gëtt, da solle mol déi Leit vun där Étude op Déifferdeng kucke goen, wéi fein dass dat funktionéiert. Do ass dee Jugendkommunalplang scho sechs Joer laang ëmgesat. An déi Jonk vun egal wéi engem Alter a souguer vum Primaire sinn un der participativer Demokratie bedeelegt.

Si hunn e Jugendgemengerot, wou déi Jonk zum Beispill iwwert den Ordre du jour vun de Gemengen matdiskutéiere kënnen. De Schäfferot sëtzt mat deene Jonken dobäi an diskutéiert. Dat soll och hei den Objektiv sinn. Mä et muss awer elo esou séier wéi méiglech ofgeschloss ginn, dass mer endlech Neel mat Käpp maachen. Mer müssen endlech och an déi Richtung goen. Mer müssen de Jugendlechen zumindest dat Gefill ginn, dass si wichteg sinn, dass si gebraucht ginn an dass si matdiskutéiere kënnen.

Dat ass dat, wat feelt. A wa mer net op dee Wee ginn, dann dierfe mer eis net wonneren, wa mer an Zukunft nach ëmmer méi Jugendorganisatioune fannen, déi op d'Strooss ginn. An da gëtt et och nach de Problem, dass déi Jugendlecher manipuléiert ginn. Et brauch een nëmmen ze kucken, wat beim 5611 geschitt ass, wou déi meescht Jugendlecher mol net woussten, ëm wat dass et gaangen ass. Déi hunn einfach do gejaut, datt dee 5611 vun der Strooss muss. Mä do ass Erklärungsbedarf.

Deen Erklärungsbedarf ass komm, no deem déi Jugendlecher sech manifestéiert hunn. An hei stellt sech einfach folgend Fro. De Minister huet sech erstaunt gewisen. Hien hätt am Fong net geduecht,

dass hien mat deene Jugendlechen dialogéieren sollt. No der Ofstëmmung iwwert den Traité constitutionnel sinn all déi Versprieche gemaach ginn, fir méi op déi Jugendlecher zouzegeen. Mä et ass nach ëmmer näischt geschitt. An elo ginn erëm eng Kéier déiselwecht Versprieche gemaach.

Mä um Terrain geschitt effektiv näischt. An ech soen lech dann awer, datt et just do ass, wou déi Jugendlecher am Fong eng éischt Approche zu der participativer Demokratie kréie sollen. Do ass Handlungsbedarf. Dofir muss mer dat hei esou schnell wéi méiglech ëmsetzen.

Mir hätten dat scho laang ëmgesat kënnen hunn, wa wierklech de Wille vun der Majoritéit do gewiescht wier, fir dat ze maachen. Mä, menger Meinung no, war de Wille einfach net do. Dat, well och déi Majoritéit hei déi Jugendlecher ëmmer e bëssen als niewesächlech ugesinn huet. D'Meenung vun de Jugendlecher ass als secondaire ugesinn ginn. Dat war de Problem.

Déi Jugendlecher hu sech awer elo manifestéiert. An ech hoffen, dass et elo endlech och an de Gemengen, an de Käpp vun de politesch Verantwortlechen, zu engem Mentalitéitswiessel kënn. Se sollen déi Jugendlecher eescht huelen an hinnen d'Méiglechkeet ginn, fir un der Demokratie ze participéieren. An ech géif mengen, datt mer dann eng Rei Problemer geléist kréien. An da baue mer eis Jugend och op, fir spéider och wierklech verantwortungsbewusst Bierger ze ginn, déi vun Ufank u geléiert ginn, mat ze denken. An och mat ze hëllef, d'Entscheidung ze treffen an iwwert déi Décisiounen, déi getraff sinn, ze iwwerleeën. An da sinn et och spéider Bierger, déi sech effektiv och en connaissance de cause äussere kënnen. Se kennen dann och eis Institutiounen.

Dat ass och e Problem, well vill Jugendlecher guer net wëssen, wéi eis Institutioune funktionéieren. Se wësse mol net, wéi e Gemengerot funktionéiert oder firwat, dass e Gemengerot iwwerhaapt do ass. An där Étude müssen och déi Froen de Jugendlecher gestallt ginn. An et muss och opgrond vun deene Froen, déi elo gestallt ginn, Äntwerte gesicht ginn, fir deene Jugendlecher och d'Institutioune méi no ze bréngen an hin-

nen och d'Wichtigkeet vun engem Gemengerot ze erklären.

De Gemengerot gëtt jo souguer bei Erwuessenen heiansdo net fir richtig eescht geholl. Mä mer mussen awer eng Kéier erklären, dass dat eng wichtig Institution ass. Jidderee soll do mat participéieren a besonnesch déi Jonk. An dann hu mer déi Problemer do an Zukunft géleist.

Dofir soll dat hei esou schnell wéi méiglech gemaach ginn. Et ass eng gutt Initiative a se soll esou schnell wéi méiglech ëmgesat ginn. Dann hu mer eppes geschafft.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Jaerling. Dann den Här Hoffmann.

André Hoffmann (DÉI LÉNK): Madame Buergermeeschter, ech géif mer wënschen, dass d'Resultat vun där Étude och dozou bäidroen géif, déi onsäglech Aussoen ze widderleeën, déi an deene leschte Woche vu verschiddene Politiker iwwert déi Jugendlech am Allgemenge gemaach gi sinn.

Ech begréissen och déi Konvention hei. Éischtens, ass et effektiv wichtig, wann ee konkret Mesuren ergräife wëll, dass een eng objektiv Recherche mécht vun engem héijen Niveau iwwert d'Situatioun, wéi se besteet. Déi soll net nëmmen aus Statistike bestoen. Dat ass jo och hei esou virgesinn: Se soll och aus enger qualitativer Analys bestoen, wou déi Jonk selwer zu Wuert kommen. Déi Jonk sollen d'objektiv Situatioun, och wéi se se subjektiv erliewen duerstellen.

Duerfir fannen ech et ausgezechent, dass och d'Uni Lëtzebuerg sech un deem Projet bedeelegt. Dat ass e Beispill, wéi een an enger Gemeng eng Recherche organiséiere kann, déi dann och zu konkrete Resultater féiere kann.

Ech wéilt awer nach eng Remarque maachen. Ech géif dem Schäfferot oder der Ressortschäffin roden, deene Leit ze soen, déi déi Étude hei ëmsetzen, datt se net onbedéngt d'Rad nei erfanne mussen.

Se sollten och den double emploi vermeiden. Wann do nämlech steet, "description de la structure socio-démographique de la commune", da wësse mer, dass mer

schon eng ganz Rei vun Donnéeën hunn, déi natierlech a verschiddene Punkten à jour gesat kënnen ginn oder och à jour gesat solle ginn.

Et ass net ëmmer méiglech, well eis rezent Donnéeën net ëmmer zur Verfügung stinn. Dir wësst, dass dee Rapport social deemools haaptsächlech op dem Recensement vun 2001 berout huet. Wann iwwerhaapt nach e Recensement kënnt – dat ass jo nach guer net esou sécher – da kënnt deen eréischt 10 Joer dono, dat heescht 2011. Mä déi Donnéeën, déi mer zur Verfügung hunn, sinn awer eng gutt Basis, fir an deem Sënn weiderzefueren.

Selbstverständlech muss esou eng quantitativ a qualitativ Bestandopnam – well dat ass et jo – dozou dëngen, fir dann och konkret Mesuren doräuser ofzeleeden. An ech hoffen, datt de Schäfferot dat och net anescht gesäit. Déi konkret Mesuren mussen dann am Kader vun deem Jugendplang optauchen.

An do wëll ech nach eng Kéier dat ënnersträichen, wat den Här Jaerling scho gesot huet. D'Participatioun vun de Jugendlechen ass net nëmmen immens wichtig bei der Étude selwer, also bei der Bestandsopnam, sondern och herno bei der Ëmsetzung, am Sënn vun deene Forummen, déi mer ugefaangen hunn an déi jo elo weidergefouert ginn. D'participativ Demokratie ass also net nëmmen immens wichtig bei deenen Erwuessenen, sondern och bei deene Jugendlechen. Da kréie se och eng gewëssen Übung an eng gewësse Motivatioun am Beräich vun der participativer Demokratie.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Hoffmann. Sinn nach aner Wuertmeldungen do? Den Här Weidig, w.e.gl.

Paul Weidig (LSAP): Ech mengen, et ass deem, wat elo grad den Här Hoffmann gesot huet, net méi vill bäizefügen. Hien huet eng ganz gutt a präzis Ausso zu där Étude gemaach.

Wichtig – an ech widerhuelen, wat hie scho gesot huet – ass natierlech déi aktiv Participatioun vun deene Jugendlechen an zwar opgrond vun enger Étude, déi souwuel de quantitativen, wéi och de qualitativen Beräich vun der Jugend, erfaasst.

André Hoffmann (DÉI LÉNK) espère que l'étude servira à démontrer les déclarations inacceptables que différents hommes politiques ont faites dernièrement au sujet des jeunes en général. La convention est à saluer comme une mesure concrète pour comprendre la situation réelle. L'étude ne doit pas seulement porter sur des statistiques, elle doit aussi comporter une analyse qualitative. Il faut arriver à établir une vision objective sur base des déclarations subjectives des jeunes. C'est excellent que l'Université de Luxembourg soit impliquée dans l'étude. A. Hoffmann conseille à ceux qui effectueront l'enquête d'éviter des doubles emplois. Différentes données ont déjà été recueillies qui ne nécessitent qu'une mise à jour, comme les informations sociodémographiques contenues dans le Rapport social établi sur base du recensement de 2001. Cette étude constituera une mesure de la situation réelle qui devra conduire à des actions concrètes. Il est important de susciter l'intérêt des jeunes non seulement envers l'étude, mais aussi par après dans la mise en œuvre d'actions concrètes, visant notamment l'éveil à la démocratie participative.

Paul Weidig (LSAP) souligne l'importance de la participation active des jeunes à l'étude afin de déterminer leur sentiment réel par rapport à la commune et au pays où ils vivent. Les conseillers devront être tenus au courant des mesures concrètes qui découleront de l'étude, et éventuellement pouvoir participer dans leur mise en pratique.

Vera Spautz (LSAP) fait remarquer que quand A. Jaerling a introduit sa requête il y a dix ans l'actuelle majorité n'était pas au pouvoir. Depuis l'an 2000, le Collège échevinal a cherché à établir un plan communal de la jeunesse en collaboration avec la Commission de la jeunesse. Ce plan a entre-temps été remanié par le ministère de la Famille sur base des expériences faites. La préparation du questionnaire et des forums jeunes est faite par un groupe de travail qui intègre les présidents des Commissions communales. On a fait attention à éviter les doubles emplois, en tenant compte des données déjà établies (rapport social, étude sur les jeunes non qualifiés). Toutes les conclusions de l'étude devront permettre au Collège échevinal d'élaborer un plan communal pour la jeunesse, en collaboration avec les jeunes. Les jeunes considèrent parfois que les forums sont comme une lettre au Père Noël. Certaines associations s'interrogent, avec raison, sur les suites données à leurs requêtes très précises. Il s'agira également de déterminer la situation sociale des jeunes. Ainsi le forum à Lallange a mis en évidence l'inquiétude des jeunes au sujet de la violence à l'école et au sujet de leur avenir.

Un représentant du Collège échevinal sera toujours présent à ces forums, afin de prendre en considération les requêtes explicites des jeunes et également de ce qui est exprimé 'entre les lignes'. Les jeunes ont manifesté dans les rues contre un projet précis, mais ils ont également exprimé leurs angoisses par rapport à leur avenir. Le forum qui se tient demain prendra une forme nouvelle. Dès le début, on essaiera de faire comprendre aux jeunes qu'ils sont pris au sérieux, en leur remettant par exemple un document écrit ou une disquette qui fera le point sur les différentes doléances qu'ils ont présenté aux responsables communaux. Les jeunes seront impliqués aussi bien dans l'étude et les forums que dans les travaux de préparation du plan communal pour la jeunesse.

Et ass wichtig ze wëssen, wéi se d'Situatioun vun der Jugend gesinn, esou wéi se sech am Abléck hei an Esch, awer och douds'écher am ganze Land, stellt. An ech wier och frou, wa mer herno iwwer déi Mesuren, déi ergraff sinn, hei informéiert kënnen ginn. An och dass mer kucken, a wat fir enger Form, dass mer och eventuell aktiv un där Ëmsetzung participéiere kéinten. Et ass also nach eng Kéier wierklech eng guut Konventioun am Intérêt vun eiser Jugend, déi jo leschten Endes och eis Zukunft ass. Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Weidig. Madame Spautz, géint Dir dorobber äntwerte wëllen?

Schäffin Vera Spautz (LSAP): Den Här Jaerling huet gesot, dass dee Jugendkommunalplang scho virun 10 Joer an d'Liewe geruff ginn ass. Do souze mir awer nach net hei. A mir hu vun 2000 u probéiert, op enger Rei Niveauen, mat der Jugendkommissioun zesummen, e Jugendkommunalplang ze entwéckelen. Dee fänkt mëttlerweil och un, en anert Gesiicht ze kréien, och wat de Ministère de la Famille ugeet, déi amgaange sinn, sech lwwerleeungen ze maachen, fir Ännerunge virzehuelen aus Erfahrungen, déi gemaach gi sinn.

D'Preparatioun vun deem Questionnaire a vun deene Jugendforume fannen a Gesprécher an engem Groupe de travail jeune statt. Dee fonctionnéiert hei intern an der Gemeng mat Présidente vun de Kommissiounen. Dat sinn ënner anerem d'Présidentin vun der Jugendkommissioun, d'Présidentin vun der Chancëgläichheetskommissioun, vun der Schoulkommissioun an esou weider. Si organiséiere Jugendforume mam Ministère. Et ass also e Grupp, deen do ganz staark drop geschafft huet.

D'Ausschaffe vum Questionnaire ass zesumme mat deene Leit gemaach ginn. An et ass och drop berücksichtegt ginn, dass mer schonn Informatiounen hunn, ënner anerem och vum Rapport social, wou een net Double emploie maache soll.

Wat déi Étude iwwert déi 'jeunes non qualifiés' zu Esch ubelaangt, déi elo kierzlech op den Assises sociales virgestallt ginn ass, hu mir e ganze Koup Material schonn do leien. Mer kënnen mat deem schaffen a mer kënnen dat mat integréieren,

fir ganz kloer Double emploien an dëser Saach ze vermeiden. All déi Informatiounen – an et sinn der jo relativ vill, déi mer mëttlerweil zesumme gesammelt hunn – sollen herno hei virgestallt ginn. Si solle mam Gemengerot zum Jugendkommunalplang mat de Prioritéiten dann ausgeschafft ginn, natierlech mat deene Jonken zesummen.

Wann ech gesot hunn, dass mar deen nächste Jugendforum um Brouch ass, esou huet och do schonn eng Ännerung an der Organisatioun stattfonnt. Dat, well mer gemierkt hunn, dass esou Jugendforume vu Jonken heiansdo och e bësse wéi e Wonschbréif un de Kleeschen ugesi ginn. Verschidde Gruppen, déi sech vläicht ëm Fräizäit oder Sport bekëmmert hunn, hunn zum Beispill gesot: „Hei feelt e Goal fir Fussball ze spillen. Oder hei feelt e Terrain fir Basket“. Déi Froe si berechtigt.

Op där anerer Säit geet et awer och drëm, eng sozial Situatioun vu Jugendlecher ze kucken, wou zwëschent deem, wat se engem matdeelen, eng ganz Rei Remarquë kommen. Ënner anerem ass zu Lalleng d'Zwëscheremarque komm, dass si Angscht virun der Gewalt an der Schoul hunn. Si hunn Angscht virun der Zukunft. An et géllt immens staark unzefänken, op deem ze schaffen an dat eescht ze huelen.

Duerfir wäerte mer et mar déi éischte Kéier esou organiséieren, dass Verrieder vum Schäfferot – ech wäert vun Ufank u mat dobäi sinn – op verschidde Projete matschaffe kënnen. Mer musse kucken, dass déi Demanden, déi gerechterweis un de Schaffen- an un de Gemengerot gemaach ginn, awer och déi Saachen, déi zwëschent den Zeile genannt ginn, berücksichtegt ginn. A mer mussen dann deementspriedend och awierken.

Ech kann och nëmmen dat, wat den Här Jaerling an den Här Hoffmann gesot hunn, ënnerstëtzen. Déi Jugendlech sinn op d'Strooss gaangen, wéinst engem konkrete Projet. Dat ass kloer. Mä hannendru stécht jo eppes ganz anescht. An dat kréie mir elo schonn an den Äntwerten an och an de Jugendforume matverméttelt. Hannendru sinn och Ängschten, wat d'Zukunft a wat de Logement ugeet. Et kënn eng Uni heihinner, wou bleiwe mir? Et sinn also eng ganz Rei Froen, déi opge-

8. Hébergement et accueil de jour pour personnes adultes

worf ginn. An dofir leeft dee Jugendforum mar ënnert enger neier Form of, wou mer och probéieren, dat eescht ze huelen, wann um sechs Auer dann d'Leit alleguerten do sinn. Mer wäerte versichen, deene Jonken och direkt eppes an de Grapp ze ginn, wat d'Fuerderungen ubelaangt, déi se eis gestalt hunn. Dat kann e Schrëftstéck oder eng Disquette sinn. Sou datt se wëssen, wat hir Doléancen un eis waren a wat mir herno domadder maache wëllen a maache wäerten. D'Participatioun vun de Jugendlecher ass enorm wichteg. A mir probéieren dowéinst ebe mar dat doten och ze änneren. A si begleeden dee Grupp mat deene Jonke selwer. Déi begleeden eis dauernd an eisen Aarbechten, elo och an deem Groupe de travail an der Gemeng, wat dee Jugendkommunalplang an déi Jugendforumen ugeet. An déi Enquête ass mat hinnen zesumme gemaach ginn. Se berücksichtegt och alleguerten déi Doléancen, déi si hunn, datt mir déi och eescht huelen.

An ech kann eigentlech och nëmmen deem zoustëmmen, datt déi Jonk op d'Strooss gaange sinn. Ech fannen et gutt, wann déi Jonk op d'Strooss ginn a sech déi Méiglechkeet huelen, hir Meinung auszedecken. Mir wëllen hinnen d'Méiglechkeet ginn, hir Doléancen, hir Ängschten an och hir Fuerderungen un eis stellen ze kënnen. Dee ganzen Dossier wäert hei am Gemengerot presentéiert ginn. Ech ginn elo mol dovunner aus, datt dat an der zweeter Halschent vum nächste Joer wäert sinn. Dann hu mer alleguerten d'Informatiounen zesummen an dat Ganzt an en Dossier gemaach.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Madame Spautz. Da kéime mer zur Ofstëmmung.

Conseillers présents:

Mme Becker – MM. Braz – Codello – Mme Hannen – Mme Hildgen – MM. Hinterscheid – Hoffmann – Huss – Jaerling – Knaff – Maroldt – Mme Mutsch – MM. Roller – Snel – Mme Spautz – MM. Tonnar – Weidig – Wohlfarth – Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité la convention entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et l'association sans but lucratif «Centre d'Études sur la Situation des Jeunes en Europe».

8. Avenant à la convention des services d'hébergement et d'accueil de jour pour personnes adultes

Mir kéimen dann zum Avenant. Madame Spautz, w.e.gl.

Schäffin Vera Spautz (LSAP): Dës Kéier geet et ëm den Avenant zu der Konvention vum Foyer de nuit an der Kanalstrooss. Dir wësst, datt mer decidéiert hatten iwwert de Wanter ewech de Foyer esou laang opzeloossen, bis mer den definitive Foyer gebaut hunn. Dee soll an d'Entrée vum Neiduerf kommen.

Mer hunn iwweregens scho Kontakt opgeholl mam Interesseveräin vum Neiduerf, deen elo permanent informéiert wäert ginn, wat do fir e Projet entsteet. Mer wëlle se an déi Aarbechte mat abannen. Enn Januar wäert och eng grouss Informatiounsversammlung hei an der Gemeng sinn, fir dee ganze Quartier dodriwwer ze informéieren.

Dat heiten ass en Avenant, deen nach net vum Ministère un eis geschéckt gi war. Et geet ëm d'Finanzéierung bis um Enn vum Joer vun deenen zwee Posten, déi se eis zur Verfügung gestallt haten. Et geet also ëm d'Verlängerung vun deenen zwee Posten.

Ech muss awer och nach eng Kéier betounen, datt mer ab August – dat hate mer jo, mengen ech, am September am Gemengerot – vun hinnen e weidere Poste zur Verfügung gestalt kritt haten. Dat, well en op enger anerer Plaz zevill war a mir en dréngend gebraucht hunn. Zousätzlech huet d'Gemeng e 40-Stonnet-Poste selwer geschaf. Dat heiten ass also den Avenant zu deenen zwee, déi mer am Ufank haten.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Au vote!

Conseillers présents:

Mme Becker – MM. Braz – Codello – Mme Hannen – Mme Hildgen – MM. Hinterscheid – Hoffmann – Huss – Jaerling – Knaff – Maroldt – Mme Mutsch – MM. Roller – Snel – Mme Spautz – MM. Tonnar – Weidig – Wohlfarth – Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité l'avenant à la convention entre la

V. Spautz juge salutare le fait que les jeunes sont sortis dans la rue pour exprimer leur opinion. Le Collège veut donner aux jeunes la possibilité de lui faire part de leurs doléances, peurs et requêtes. Le dossier complet devra être présenté au Conseil communal dans la deuxième moitié de l'année.

Lydia Mutsch (LSAP) invite les conseillers à procéder au vote.

(Vote)

8. Avenant à la convention des services d'hébergement et d'accueil de jour pour personnes adultes

L. Mutsch rend la parole à V. Spautz.

Vera Spautz (LSAP) présente l'avenant à la convention du foyer de nuit dans la rue du Canal. Elle rappelle qu'il a été décidé de garder ce foyer ouvert pendant l'hiver en attendant la construction du foyer définitif à l'entrée de Neudorf. Le Collège a déjà pris contact avec l'association d'intérêt local qui sera constamment tenue au courant de l'évolution du projet. En janvier, une réunion publique d'information sera organisée à l'intention du quartier. Le présent avenant concerne le financement jusqu'à la fin de l'année de deux postes qui ont été initialement mis à disposition de la Commune par le ministère. Il n'englobe pas le poste additionnel que le ministère a fourni en septembre, vu qu'il était en sureffectif à un autre endroit et que la Commune avait urgemment besoin d'un poste supplémentaire.

Lydia Mutsch (LSAP) propose de passer au vote.

(Vote)

9. Règlement communal concernant le service de taxi

L. Mutsch passe la parole à l'échevin des taxis.

Félix Braz (Déi Gréng) explique que le vote de juin doit être réitéré, car il manquait l'avis préalable du médecin inspecteur. Les instances gouvernementales ont cependant promis qu'elles approuveraient directement le règlement. F. Braz demande aux conseillers de signer après la séance le document préparé par le secrétaire en vue de son envoi rapide auprès du ministère et de l'entrée en vigueur du règlement au 1er janvier.

(Vote)

10. Relevé et rôle des taxes à percevoir pour stands de taxis, exercice 2006

Le point 10 concerne le relevé et rôle des taxes du 2e semestre pour les stands de taxi, portant sur un montant de 12. 337,50 euros.

(Vote)

11. Décomptes des départements des services industriels, travaux municipaux et service informatique

L. Mutsch demande aux conseillers d'approuver les différents décomptes.

(Vote)

Ville d'Esch-sur-Alzette et le Ministère de la Famille concernant les services d'hébergement et d'accueil de jour pour personnes adultes – année 2006.

9. Règlement communal concernant le service de taxis

Da komme mer zum Punkt 9. An do geet d'Wuert un de Verkéiersschäfte fir d'Taxien.

Schäfte Félix Braz (DÉI GRÉNG): Mir mussen dee Vote widerhuelen, dee mer am Juni gemaach hunn, well mer vergiess haten, den Avis préalable vum Médecin inspecteur dobäi ze leeën. Dee läit elo an Ärem Dossier, sans objection. Mir kënnen also ouni Ännerungen dat Taxisreglement nach eng Kéier stëmmen.

Mir hunn awer vun de staatlechen Instance versprach kritt, dass se eis et direkt approuvéiere géingen. Duerfir wiere mer och frou, wann Dir um Enn vun der Sëtzung nach bleiwe géingt, fir d'Délibération vun eisem Sekretär direkt ënnerschreiwen ze kënnen. Da geet dat haut nach an d'Stad, well mir et awer wëllen, wéi geplangt, op den 1. Januar a Kraaft triede loossen.

De Stat huet eis, wéi gesot, versprach, dat direkt erëm ze approuvéieren. Mer mussen also net elo zwee Méint drop waarden. D'Zil war den 1. Januar. Mir wëlle gär dobäi bleiwen. Duerfir wäere mer frou, wann Dir herno nach bleiwe kéint, fir de Krop drënner ze maachen. Da kann dat direkt goen. Mä mat der Ausnam, dass elo den Avis préalable vum Médecin inspecteur dobäi läit, ass näischt geännert ginn. An deen Avis ass och favorable.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
Au vote!

Conseillers présents:

Mme Becker – MM. Braz - Codello – Mme Hannen – Mme Hildgen – MM. Hinterscheid – Hoffmann – Huss – Jaerling – Knaff – Maroldt - Mme Mutsch – MM. Roller – Snel - Tonnar - Weidig – Wohlfarth – Zwally

Le Conseil communal arrête à l'unanimité le règlement communal concernant le service de taxi.

10. Relevé et rôle des taxes à percevoir pour stands de taxis, exercice 2006

Dann de Punkt 10. Dat ass de Relevé an de Rôle vun den Taxë vum zweete Semester, déi mer vun den Taxisstänn kréien. Et geet ëm e Montant vun 12.337,50 Euro. Ech géing lech bieden, dësem Montant Ä Zoustëmmung ze ginn, fir déi Suen an eis Gemengekeess aféieren ze kënnen.

Conseillers présents:

Mme Becker – MM. Braz - Codello – Mme Hannen – Mme Hildgen – MM. Hinterscheid – Hoffmann – Huss – Jaerling – Knaff – Maroldt - Mme Mutsch – MM. Roller – Snel - Tonnar - Weidig – Wohlfarth – Zwally

Le Conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le relevé et rôle des taxes à percevoir pour les stands de taxis pour le 2^e semestre de l'exercice 2006.

11. Décomptes des départements des services industriels, travaux municipaux et service informatique

Dann huele mer déi Donnéeën zur Kenntnis, déi mer vun eise Servicer kritt hunn, esou wéi mer dat all Joer maachen, fir den Décompte vun deenen eenzelnen Departemener maachen ze kënnen. Dir hutt alles virleien. Ech géing lech bieden, dësen Décompten Ä Zoustëmmung ze ginn.

Conseillers présents:

Mme Becker – MM. Braz - Codello – Mme Hannen – Mme Hildgen – MM. Hinterscheid – Hoffmann – Huss – Jaerling – Knaff – Maroldt - Mme Mutsch – MM. Roller – Snel - Tonnar - Weidig – Wohlfarth – Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité les travaux et fournitures du dé-

partement des services industriels, du département des travaux municipaux et du service informatique achevés pendant l'exercice 2005 conformément aux relevés.

12. Transactions immobilières

Eise Bauteschäfte gëtt eis dann den Iwwerbléck vum Punkt 12 iwwert d'Transaktiounen, mat lauter gutten Nouvelen.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Merci, Madame Buergermeeschter.

Do si wierklech ganz gutt Nouvelen dran. Déi éischt Transaktioun ass eng Regularisatioun vun enger Emprise op der Plaz am Neiduerf vun 0,10 Ar. Et ass eng Transaktioun mam Stat fir eng Regularisatioun vun den Emprisë mat der RN 31.

Da verkafe mer dem Stat 20,6 Ar an 12,22 Ar um Belval, fir d'Ënnerstatioun an d'Veerdeelerstatioun fir d'Eisebunn bauen ze kënnen. De Stat kritt dat cédiéiert, fir datt hien dat dann dem Fonds du rail zur Verfügung stelle kann, fir 162.717,30 Euro.

Déi drëtt Transaktioun, dat sinn d'Adjudikatiounen vun d'Bauterrainen an d'Steeën am Henri Dunant fir 3.370.000 Euro am Ganzen.

An dat véiert, dat si véier Terrainen, déi mer och iwwert d'Stee verkaaft hunn an der Rue de la Source, fir 761.000 Euro am Ganzen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Den Här Hoffmann huet nach eng Fro.

André Hoffmann (DÉI LÉNK): Madame Buergermeeschter, ech stëmme selbstverständlech fir all déi Transaktiounen. Ech wëll just eng kuerz Remarque maachen zu deene Steeën.

Déi Nouvelle ass exzellent fir d'Gemeng, wann ee kuckt, wat fir Präisser dass mer kréien. Wann een awer op där anerer Säit d'Fro opwäerft, wee sech dann nach Terraine leeschten kann, also aus der Siicht vun de Leit, déi no engem Logement sichen, dann ass dat natierlech manner positiv. Dat beaflosst mäi Vote net. Ech wëll just drop hiweisen, dass Henri Dunant na-

tierlech eng gutt Lag ass. 50.000 Euro den Ar! Fir een Terrain vun 3,4 Ar 166.000 Euro. Dat ass an der Gréisstenuerdnung vu 6 Milliounen aler Lëtzebuerger Frang fir den Terrain. Da steet nach näischt drop. Also einfach fir drop hinzeweisen, dass mir de Problem vum Logement zu Lëtzebuerger ni an de Grëff kréien, wa mir net op d'Präisser vun den Terrainen awierken.

Ugefaange mat den Terraine selbstverständlech, d'Haiser komme jo dann nach hannendrun. Et gesäit een un deem Beispill, hei en faveur vun der Gemeng, wéi d'Präisser vun den Terrainen hei am Süden entre temps och explodéieren.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Sinn nach aner Wuertmeldungen do? Jo, den Här Hinterscheid.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Dir hutt et gesot, et kann een dat, mit einem tränenden und mit einem lachenden Auge' gesinn. Hei an dësem präzise Fall gesi mer et awer elo mol éischter mat engem lachenden Auge, wa mer un déi ganz Irrweeër denken, déi notament de Projet Wobrécken an Henri Dunant eis bescheert huet. An un all déi Käschten, déi mer do schonn an deene leschte Joren virinvestéiert haten. Et ass bal e Jorzéngt, wann een et elo zesummerechent. Da geet dat hei duer, fir eis Käschten ze decken, déi mir do virinvestéiert hunn.

Dir hutt natierlech Recht, Här Hoffmann, et fänkt un, a Richtungen ze goen, wou den Terrain richteg deier gëtt. Dat hei war bewusst vum Schäfferot gemaach ginn, dass se individuell versteet gi sinn, fir och emol engem Eenzelnen d'Méiglechkeet ze ginn, un en Terrain ze kommen. Net all Kéiers Blocke vu Promoteuren. An dat huet jo hei réusséiert. Wann een hei kuckt, dann hu Leit individuell Terraine gesteeet. Mä mir musse méiglecherweis op aneren Niveauen tätég ginn.

Do ass de Stat jo och amgang, Initiativen iwwert de Pacte de logement ze ergreifen, fir d'Gemengen ze ënnerstëtzen. Fir dass se déi Virinvestitiounen, déi se tätegen, fir iwwerhaupt ze erschléissen, dass se do net da jorelaang aner Investitiounen mussen hannendru stellen. Wat jo d'Realitéit ass.

Fir eis ass dat do elo fir dës Kéier mol, ein lachendes Auge'. Et erlaabt eis, déi wich-

12. Transactions immobilières

Henri Hinterscheid (LSAP) déclare qu'il a de très bonnes nouvelles. Il détaille 4 transactions immobilières: la régularisation d'une emprise au Neudorf jouxtant la RN 31, la vente à l'État d'un terrain de 20,6 ares à Belval pour la construction d'une station ferroviaire, la vente aux enchères de terrains de construction au lieu-dit Henri Dunant pour 3.370.000 euros, la vente aux enchères de 4 terrains rue de la Source pour 361.000 euros.

André Hoffmann (DÉI LÉNK) approuvera ces transactions. Il a cependant une question.

Les nouvelles sont certes excellentes pour la Commune, au regard des prix obtenus. La chose est cependant moins réjouissante du point de vue des demandeurs de logement à la recherche de terrains. Cette remarque n'affecte pas le vote de A. Hoffmann. Le problème du logement au Grand-Duché ne sera jamais résolu si on n'infléchit pas le prix des terrains. Le cas des terrains rue Henri Dunant, vendus à 50.000 euros l'are, illustre l'explosion des prix de l'immobilier.

Henri Hinterscheid (LSAP) rétorque qu'on peut en effet voir ces transactions avec un œil qui pleure ou un œil qui rit. Dans le cas précis de la rue Henri Dunant, il faut se réjouir du fait que le prix de vente couvre entièrement les frais que la Commune a engagés depuis près de 10 ans, notamment dans le projet Wobrecken. Mr Hoffmann a raison de souligner la cherté des terrains. Le Collège a réalisé ces opérations en connaissance de cause, avec l'objectif de permettre à des particuliers d'acquérir des terrains. Il faut cependant agir à d'autres niveaux. L'État est en train de prendre des mesures positives, dans le cadre par exemple du pacte de logement, afin de permettre des préfinancements en faveur de certains projets communaux de logement. Les sommes recueillies à travers ces transactions serviront au développement de nouvelles infrastructures en faveur des nouveaux habi-

tants d'Esch. D'un autre côté, les prix obtenus montrent également le niveau d'attractivité de la ville d'Esch. La politique du Collège en faveur de la revitalisation de la ville semble donc porter ses fruits. Il faut aussi noter le cas du Nonnewisen, où le Fonds du logement a participé à l'investissement dans le but d'assurer des terrains à un prix accessible.

Henri Hinterscheid rectifie une erreur de frappe dans le point 4 d): il faut lire 215.000 et non 15.000.

(Vote)

13. Plan de coupe et de culture 2007; décision

Jean Tonnar (LSAP) déclare que, tout comme son prédécesseur A. Hoffmann, il commencera son exposé en confessant ne rien comprendre de l'affaire.

(Hilarités)

Le poste 'forêts' est toujours déficitaire. Il semble pourtant que le prix du bois a augmenté. J. Tonnar espère donc que les dépenses pourront être réduites d'année en année et qu'un équilibre pourra être atteint. Il demande aux conseillers d'approuver le plan proposé.

(Vote)

14. Conservatoire de musique: organisation

Lydia Mutsch (LSAP) invite J. Tonnar à poursuivre en tant qu'échevin de la culture.

Jean Tonnar (LSAP) explique qu'il s'agit de voter l'organisation scolaire du conservatoire de musique. Comme chaque année, la direction a ficelé un très bon dossier. J. Tonnar remercie Mr Harles et toute l'équipe du Conservatoire pour leur bon travail. Il est à noter que sur les 1.036 élèves du Conservatoire, 25% sont des Eschois, 60% proviennent des localités voisines et 14% viennent de l'étranger. Ces résultats

teg Infrastrukturen, déi mer brauchen, fir all déi Leit, déi an Esch wunne kommen, ze finanzéieren. Bon, mir leien nach ëmmer – mat deem Test, deen do gemaach ginn ass – wäit ënnert dem Landesduerchschnëtt. Op déi aner Manéier beweist et awer och, dass Esch e Regain un Attraktivitéit geholl huet. Well wann den Niveau d'attractivitéit vun enger Stad gekuckt gëtt, gehéieren ënner anerem d'Immobiliepräisser dozou. An dat do ass dann och de Bewäis, dass déi Politik, fir Esch erëm ze revigoréieren, och déi richtig ass.

A mir müssen dat och am Projet Nonnewise kucken. Do huet jo de Fonds de logement dee Part iwverholl, fir de Baurain nach accessibel ze maachen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Au vote!

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Eng Präzisioun – dass dat awer wéinstens festgehale gëtt –, an deem leschten Punkt 4 d) ass eng Erreur de frappe, il faut lire deux cent quinze mille. Do feelt eng Zweek virdrun. Den Total ënne geet op, mä déi lescht Zuel am Punkt 4 d) ass net 15.000 mä 215.000. Soss ass et net kohärent mat der Schlusszuel.

Conseillers présents:

Mme Becker – MM. Braz - Codello – Mme Hannen – Mme Hildgen – MM. Hinterscheid – Hoffmann – Huss – Jaerling – Knaff – Maroldt - Mme Mutsch – MM. Roller – Snel - Mme Spautz – MM. Tonnar - Weidig – Wohlfarth – Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité l'acquisition d'une emprise-place sise au «Neiduerf».

Conseillers présents:

Mme Becker – MM. Braz - Codello – Mme Hannen – Mme Hildgen – MM. Hinterscheid – Hoffmann – Huss – Jaerling – Knaff – Maroldt - Mme Mutsch – MM. Roller – Snel - Mme Spautz – MM. Tonnar - Weidig – Wohlfarth – Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité la vente de terrains sis «rue de Belval» (ancien site OXYLUX)

Conseillers présents:

Mme Becker – MM. Braz - Codello – Mme Hannen – Mme Hildgen – MM. Hinterscheid – Hoffmann – Huss – Jaerling – Knaff – Maroldt - Mme Mutsch – MM. Roller – Snel - Mme Spautz – MM. Tonnar - Weidig – Wohlfarth – Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité la vente par adjudication immobilière publique de terrains à bâtir sis au «quartier Henri Dunant».

Conseillers présents:

Mme Becker – MM. Braz - Codello – Mme Hannen – Mme Hildgen – MM. Hinterscheid – Hoffmann – Huss – Jaerling – Knaff – Maroldt - Mme Mutsch – MM. Roller – Snel - Mme Spautz – MM. Tonnar - Weidig – Wohlfarth – Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité la vente par adjudication immobilière publique de terrains à bâtir sis «rue de la Source».

13. Plan de coupe et de culture 2007; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Sou, da kéime mer bei eise Bëschschäffe fir de Punkt 13. De Plan de coupe et de culture.

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): D'selwecht wéi bei mengem Virgänger, dem Här Hoffmann, wou ech all Joer ganz interesséiert säi Virtrag nogelauschtert hunn, gëtt mäin och esou, well mer Allenzwee näischt dovu verstinn, mengen ech.

(Hilarités)

Duerfir war e kuerz a mir sinn éierlech. Mä ech wëll awer eng Remarque maachen. Dir gesitt, dass de Bësch nach ëmmer defizitär ass. Ech hunn awer mat Freed gelies, dass d'holz erëm immens unzitt an deier gëtt. Esou dass ech hoffen, dass mer all Joer d'Dépenses erofgedréckt kréien an esou no wéi méiglech bei en Equilibre kommen. Wat awer ganz schwéier wäert ginn. Ech géif lech bieden, dat ze stëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Au vote!

Conseillers présents:

Mme Becker – MM. Braz - Codello –
Mme Hannen – Mme Hildgen – MM. Hin-
terscheid – Hoffmann – Huss – Knaff –
Maroldt - Mme Mutsch – MM. Roller –
Snel - Tonnar - Weidig – Wohlfarth –
Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité le plan de coupe et de culture pour l'exercice 2007.

14. Conservatoire de musique: organisation

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Mir bleiwen da beim Kulturschäffe fir de Conservatoire.

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): Et geet dorëm, d'definitiv Organisation scolaire ze stëmmen. Wéi all Joer hu mer och hei e ganz gutt Dokument vun der Direktioun kritt. Dir konnt dat kucken. Ech wollt dem Här Harles an der ganzer Équipe aus dem Conservatoire e grouse Merci soen, fir déi gutt Aarbecht, déi do geleescht gëtt. Ech mengen, am Numm vun eis allegueren.

Wat engem just all Joer och opfällt, dat ass déi Zuel vun den Élèven, déi do sinn. 1.036, mer sinn also iwwer Dausend. Dovunner sinn e Véierel Escher. An déi aner: 60% sinn aus Dierfer ronderëm a 14% aus dem Ausland. Dat ass eng Remarque, déi ech maachen, déi engem vläicht eng Kéier ze bedenke gëtt, wat dat fir en Engagement fir eis ass. Wat mer allerdings gär maachen, well esou eng gutt Aarbecht geleescht gëtt.

Ech ginn net an all déi aner Punkten an. Wann een eng Fro huet, versichen ech se ze beäntweren, mä ech géif bieden, dat dann ze stëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Merci, Här Tonnar. Da maache mer dat och.

Conseillers présents:

Mme Becker – MM. Braz - Codello –
Mme Hannen – Mme Hildgen – MM. Hin-
terscheid – Hoffmann – Huss – Knaff –
Maroldt - Mme Mutsch – MM. Roller –
Snel - Tonnar - Weidig – Wohlfarth –
Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité l'organisation scolaire définitive du conservatoire de musique de l'année scolaire 2006/2007.

15. Enseignement:

a. Contrats de louage de service

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Mir bleiwen dann awer nach beim Här Tonnar. Dës Kéier a senger Eegenschaft als Schoulschäffe, dat beim Punkt 15.

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): Et geet deelweis och ëm den Domaine vun der Madame Spautz, ëm d'Maisons relais. Et geet ëm CDDen vu Remplacemeter, déi mer ze stëmmen hunn. Dat ass d'Maisons relais an CDDen och an der Schoul. Ech géif vläicht proposéieren, déi zwee Punkten ze huelen. Duerno geet et ëm den Här Hertges. Mir huele mol déi hei CDDen.

(Interruption)

Jo, déi zwee Relevéen.

Conseillers présents:

Mme Becker – MM. Braz - Codello –
Mme Hannen – Mme Hildgen – MM. Hin-
terscheid – Hoffmann – Huss – Knaff –
Maroldt - Mme Mutsch – MM. Roller –
Snel - Tonnar - Weidig – Wohlfarth –
Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité les contrats de louage de services pour chargé(e)s de cours dans le cadre de l'éducation préscolaire/primaire et de la Maison de Relais pour l'année scolaire 2005/2006.

b. Nominations

Da kommen nach zwee Punkten, déi mer awer vläicht separat sollen huelen. Dat

prouvent le bon travail qui a été effectué.

(Vote)

15. Enseignement:

a. contrats de louage de service

Pour le point 15, J. Tonnar endossera son rôle d'échevin de l'enseignement. Il explique que ce point comporte deux volets. D'abord l'approbation de CDDs de remplacement dans la Maison Relais et dans les écoles.

(Vote)

b. Nominations

Le 2^e volet concerne d'abord la nomination de Mr Luc Hertges au poste de secrétaire du CMPP. Il s'agit d'une réaffectation.

15. Enseignement

Lydia Mutsch (LSAP) déclare qu'il faudra encore quelques séances pour que l'on prenne le bon rythme. Elle interroge l'échevin du personnel.

Félix Braz (Déi Gréng) commente que la chose sera maîtrisée pour la prochaine séance.

Jean Tonnar (LSAP) explique qu'il s'agit d'une réaffectation interne.

Lydia Mutsch (LSAP) propose de considérer cette nomination à huis clos, même si la question n'a pas été soulevée en début de séance.

Daniel Codello (LSAP) déclare que la presse dispose de tous les éléments dans le dossier.

Lydia Mutsch (LSAP) confirme que ce point sera traité en huis clos.

c. Convention Jean-Jaurès

Jean Tonnar (LSAP) déclare que la nomination du professeur de gymnastique sera donc aussi traitée en huis clos. Il propose de passer à la convention Jean Jaurès entre la Commune et l'État pour une Maison Relais rue Sydney Thomas.

(Vote)

d. Convention Ale Lycée

Il faut aussi approuver la prolongation de la convention qui date de 2000 pour le projet 'Ale Lycée'.

André Hoffmann (Déi Lénk) se déclare satisfait de l'évolution de ce projet. Il serait cependant utile de recevoir une évaluation des résultats obtenus, afin de déterminer si certains aspects peuvent être améliorés. Par ailleurs, A. Hoffmann se réfère à l'article 3 concernant le besoin d'un poste d'éducateur/éducatrice. Il demande si le ministère de l'Éducation nationale n'a toujours pas pris de décision à ce sujet. Il est très important d'adjoindre à ce projet l'aide d'un éducateur/éducatrice gradué. Ce dernier sera d'un

eent ass den Här Luc Hertges, dee sech als Sekretär vum CMPP gemellt huet. Et ass eng Reaffectatioun.

Une voix: Muss dat net à huis clos gemaach ginn?

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Bis mer am Roulement sinn, wäerte mer nach e puer Sëtzunge brauchen. Här Personalschäffen, wéi leie mer hei? Gi mer haut nach derduerch? An da wäert et eisem Gemengesekretär bestëmmt och opfalen.

Schäffe Félix Braz (Déi Gréng): D'nächste Kéier hu mer et am Grëff.

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): Et ass eng Reaffectatioun intern an eise Servicer. Ech kann dat awer och herno maachen, wann Dir dat léiwer hutt.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Sidd Dir d'accord, dass mer et duerno maachen, obwuel de Schäfferot net aganks vun der Sëtzung gefrot huet, fir och dee Punkt am Huis clos ze traitéieren. D'accord, Merci.

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): Ech hätt et am léifsten elo gemaach an dann hätte mer mol gesinn, ob mer et annulléiert kritt hätten oder net.

Daniel Codello (LSAP): D'Press huet dat dach alles am Dossier. Dann huet et dach kee Sënn, dat elo an den Huis clos ze huelen.

Schäffe Félix Braz (Déi Gréng): Mir sinn eis eens, et ass dës Kéier net super gelaf, d'nächste Kéier muss et klappen. Déi aner Gemengen di sech och schwéier.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Vu dass ech elo virun enger Minutt gesot hunn, mir géingen et an de Huis clos huelen, fällt et mer elo schwéier, de Contraire ze soen. Mer maachen et elo esou, wéi mer et gesot hunn.

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): Dann huele mer d'Turnjoffer och à Huis clos an da komme mer bei eng Konventioun.

c. Convention Jean-Jaurès

Dat ass eng Konventioun, déi d'Gemeng

mam Stat iwwert d'Maison relais an der Sidney Thomas-Strooss mécht. Dir hutt déi Konventioun. Ech géif lech bieden, déi ze stëmmen, à moins dass eng Fro wier.

Conseillers présents:

Mme Becker – MM. Braz – Codello – Mme Hannen – Mme Hildgen – MM. Hinterscheid – Hoffmann – Huss – Knaff – Maroldt – Mme Mutsch – MM. Roller – Snel – MM. Tonnar – Weidig – Wohlfarth – Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité la convention entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et le ministère de la Famille et de l'Intégration.

d. Convention Ale Lycée

An da kënnt nach eng Verlängerung vun enger Konventioun, déi mer schonn e puer Joer hunn. Dat ass de Projet Ale Lycée. Dee leeft vun 2000 un, wou ech lech och géif bieden, deen ze stëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Den Här Hoffmann huet d'Wuert gefrot, dat ass erlaabt. Här Hoffmann.

André Hoffmann (Déi Lénk): Fir d'éischt eng positiv Bemierkung: Dat do ass e Projet, deen elo schonn eng Rei vu Jore leeft. Ech fannen dat ganz wichteg, wat do am Ale Lycée geschitt.

Et wär allerdéngs och vläicht interessant, fir mol eng Evaluatioun ze kréien. Dat heescht: wat sinn déi konkret Resultater? Dat ass elo wierklech guer net negativ gemengt. Ech fannen et wierklech e ganz flotte Projet, mä ech mengen, bei Schoulprojeten ass et wéi bei anere Projeten: Et ass wichteg ze kucken, wat herno um Enn vun der Pipeline erauskënnt. Dat ka jo dann nëmmen dee Projet ënnerstëtzen. Et kann een awer och vläicht feststellen, dass Mängel sinn, dass Saachen ze verbesseren sinn an esou weider an esou fort. An da kann een dat ënner Ëmstänn maachen.

Dann ass e Punkt do, wou ech Verständnisschwierigkeeten hunn. Den Här Tonnar ass wahrscheinlech an der Lag, mer dat ze erklären. Am Artikel Nummer 3, ganz zum Schluss, dat heescht, deen

zweetleschte Feil: „Un poste éducateur/éducatrice pour notre école est demandé“. Dat wousste mer jo och schonn. Dat ass jo scho méi laang gefrot, fir d'Enseignanten ze begleeden. An da steet do „Voir article 1er, pt. 2, dernier alinéa“. Do steet „La collaboration avec un éducateur gradué, sous réserve d'un accord avec le Ministère de l'éducation nationale concernant l'engagement et la rémunération de l'éducateur“. Dat heescht also an anere Wieder – wann ech dat richtig verstinn – dee Poste vun deem Éducateur ass nach ëmmer net mat dem Ministère zesummen décidéiert. Dat heescht, et ass nach ëmmer gefrot, mä et ass nach ëmmer keng Décisioun do.

Do muss ech soen, dass ech dat wierklech wichteg fanne géif, wann en Éducateur /Éducatrice gradué/e hautement qualifié/e, hautement motivé/e bei esou engem Projet kënnt matmaachen an d'Enseignantë begleeden. Virun allem a Beräicher, déi iwwer – soe mer mol – hir direkt Qualifikatioun erausginn. Dat heescht also, déi mat méi sozialen, familiären a psychologesche Problemer ze dinn hunn. Wou ee jo dovun ausgoe muss, dass en Éducateur/trice gradué/e an deem Sënn eng aner Formatioun hätt wéi en Instituteur/trice an dofir eng nützlich Begleedungsarbeit heit kënnt leeschten.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Hoffmann. Wëll de Schoul-schäfte kuerz dozou Stellung huelen?

Schäfte Jean Tonnar (LSAP): Jo. Här Hoffmann, fir d'éischt schléissen ech mech selbstverständlech un. Mir begréissen déi formidabel Aarbecht, déi déi Enseignanten do schonn zënter enger Partie Jore maachen. Ech schaffen och zimlech enk mat hinnen zesummen. Dat ass eng ganz engagéiert Équipe. Ech hunn dat d'ëinescht net gesot, well et hei just ëm eng Verlängerung vun enger Konventioun gaangen ass. Mä et ass selbstverständlech an ech kann lech do nëmmen Recht ginn, fir dat ervirzehiewen. Well et wierklech engagéiert Enseignante sinn.

Et ass och esou, dass mer all Joer e Rapport vun hinnen kréien an ech géing proposéieren, dass dee géif virugereecht ginn. Och un de ganze Gemengerot, fir dass déi och kënne gesinn, wat den Enseignanten hire Point de vue ass, wat se

gemaach hunn. Et ass och esou, dass mir mat hinnen iwwert dee Rapport schwätzen. Dat, wat d'Évaluatioun ugeet.

Wat den Éducateur ugeet, hutt Dir dat scho leider ganz richtig verstanen, wéi et do steet. Mir hunn eis selwer de Moment net engagéiert, een ze huelen. Mam Stat si mer awer och nach ëmmer net virukomm. Mir sinn elo annerhaleft Joer amgang ze verhandelen, fir e Poste ze kréien. An deen éischten, dee mer kréien, geet dohinner, dat ass ganz kloer.

Och wou mer elo vun dësem Joer un déi kuerz Expérience an der neier Ganzdaagsschoul gemaach hunn. Wou scho véier Éducateure sinn. Do kann ech nëmme soen, dass dat ganz concluant de Moment ass. An ech géif och mengen, dass dat e Wee ass, deen een an der nächster Zukunft soll goen a wäert goen.

An ech wäert mech dofir esou wäit wéi méiglech asetzen, dass mer en Éducateur an den Ale Lycée kréien.

Conseillers présents:

Mme Becker – M. Braz - Mme Hannen – Mme Hildgen – MM. Hinterscheid – Hoffmann – Huss – Jaerling – Knaff – Maroldt – Mme Mutsch – MM. Roller – Snel - Tonnar - Weidig – Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité la prolongation de la convention entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et le ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle (SCRIPT) concernant le projet d'école «Esch- Ale Lycée».

e. Règlement répartition des postes du personnel enseignant

An da kënnt nach e Punkt, wou et drëm geet d'Reglement vun de Postë vum Enseignant ze änneren. Ech muss do e kleng Mea culpa maachen.

Ech fannen dee Saz vun der Introductioun net super: „Je précise que les articles 3, 7, 9, 13 ont été modifiés“. Dat ass, wéi wann all Mënsch misst auswenneg wëssen, wat dann an deene véier Artikele stéing. Duerfir géif ech mer da ganz kuerz erlaben ze erklären, ëm wat et geet.

grand appui pour les enseignants notamment dans le domaine des questions socio-familiales et psychologiques.

Jean Tonnar (LSAP) salue l'engagement de l'équipe enseignante depuis plusieurs années. Cette équipe remet chaque année au Collège un rapport concernant leur travail et leurs points de vue. J. Tonnar propose de remettre une copie de ce rapport aux conseillers. Il est vrai que depuis un an et demi la Commune est en pourparlers avec le ministère en vue de l'obtention d'un poste d'éducateur gradué. J. Tonnar cite l'expérience positive de l'école à plein temps qui occupe 4 éducateurs. Il continuera à s'engager afin que le projet 'Ale Lycée' bénéficie aussi d'un poste d'éducateur gradué.

(Vote)

e. Règlement répartition des postes du personnel enseignant

On en vient à un point modifiant le règlement de répartition des postes d'enseignant. J. Tonnar doit faire un mea culpa ...

L'introduction n'est pas très claire et J. Tonnar préfère expliquer en détail les modifications proposées qui ne sont que quelques formalités. Dans l'article 3, il est proposé de modifier légèrement la procédure de nomination d'un remplacement pendant les grandes vacances. Celle-ci ne sera plus décidée 'en réunion en début d'année' mais par la Commission scolaire. Dans les articles 7, 9 et 13, il s'agit à chaque fois de retirer une partie de phrase dans la clause portant sur le cas d'une suppression de classe scolaire. La phrase s'arrêtera après 'supprimer la classe du titulaire le plus jeune en rang dans l'ancienneté de la ville'.

André Hoffmann (DÉI LÉNK) a une question concernant un point qui n'a pas été modifié dans l'article 10. L'article prévoit pour les enseignants l'obligation de compléter une unité pédagogique de deux ans. Dans le passé il y a eu pourtant des cas où un enseignant a demandé à être libéré de cette obligation parce qu'il voulait enseigner la morale laïque. Cette requête lui a été refusée sur base dudit article. A. Hoffmann recommande non pas que l'on modifie cet article mais que l'on soit plus flexible dans son application afin que les enseignants ne soient pas forcés de compléter leur unité pédagogique sous la contrainte.

Jean Tonnar (LSAP) n'est pas du tout d'accord. Il a œuvré pendant longtemps pour faire accepter cette disposition qui a reçu l'aval de la Commission scolaire et de la majorité des enseignants. Il se souvient précisément du cas cité par A. Hoffmann. Il s'agissait d'un instituteur qui, après 25 ans d'enseignement, voulait enseigner la morale laïque après sa 5e année primaire. Il a pu le faire, et il le fait encore aujourd'hui à la satisfaction de tous, mais uniquement après avoir terminé la 6e année. Il est salutaire pour les enfants d'avoir le même enseignant pendant l'ensemble de leur unité pédagogique.

(Vote)

Et sinn am Fong just Formalitéiten. Am alen Text vum Artikel 3 stoung, dass wann zum Beispill een an der grousser Vakanz géif ewech falen oder misst ersat ginn, da géif deen à la réunion du début d'année genannt ginn. A vu dass déi Réunion de début d'année scho wéi laang ofgeschaf ginn ass, hu mer fonnt, mir géifen dee Saz dann ersetzen duerch „par les soins de la Commission scolaire“, déi ganz llicht kënnen an der Vakanz zesummegeruff ginn. Dat ass deen éischte Punkt.

Dann ass et dräimol datselwecht. Am Pré-scolaire, Primaire a Spécial. Dat sinn d'Artikele 7, 9 an 13. Do stoung am alen Text, dass wann eng Klass suppriméiert géif ginn, wier et „le plus jeune en rang dans l'ancienneté de la ville“. An dono ass nach e komplizéierte Saz derhannert komm: „qui se trouve au secteur concerné, à moins qu'un autre titulaire du même secteur ne déclare avant la réunion de fin d'année vouloir quitter son poste pour des raisons personnelles“.

Do hate mer an der Schoulkommissioun d'lescht Joer e Problem. Mir hu fonnt, datt dee Problem zwar gutt geléist ginn ass. Mä deen hätt eng Diskussioun ervirbréngen kënnen. Mer hu fonnt, mir géifen deen Deel vum Saz einfach suppriméieren, esou dass et elo ophält mat: „supprimer la classe du titulaire le plus jeune en rang dans l'ancienneté de la ville“. Dat ass, wat ännert. Da kennt Dir elo déi véier Artikelen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Tonnar. Dann den Här Hoffmann, w.e.gl.

André Hoffmann (DÉI LÉNK): Meng Remarque betrëfft keng Modifikatioun, sondern en Artikel, deen onmodifizéiert dra bleift. Dat ass den Artikel 10. A meng Remarque beschränkt sech just op eng Suggestioun, nämlech deen Artikel mat enger gewësser Souplesse unzewennen.

Dat ass déi Fro vun der Unité pédagogique. Dat heescht, déi Obligatioun, wann een am Primaire en éischt Schouljoer hat, an dat zweet Schouljoer mat erop ze réckelen. Ech fannen dat am Prinzip och richtig. Mir waren awer an der Vergaangenheet heiansdo mat Fäll konfrontéiert, wou Leit gefrot hunn, déi Obligatioun erlooss kréien ze kënnen. Dat, well se sech

fir e Posten an der Formation morale gemellt haten. Dat ass e Beispill, wou ech mech drun erënnere kann a wou, mengen ech, opgrond vun deem Artikel hei de Refus ausgeschwat ginn ass.

Ech mengen awer, dass een an deem dote Fall d'Motivatioun vum Enseignant a senger Décisioun mat berücksichtegen soll. Et soll een d'Fro stellen: „Ass et dann elo besser, mer forcéieren een, d'Unité pédagogique anzehalen an hie mécht dat dann och nëmmen ënnert der Contrainte? Oder maache mer eng Ausnam par rapport zu deem Artikel a mer erlaben him dat ze maachen, fir datt hie méi staark motivéiert ass?“

Meng Suggestioun ass net den Artikel ofzeschaffen, sondern stoen ze loossen. Mä e sollt mat enger gewësser Souplesse en regard vun der Motivatioun vum Enseignant ugewannt ginn.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Hoffmann.

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): Do muss ech lech äntwerten, Här Hoffmann, dass ech guer net d'accord sinn.

André Hoffmann (DÉI LÉNK): Ech hu mer et bal geduecht.

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): Ech hu während Jore gekämpft, fir dat duerchzusetzen. An ech hat och d'Ënnerstützung souwuel vun der Commission scolaire, wéi och vum Gros vun den Enseignanten. An ech mengen, datt ech se nach ëmmer hunn.

Ech wëll elo net op eng oder zwou perséinlech Situatiounen agoen, well soss si mer am Huis clos. Mä dat Beispill, wat Dir nennt, ass awer e ganz gutt Beispill. Dat war en Enseignant, deen nom 5. Schouljoer op eemol Moral laïque wollt ginn, nodeem hie 25 Joer Schoul gehalen huet. An dunn hunn ech deem Enseignant gesot, et wier kee Problem. Wann hie säi sechst Schouljoer dat Joer drop fäerdeg hätt, kéint hien dat maachen. An hie mécht dat och elo à la pleine satisfaction de tout le monde.

Mä ech konnt awer net akzeptéieren, dass een no engem 5. Schouljoer, no 25 Joer Schoulhalen, op eemol esou eng Motivatioun huet. An all Beruff si

Contrainten. D'Enseignanten hunn der och. Mä all zwee Joer wiesselen ze kënnen, dat ass jo awer schonn net schlecht. An dat ass och entretemps bei den Enseignanten akzeptéiert.

Dir sidd jo do besser placéiert wéi ech als Enseignant an als Pedagog. Mä ech mengen, dass et awer net schlecht ass, wann d'Kanner eng Unitéit hunn, wou se dees selwechten Enseignant hunn. An déi Motivatioun, vun där Dir schwätzt, war fir mech keng ganz fondéiert Motivatioun. A wou d'Fro sech gestallt huet, hunn all déi aner dat Joer drop dat kritt, wat se am Fong wollten. Mä et gétt och ëmmer méi selten, dass et nach gefrot gétt.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci fir dës Explikatiounen. Da kënnen mer och hei ofstëmmen.

Conseillers présents:

Mme Becker – MM. Braz - Codello – Mme Hannen – Mme Hildgen – MM. Hinterscheid – Hoffmann – Huss – Jaerling – Maroldt - Mme Mutsch – MM. Roller - Tonnar - Weidig – Wohlfarth – Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité la modification du règlement de répartition des postes du personnel enseignant.

16. Subside ordinaire; décision

Mir kéimen dann zu eise Subside fir haut. Fir d'éischt d'Subsidés ordinaires.

Do hu mer nach en Nachzügler. Dat sinn eis Amis de la Fleur. Mir ginn hinnen awer de Subsid mat engem klengen Seitenhieb, wéi mer dat ëmmer esou maachen. Si kréien net de komplette Montant. Dat, well mer awer eis Veräiner encouragéieren, fir sech un d'Délaien ze halen, wéi een déi Demande mécht. A si hale sech och alleguerten dodrunner oder jiddwerfalls de Gros. Mir géingen lech also bieden, dësem Montant fir d'Amis de la Fleur zouzestëmmen. Au vote.

Conseillers présents:

Mme Becker – MM. Braz - Codello – Mme Hannen – Mme Hildgen – MM. Hin

terscheid – Hoffmann – Huss – Jaerling – Maroldt - Mme Mutsch – MM. Roller – Tonnar - Weidig – Wohlfarth – Zwally

Le Conseil communal décide à l'unanimité les subsidés ordinaires à allouer aux associations de la Ville pour l'exercice 2005.

17. Subsidés extraordinaires: décision

Beim Punkt 17 wollt de Schäfferot fir d'éischt seng Unerkennung fir de Groupe Subsidés aussprieche. Mer haten deemools wierklech eng gutt a richtig Idee, fir esou e Grupp anzesetzen, deen de Schäfferot beim Accordéiere vu Subsidés extraordinaires un eis ganz ganz aktiv Escher Veräiner, begleet.

Eis Suerg war ëmmer gewiescht, fir gerecht ze sinn, fir gutt Aarbecht ze honoréieren an och fir virun allem novollzéibar Critèren opzestellen, wéini an ënner wéi enge Konditiounen ee fir wéi eng Aktivitéit de finanzielle Support vun der Gemeng kréie kann. An et ass och déi Suerg, déi maassgeblech d'Aarbecht vun der Kommissioun bestëmmt.

Mir hunn eng Kommissioun, déi ënnert engem ganz dynamesche President, dem Här Wohlfarth, ganz gutt a ganz schnell schafft. Mir hunn elo, wéi si et ugekënnegt haten, virum Enn dës Joers all d'Subsidés extraordinaires nogekuckt, déi nach en suspens waren. Dat ass ganz wichteg fir eng propper Situatioun um Enn vum Joer ze hunn.

Virun allem hu mer och d'Chance an där Kommissioun Verrieder vun alle politesche Faarwe sëtzen ze hunn. Dat féiert dann och dozou, dass och wierklech keen, weder eis nach der Kommissioun, de Virwurf maache kann, dass deen een oder anere Veräin privilegéiert géing gi vis-à-vis vun engem aneren. Dat, well bal jiddereen, deen heibanne sëtzt, selwer perséinlech a Veräiner engagéiert ass a weess, wéi schnell dat geschéie kann, wann eng Gemeng net novollzéibar Critèren huet, fir hir Subsiden ze accordéieren.

An ech sinn och ganz dankbar, dass dat an aller Kloerheet esou gesot a gemaach

16. Subside ordinaire; décision

L'association Amis de la Fleur ayant introduit leur demande en retard, il est proposé de leur verser un subside légèrement réduit, ceci afin d'inciter toutes les associations à toujours respecter les délais fixés.

(Vote)

17. Subsidés extraordinaires: décision

Le Collège désire d'abord exprimer sa reconnaissance au groupe Subside qui a été créé afin d'assister le Collège dans l'attribution de subsidés extraordinaires aux associations eschoises.

Le souci a toujours été de faire preuve d'équité et de récompenser le bon travail effectué. La Commission, présidée avec dynamisme par Mr Wohlfarth, travaille rapidement et efficacement. Le Collège a ainsi pu considérer avant la fin de l'année tous les subsidés extraordinaires qui restent en suspens. La Commission intègre des représentants de tous les partis politiques, de sorte que personne ne peut l'accuser de privilégier telle ou telle association. Les critères pour l'obtention du subside sont clairement définis, et ils feront encore l'objet de nouvelles précisions dans les prochains mois. La Commission peut aussi compter sur le travail excellent de Mme Rink en ce qui concerne le service des manifestations.

L. Mutsch demande aux conseillers d'approuver en bloc les subsidés proposés. Certains cas ne sont pas encore tranchés, étant donné qu'il faut attendre les bilans pour constater les activités d'une association. D'autres cas ont été transmis à l'échevin des ressorts pour considération.

(Vote)

Il y a encore une dénomination de rue à considérer. Il est proposé d'attribuer le nom 'Helen Buchholtz' à la rue prolongeant la rue du Canal, là où se trouvait l'ancien bâtiment

Buchholtz. Il est important que les noms de rues honorent les personnalités féminines célèbres, et non seulement, et les hommes qui ont marqué l'histoire de la ville.

(Vote)

19. Commissions consultatives: modification; décision

Le point 19 concerne la désignation d'un nouveau membre pour les Commissions consultatives La fraction du LSAP propose Pierre Rauchs.

Frunnes Maroldt (CSV) fait remarquer que ce genre de proposition est normalement noté dans la lettre avec la mention 'Remplacement de'.

Lydia Mutsch (LSAP) explique qu'il s'agit d'un oubli et propose de faire la rectification mentalement.

Frunnes Maroldt (CSV) ajoute que cette omission peut induire en erreur.

Lydia Mutsch (LSAP) demande si le vote peut également englober la vice-présidence de Mr Vasco Rodrigues.

(Interruptions)

ginn ass an dass déi Critèren, déi nach net esou kloer sinn, an deenen nächste Méint weider präziséiert ginn. Ech weess, dass de Grupp amgaangen ass, dorobber nach weiderzeschaffen. An ech mengen, dass si an der Persoun vun der Madame Rink eng ganz exzellent Persoun hunn, déi de Sekretariat fir de Service Manifestations absolvéiert.

Dat gesot, hu mir net wëlles, fir déi gutt Décisiounen, déi virleien, a Fro ze stellen. Et sinn och nach e puer Fäll, wou nach muss tranchéiert ginn, wou nach eng Rei vu Präzisioune komme mussen. Zum Beispill mussen nach Bilanen agereecht ginn, fir dass een dat kann an de Gesamtkontext vun den Aktivitéite vum Club setzen. Aner Fäll sinn un de Ressortschäffen transferéiert ginn, fir dass deen dem Schäfferot eng Proposition maache kann, déi dann à la rigueur nach eng Kéier pour Avis un d'Kommissioun zeréckgeet. Insgesamt si mir mat där Aarbecht ganz zefridden. A mer géingen lech dofir och proposéieren, deene Relevéen, wéi se hei virun lech leien, är Zoustëmmung en bloc ze ginn. Au vote.

Conseillers présents:

Mme Becker – MM. Braz - Codello – Mme Hannen – Mme Hildgen – MM. Hinterscheid – Hoffmann – Huss – Jaerling – Knaff – Maroldt - Mme Mutsch – MM. Roller – Mme Spautz – MM. Tonnar – Weidig – Wohlfarth – Zwally

Le Conseil communal décide à l'unanimité plusieurs subsides extraordinaires.

18. Dénomination d'une nouvelle rue: décision

Mir hunn nach eng Denomination de rue. Mer géingen lech proposéieren, déi Verlängerungsstrooss vun der Uelzechtstrooss aus, an direkter Noperschaft zum fréiere Buchholtzgebai, mam Numm Rue Helen Buchholtz ze benennen. Mer si frou, wa mer net nëmme bekannte Perséinlechkeete fir eis Stroossennimm hunn, mä och bekannte weiblech Perséinlechkeeten. Dat, well nach ëmmer eng grouss lwwerproportionalitéit besteet, fir Stroossen no männleche célèbre Mënschen ze benennen. Et gëtt der awer vu béide Säiten.

Dofir si mer frou, dass dee Numm mat Hëllef vun eisem zoustännege Service a vun der zoustänneger Kommissioun fonnt ginn ass. Ech géing lech da proposéieren dësem Numm zouzestëmmen. Dir hutt och e geneeë Plang, fir déi, déi nach désorientéiert sinn, wou déi Strooss ass. Au vote!

Conseillers présents:

Mme Becker – MM. Braz - Codello – Mme Hannen – Mme Hildgen – MM. Hinterscheid – Hoffmann – Huss – Jaerling – Knaff – Maroldt - Mme Mutsch – MM. Roller – Mme Spautz – MM. Tonnar – Weidig – Wohlfarth – Zwally

Le Conseil communal décide à l'unanimité la dénomination d'une nouvelle rue.

19. Commissions consultatives: modification; décision

Da brauche mer Ziedelcher fir de Punkt 19. Dat, well et drëm geet, fir en neie Member fir d'Commissions consultatives ze designéieren. D'LSAP-Fraktioun proposéiert de Pierre Rauchs. Den Här Maroldt, w.e.gl.

Frunnes Maroldt (CSV): Et ass just eng Prinzipiefro, onofhängeg vu wat fir enger Partei et ass.

Normalerweis, wa mir esou eng Propos erakréien, dann ass et e "Remplacement de...". Dat ass awer net präziséiert am Bréif.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Dat ass en Oubli.

Frunnes Maroldt (CSV): Jo, mä dat kéint awer irreführend sinn.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Mer maachen da mental déi Ajoute.

Frunnes Maroldt (CSV): Dir misst just ärem President da soen, e misst oppassen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): An dass et och an d'Délibératioun dra kënnt.

(Interruption)

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Sidd Dir d'accord, dass mer zesummen mat engem Vote och d'Vice-Présidence vum Här Vasco Rodrigues un huelen. Oder däerfe mer dat net?

(Interruption)

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Kommt, mir ginn eis elo kloer, wat mer hei ofstëmmen. Also ech resüméieren: Mer hunn esouwuel de Pierre Rauchs fir d'Kulturkommissioun, wéi och den Här Rodrigues als Vize-President, wéi och den neie Membre observateur an der Commission scolaire an der Persoun vun der Madame Augusta Camacho.

Wann Dir d'accord sidd, kënnen mer déi 3 mat eisem Vote zesummenhuelen. Dir musst mer dat awer elo soen. Et sinn der nämlech e puer, déi schonn ugefaangen haten, auszefüllen, éier dat elo komplett als Proposition war. Ass dat an der Rei? Gutt.

Conseillers présents:

Mme Becker – MM. Braz - Codello – Mme Hannen – Mme Hildgen – MM. Hinterscheid – Hoffmann – Jaerling – Knaff – Maroldt – Mme Mutsch – MM. Roller – Mme Spautz – MM. Tonnar – Weidig – Wohlfarth – Zwally

Le Conseil communal procède par vote secret et décide à l'unanimité la modification des commissions consultatives.

17 mol Oui.

20. Contrats de bail: décision

Da komme mer zum Punkt 20, Contrats de bail. D'Wuert geet un d'Madame Spautz, eis Logementsschäffin.

Schäffin Vera Spautz (LSAP): D'Contrats de bail Nummer 1 bis Nummer 5 si Relogement, wou mer engersäits Leit aus Wunnengen erausgeholl hunn, wou eng dovunner absolut vétuste ass. Déi aner gi renovéiert. Déi sinn doropshin a Wunnenge geholl ginn, déi an der Rei sinn. Bei enger huet sech d'Familljesituatioun geännert. Nowuess ass komm. An déi hunn da méi eng grouss Wunneng kritt.

An de Kontrakt Nummer 6 ass en neie Locataire. Ech géing lech och do bieden, deem zouzestëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Au vote

Conseillers présents:

Mme Becker – MM. Braz - Codello – Mme Hannen – Mme Hildgen – MM. Hinterscheid – Hoffmann – Jaerling – Knaff – Mme Mutsch – MM. Roller – Mme Spautz – MM. Tonnar – Weidig – Wohlfarth – Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité divers contrats de bail.

21. Règlements de la circulation routière; confirmation et décision

Mer kommen zu de Règlements de la circulation.

Une voix: Au vote.

Schäfte Félix Braz (DÉI GRÉNG): Net esou séier. Mir hu jo als Prinzip, datt mer d'Verkéiersreglementer ni développieren, wann et nëmmen temporaire Reglementer sinn. Zum Beispill, wann ee plënnert oder wann e Chantier ass oder wat och ëmmer. Wann awer an enger Strooss d'Regelung bleiwend ännert, maache mir dann drop opmierksam, fir dass et net herno heescht, mer hätten dat séier esou mat duerchgeholl.

An des Kéier hu mer dee Fall. Mir hunn e puer Stroossen, wou d'Verkéiersreglementatioun ännere wäert, an zwar ausgoend vun der Ouverture vum Parking hei ënnert der Stadhausplaz, wou mer jo iwwert d'Lëtzebuurgerstrooss den Accès an d'Sortie maache wëllen.

Dat heescht also am Kloertext, dass d'Lëtzebuurgerstrooss, contrairement zu elo, neess Verkéier an zwou Richtunge kritt, wann de Parking opgoe wäert. Dat huet nach zwou weider Inzidenzen. De Verkéier aus der Grand-rue erof hält hei ënnen an enger Sakgaass op. Et ass also net méiglech aus der Grand-rue an d'Lëtzebuurgerstrooss ronderëm de Café Falstaff ze fueren. Do ass also Einbahn nëmme fir an de Parking eran. D'Sortie

Elle récapitule: le vote portera sur les désignations de Pierre Rauchs pour la Commission de la culture, de Mr Rodrigues en tant que vice-président et de Mme Augusta Camacho en tant que nouveau membre observateur dans la Commission scolaire.

(Vote)

17 voix pour.

20. Contrats de bail: décision

Le point 20 concerne les contrats de bail. Elle donne la parole à l'échevin du logement.

Vera Spautz (LSAP) explique que les contrats de bail numéros 1 à 5 portent sur des relogements de personnes pour cause de rénovation ou d'agrandissement de leurs habitations. L'un de ces logements est complètement vétuste. Le contrat numéro 6 concerne un nouveau locataire.

(Vote)

21. Règlements de la circulation routière; confirmation et décision

Lydia Mutsch (LSAP) annonce le point des règlements de la circulation.

Une voix demande de passer au vote.

Félix Braz (Déi Gréng) précise qu'il a encore des explications à donner. Le Collège a pour principe de ne pas développer les règlements de circulation temporaires. Cependant, il faut mettre en évidence le cas d'une rue où le règlement va changer en permanence. Cette situation se présentera dans plusieurs rues suite à l'ouverture du parking souterrain de la place de l'Hôtel de Ville. L'accès et la sortie se feront au niveau de la rue de Luxembourg. F. Braz détaille les incidences sur la circulation dans la Grand-Rue et la rue de Luxembourg. La circulation dans la rue de Luxembourg sera de

nouveau autorisée dans les deux sens. Par contre, il n'y aura plus d'issue pour la circulation en bas de la Grand-Rue. Un panneau sera installé au niveau de l'école Grand-Rue autorisant l'accès uniquement pour le parking, dans le quartier et aux rues des Artisans, du Commerce et Saint Vincent. Par ailleurs, des barrières seront installées pour empêcher la circulation au niveau de l'école Grand-Rue via la rue de l'Église ou le Breedewee. Ceci en vue d'une plus grande sécurité pour les enfants de l'école primaire, afin qu'il n'y ait pas de points de croisement entre les voitures et les élèves.

Le présent règlement a reçu un avis favorable à l'unanimité de la part de la Commission de la circulation. Pour information, la Commission a également approuvé une deuxième modification du règlement de la circulation, qui sera introduite ultérieurement dans une deuxième phase au niveau de la transition entre le Bd Kennedy et la rue du Canal. F. Braz demande aux conseillers de voter la première modification du règlement, en relation avec l'ouverture du parking.

(Interruption)

La question de l'ouverture du parking relève de la décision du promoteur et du gestionnaire. F. Braz laisse entendre qu'il est possible que les commerces puissent profiter du nouveau parking déjà pour le Noël prochain.

(Vote)

22. Questions de personnel (création et suppression de poste, réduction et prolongation de stage,...); décision

Lydia Mutsch (LSAP) annonce deux questions de personnel qui n'exigent pas le huis clos.

Henri Hinterscheid (LSAP) explique qu'il s'agit d'abord de la création et de la suppression d'un poste d'employé communal dans le Service des sports, qui n'est pas

vum Parking geschitt duerch déi Ramp, déi méi wäit an der Lëtzebuergerstrooss erauskënnt.

Dat heescht also am Kloertext, dass mer e Schëld op der Kopp bei der Groussgaassschoul kréien, wat seet, datt et erlaabt ass eranzefueren, à la fois fir an de Parking, fir an de Quartier, fir an d'Rue des artisans, fir an d'Rue du Commerce a fir an d'Rue Saint Vincent ze kommen. Mä fir soss néierens hin. D'Rue de l'Ecole gëtt eng Einbahn aus der selwechter Richtung kommend wéi d'Lëtzebuergerstrooss. An och d'Circulation am Quartier hei, an der Rue du Commerce an an der Rue des Artisans gëtt där doter Verkéierslogik ënnergeuerdnet.

Da kënn nach dobäi, dass déi Sortie, déi mer elo uewen nieft der Groussgaassschoul hätten, ëmmer erëm Problemer geschaf huet. Wann d'Schoul eriwuer war an der Mëttesstonn, wollten do ganz vill Autoen erausfueren, fir iwwert d'Rue de l'Église oder de Breedewee erausfueren ze kënnen. Mer setzen dann do Polleren. An do ass da keng Sortie méi. Am Intérêt vun de Primärschoulskanner, déi do am Gebai sinn, wëlle mer net méi, dass do Kräizungspunkten entstinn tëscht de Kanner an den Autoen. An dat ass alles an dësem Reglement niddergeschriwwen. Dat war och an der Verkéierskommissioun. Et ass och do eestëmmeg d'lescht Woch favorablement aviséiert ginn. Dat bëendescht net d'Modifikatiounen an d'Verkéiersreglementer, well et herno nach eng zweet Phas gëtt. Déi betrëfft déi iewescht Säit tëscht dem Boulevard Kennedy an der Uelzechtstrooss. Och déi war schonn an der Verkéierskommissioun d'lescht Woch. Och déi ass eestëmmeg favorabel aviséiert ginn. Déi läit haut allerdéngs nach net als Reglement hei dobäi. Dat kënn méi spéit. Dir sollt dat just wëssen.

Mä haut hu mer, wéi gesot, e Reglement, wat ausgoend vun der Ouverture vum Parking, déi noutwenneg Modifikatiounen an der Reglementatioun beinhalt. A si sinn eestëmmeg a favorabel aviséiert ginn. Fir déi aner, wéi gesot, si keng Remarquen ze maachen.

(Interruption)

Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG): Wat den Datum ubelaangt, iwwerloosse mer de

Promoteuren, wéini si hire Parking opmaache wëllen. De Bauhär an de Bedriewer musse sech mat där Fro beschäftegen. Mir hunn allerdéngs Informatiounen. Ech kann lech versécheren, dass dat net 2010 ass, mä dass eventuell d'Chrëschtgeschäft vun dësem Joer nach dovunner bénéficiéiere kann. Mä mir iwwerloossen deene responsabele Leit dat selwer.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Braz. Au vote

Conseillers présents:

Mme Becker – MM. Braz – Codello – Mme Hannen – Mme Hildgen – MM. Hinterscheid – Hoffmann – Huss – Jaerling – Knaff – Mme Mutsch – MM. Roller – Mme Spautz – MM. Tonnar – Weidig – Wohlfarth – Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité les règlements temporaires de la circulation routière.

22. Questions de personnel (création et suppression de poste, réduction et prolongation de stage,...); décision

Mir hunn dann nach zwou Personalfroen, déi mer net am Huis clos brauchen ze maachen. Dofir ginn ech dann dem Här Hinterscheid direkt d'Wuert.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Merci. Dat éischt ass eng Création an eng Suppression de poste am Service des Sports. Mer hunn do e Poste vun Employé communal, Carrière C, deen elo net besat ass. Mer wëllen en awer am Kontext vun internen Émbesetzungen tëschent de Servicier besetzen. Dat ass och an der Personalkommissioun diskutéiert ginn. Dofir brauche mer awer dann en Upgrading vun der Funktioun. Mer brauchen e redaktesch Posten, deen dann dee Moment zur Dispositioun steet. Well mer elo an der Séance publique sinn, kënne mer jo net mat de Nimm operéieren. Mä mer maachen en Upgrading vun engem Poste vun "Employé C" op Redakter. D'Leit an der Personalkommissioun kennen d'Detailer. A mir wëssen dann och ëm wat dass et do geet.

Den zweete Punkt ass eng Prolongation de stage an der Recette, vun der Madame

Wildanger. Hire Stage ass eriwwer. D'Formation spéciale huet awer nach net stattfonnt, sou dass mer do eng Prolongation de stage maache mussen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Kënne mer dat en bloc huelen? Dat ass de Fall.

Conseillers présents:

Mme Becker – MM. Braz - Codello –
Mme Hannen – Mme Hildgen – MM. Hinterscheid – Hoffmann – Jaerling – Knaff –
Mme Mutsch – MM. Roller – M Snel –
Mme Spautz – MM. Tonnar - Weidig –
Wohlfarth – Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité la création d'un poste au service des sports de la Ville.

Conseillers présents:

Mme Becker – MM. Braz - Codello –
Mme Hannen – Mme Hildgen – MM. Hinterscheid – Hoffmann – Jaerling – Knaff –
Mme Mutsch – MM. Roller – M Snel –
Mme Spautz – MM. Tonnar - Weidig –
Wohlfarth – Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité la prolongation de stage de Mme Laurence Wildanger..

Déi öffentlech Sitzung ass opgehuewen.
Huis clos

pourvu. Il est envisagé de faire un transfert interne, ce qui exige le changement de fonction du poste, qui passerait d'employé communal 'Carrière C' à 'rédacteur'. Les membres de la Commission de personnel connaissent le dossier. Deuxièmement, il y a lieu de prolonger le stage de Mme Wildanger, afin qu'elle puisse effectuer la formation spéciale.

Lydia Mutsch (LSAP) propose de voter ces propositions en bloc.

(Vote)

Ramassage de vieux vêtements!



par

***«Aide aux Enfants Handicapés
du Grand-Duché»***

le samedi 24 mars 2007

à partir de 08.00 heures du matin

Veillez poser vos sacs le matin de la collecte.

Ne les posez en aucun cas déjà le soir précédant la collecte!

Le collège échevinal

Lydia Mutsch



Bourgmestre

- Développement urbain et expansion économique
- Finances
- Sécurité publique
- Population non luxembourgeoise
- Relations internationales
- Coopération et tourisme
- Communications et relations avec le public

Pour fixer un rendez-vous

Tél.: (352) 54 73 83 - 230

Fax: 54 73 83 - 555

Félix Braz



Échevin

- Mobilité
- Réforme administrative
- Services Industriels (partie services)
- Energie
- Environnement
- Accessibilité pour personnes à mobilité réduite

Pour fixer un rendez-vous

Tél.: (352) 54 73 83 - 232

Fax: 54 73 83 - 666

Véra Spautz



Échevine

- Affaires sociales
- Structures d'accueil
- Egalité des Chances
- Jeunesse
- Logements sociaux

Pour fixer un rendez-vous

Tél.: (352) 54 73 83 - 231

Fax: 54 73 83 - 666

Henri Hinterscheid



Échevin

- Personnel
- Sports
- Travaux Municipaux
- Réseaux industriels
- Hygiène
- Espaces Verts

Pour fixer un rendez-vous

Tél.: (352) 54 73 83 - 234

Fax: 54 73 83 - 666

Jean Tonnar



Échevin

- Enseignement
- Culture
- Troisième Age
- Cultes
- Economie forestière

Pour fixer un rendez-vous

Tél.: (352) 54 73 83 - 233

Fax: 54 73 83 - 666

GRANDE CAVALCADE 2007



Dimanche, le 11 mars 2007

à partir de 14h30

Entrée: 5 €

www.esch-city.lu